

INFO °02 21 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 24. FEBRUAR 2021

Actualités
Contactez-nous
DIFFMAG
Emploi
Events
Photos
Reider
Revue de presse
Urbanisme
Villages
FR / EN / DE / PT



Differdange et vous
Démarches
Services communaux
Vie politique



Mars
13°

ATTENTION Coronavirus: Veuillez faire vos démarches administratives en ligne ou par téléphone. Déplacements à la commune UNIQUEMENT SUR RENDEZ-VOUS.
Fermer x

Conseil communal du 28 avril 2021

VILLAGE > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 28 AVRIL 2021

A
A+
Q

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)	Fred Bertinelli (LSAP)	Ali Ruckert (KPL)
Tom Ulveling (1er échevin, CSV)	Paulo De Sousa (déi gréng)	Christiane Saeul (DP)
Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)	Jerry Hartung (CSV)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Robert Mangen (échevin, CSV)	Pierre Hobscheit (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
Laura Pregno (échevine, déi gréng)	Georges Liesch (déi gréng)	Eric Weirich (déi Lénk)
Guy Altmeisch (LSAP)	Fränz Meisch (DP)	Nicole Wohl (déi gréng)
	Emy Müller (LSAP)	

L’AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT^{02 21}

COMPTE-RENDU DU 24 FÉVRIER 2021

4-45

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L’**INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 02/2021, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 24 FÉVRIER 2021

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Fränz Schwachtgen (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux :
 - a. Devis pour la réfection et le reprofilage des chemins sur les cimetières – article budgétaire 4/626/221313/17006;
 - b. Décomptes des travaux urgents de canalisation sous les voies CFL près du cimetière de Differdange – article budgétaire 4/520/222100/19056 – ainsi que la mise en place d’une chaudière à pellets de bois au campus scolaire Niederkorn – article budgétaire 4/910/222100/15007.
3. Actes et conventions :
 - a. Acte notarié de cession gratuite de trois parcelles d’une superficie totale de 18,83 a aux lieudits Auf Loushof et rue Nicolas-Kremer à Oberkorn;
 - b. Acte notariés portant sur trois conventions de concession de droits de superficie dans la rue des Artisans à Niederkorn;
 - c. Contrat de bail commercial avec l’AIS Kordall au 3, rue de la Chapelle à Differdange;
 - d. Contrat de bail pour un local commercial au 5, rue du Parc-Gerlache à Differdange;
 - e. Contrat de bail pour un local commercial situé dans l’immeuble connu sous le nom de Maison moderne sis 21, rue Adolphe-Kriepps et 30, avenue de la Liberté à Differdange.
 - f. Contrat de bail d’un appartement situé au 21, rue Adolphe-Kriepps à Differdange;
 - g. Contrat de bail d’un appartement situé au 1, rue du Parc-Gerlache à Differdange;

- h. Contrats de bail d’espaces de création au 1535° Creative Hub;
 - i. Convention pour la mise en oeuvre d’un remblai technique pour matériaux inertes Aleweier sur le territoire des communes de Differdange et Sanem.
4. Règlements communaux :
 - a. Augmentation du taux/pourcentage de l’allocation de solidarité communale par rapport à l’allocation de vie chère allouée par l’État;
 - b. Règlement des taxes, tarifs et prix. Adaptations au chapitre A-3 avec l’introduction d’une caution pour la mise à disposition d’une clé d’accès à un chemin réservé, au chapitre A-6 avec l’introduction d’une taxe pour perte/non-retour de matériel de gestion d’accès, au chapitre D-1 du tarif des repas sur roues, au chapitre F-3 de la taxe pour terrasses et abrogation du chapitre E-4 Sauvetage;
 - c. Attribution d’un subside extraordinaire COVID-19 aux associations culturelles et aux associations présentes aux trois grands événements annuels de 2020;
 - d. Règlements temporaires de circulation.
5. Dénomination de la rue menant au lotissement Op de breeden Dréischer à Differdange.
6. Résolution du Klimabündnis contre l’accord UE-MERCOSUR et pour la protection de la forêt amazonienne et de ses peuples autochtones.
7. Changements au sein des commissions consultatives.
8. Questions.

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance du 24 février 2021. Elle excuse monsieur Schwachtgen, qui a donné procuration à madame Wohl.

Elle demande au conseil communal de retirer le point 6, une autorisation d'ester en justice, de l'ordre du jour. En effet, la société Il Cavaliere est en état de faillite depuis le 15 février. Le collègue échevinal répondra aux questions à ce sujet dans la séance à huis clos.

Christiane Brassel-Rausch demande ensuite de retirer le point 3j de l'ordre du jour, car il reste un point à éclaircir concernant la convention avec les services pour jeunes.

FRANÇOIS MEISCH (DP) a deux questions.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond qu'elles seront traitées à la fin de la séance. Monsieur Altmeisch a aussi une question.

La bourgmestre passe aux communications concernant l'école. Les inscriptions en ligne ont commencé le 22 février. Cent-dix-neuf enfants sur trois-cent-trente se sont inscrits les deux premiers jours. Plusieurs personnes ont téléphoné parce qu'elles avaient du mal à s'inscrire en ligne. Les formulaires en ligne constituent une collaboration entre le service scolaire et le service média.

Pour ce qui est de la COVID-19, les écoles ont connu 113 cas du 15 septembre 2020 au 23 février 2021.

Soixante-dix-sept classes sont concernées par le scénario 1 — un cas isolé par classe — et vingt-cinq classes par le scénario 2 — deux cas positifs par classe.

Les élèves ont pu profiter de 58 laptops et 15 tablettes pour travailler depuis chez eux.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot vun haut, de 24. Februar 2021. Ech profitieren direkt am Ufank, fir den Här Frenz Schwachtgen ze entschëllegen, deen der Madamm Nicole Wohl d'Procuration ginn huet.

Ech froen Iech, fir ofzestëmmen, ob Der averstane sidd, de Punkt 6, Autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal erofzehuelen, well mer zënter e Freideg wësse vun der Curatrice, dass d'Société Il Cavaliere Sàrl zënter dem 15. Februar en état de faillite deklaréiert ass. Soudass sech den Ester en justice eriwwegt. Mir sinn natierlech gewëllt, Är Froen ze beäntweren, mee géifen dat an der Séance non-publique maachen, wann Der domadder averstane sidd. Kënne mer doriwwer ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unanimité de retirer le point portant sur l'autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal de l'ordre du jour.

Ech soen Iech villmools Merci.

Beim Punkt 3j, Convention services pour jeunes pour l'exercice 2021, bleift nach e Punkt ze klären an der Konvention. Ech géif Iech bidden, deen erofzehuelen, fir deen am nächste Gemengerot ze klären. Villmools merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité de retirer le point portant sur la convention service pour jeunes pour l'exercice 2021.

Dann hunn ech e relativ laangen Tablo u Kommunikatiounen.

(Ënnerbriechung)

Jo. Den Här Meisch an den Här Bertinelli. Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech wëll Froen umellen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Eng Fro. Déi huele mer dann zum Schluss.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Zwou Froen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Zwou Froen. An eng Fro vum Här Altmeisch.

Da maache mer dat wéi gewinnt um Schluss vun der Séance publique.

Wat d'Kommunikatiounen ugeet, wollt ech Iech soen, wat elo meng Ressorten direkt betrëfft, d'Schoul, dass mer zënter e Méindeg op enger neier Aventure sinn. D'Inscription en ligne fir de Precoce ass amgaangen. Déi huet den 22. ugefaangen. Ech kann Iech d'Zuele vu gëschter soen, vun 330 Kanner hu sech der an zwee Deeg 119 ageschriwwen. Dat ass praktesch 1/3. Et gëtt jo och eng Hëllef ugebueden. An et sinn eng Handvoll Leit, déi ugeruff hunn, well se Hëllef brauchen. Dat schénge relativ gutt ze klappen. Dat ass eng Zesummenaarbecht vum Schoulservice a Service médias.

Wat kann ech Iech soe vum Covid? Et hänkt engem bal zum Hals eraus. Vum 15. September 2020 bis den 23. Februar 2021 hate mer genau 113 Fäll, déi en Impakt op d'Schoul haten. Am Ganze waren et 119. Dat heescht, et waren der e puer an d'Vakanz gefall.

77 Klasse waren am Zenario I. An am nämmlechten Zäitraum 25 Klassen am Zenario II.

Zenario I ass: un cas isolé dans une classe. An den Zenario II ass: deux cas positifs dans une classe.

Fir den Homeschooling hate mer eng Locatioun vun 58 Laptoppen a 15 Ta-

1. Communications

blents, déi erausgaange sinn un d'Schüler.

Da kéime mer zu de Maisons relais. Do huet och e Méindeg d'Inscription en ligne ugefaangen. Dat schéngt och relativ gutt ze lafen. Dat ass eng ganz flott Zesummenaarbecht vun eisem Service médias mat eisem Service SEA, der Maison relais. Mat punktueller Ënnerstëtzung vum Andy Kayl, deen hei hannerun eis sëtzt, dee bei Schwieregkeeten oder wou et net gaangen ass, weidergeholfen huet.

An de Maison-relaise lafen d'Aschreiwungen. Fir de Cycle 1 hu mer säit e Méindeg 72 Aschreiwungen. Am Cycle zwee bis véier 114 Aschreiwungen. Dat ass de Stand vum 22. Februar.

Dir hutt vläicht scho bei eis d'Aktualitéite gesinn, dass d'Online-Aschreiwungen dëse Méindeg ugelaft sinn. Baséiert, wéi gesot, op där flotter Zesummenaarbecht vun e puer Servicier.

Nom Här Meisch senger Pressekonferenz vum 12.2. kann ee festhalen: Den Zenario I, dat ass eng Infektioun an enger Klass, heescht, déi aner Schüler aus der Klass ginn isoléiert. Eng Mise à l'écart vum Rescht vum Grupp. Des Weiteren ass et erëm recommandéiert, net an d'Maison relais ze kommen. D'Elteren hunn an dësem Fall weiderhin de Congé pour raisons familiales zegutt. Wann d'Kanner awer kommen, müssen d'Kanner aus der Maison relais vun deenen anere Kanner isoléiert ginn.

Zenario II: Dësen Zenario ass, wann zwou oder méi Infektiounen an enger Klass sinn. Am Normalfall geet d'ganz Klass an d'Quarantän. Allerdéngs kann de Comité de pilotage, de Copil, agräifen, fir aner Mesuren op eng gewëssen Zäit, dat heescht à durée déterminée, en fonction de la situation sur le terrain ze huelen. Hei kann et sinn, dass wéinst enger Infektiounsketten e ganze Cycle, en Deel vun engem Gebai oder souguer eng ganz Schoul kann zougemaach ginn.

Mir krute vum Educatiounsministère leschte Freideg, den 19. Februar, ugeruff, dass si eis gäre wélten a Kenntnis setzen an drop opmierksam maachen, dass den Zenario II fir Déifferdeng vum Comité de pilotage fir eis Schoulen a

Maison-relaise kéint an nächster Zäit genannt ginn.

D'Dispositions applicables fir d'SEAen: „L'accueil des enfants est assuré en groupe fixe en respectant la composition de la classe en dehors des heures de classe. L'accueil est assuré dans les locaux du SEA et/ou dans les salles de classes. Les contrats d'éducation et d'accueil sont maintenus“.

Fir eis op den Zenario II virzebereeden an déi Situatioun „Groupes fixes – Schoul a Maison relais“ duerchzespillen an ze plangen, goufen eis Responsable gebieden, d'Zuel vum Personal opzestellen, dass si fir déi eenzel Klassen nach weider Leit brauchen, an déi Stonnen ze benennen, wéi vill déi eenzel zousätzlech Leit den Dag solle schaffe kommen. Och fir d'Kiche gouf en Opuff gemaach, déi Situatioun duerchzespillen an ze plangen: Identesch Groupes fixes an der Schoul an an der Maison relais. Si sollen och a feste Gruppen iessen.

De Ministère huet eis drop opmierksam gemaach, dass mer déi aktuell Zäit sollen notzen, fir eis op esou eng Situatioun virzebereeden. Des Weiteren ass och, wann d'Situatioun sech stellt, wéi vum Comité de pilotage recommandéiert ass, d'Kanner, déi an der Klass zesumme sinn, och an der Maison relais beieeneenzehalen. Hei hu mir als Gemeng scho säit längerer Zäit déi Opdeelung vun zéng Kanner pro Grupp, wou scho gekuckt gouf, déi selwecht Kanner aus enger Klass ze regroupéieren. Dat heescht, mir lafen op deem Zenario scho relativ laang.

Do, wou nach eng Vermëschung vu Kanner ass, sinn aktuell Gruppen, wou net vill Kanner aus enger gemeinsamer Klass an der Maison relais sinn. Just fir Iech ze erklären: Et ka sinn, wann déi Situatioun elo kënnt, dass Der een Educateur fir ee Kand hutt.

Fir den Zenario II bleift allerdéngs nach den Accueil an d'Fermeture ze klären. Dat ass problematesch, well déi praktesch Ëmsetzung opgrond vum zousätzleche Personal net esou einfach ass.

D'Gemeng huet en Appell fir d'Remplacemeter lancéiert fir dee Besoin, deen duerch déi nei Opdeelung kéint entstoen. Hei hu sech eng 120 Leit ge-

L'inscription en ligne dans les maisons relais a commencé lundi. Là aussi, il s'agit d'une chouette collaboration entre le service médias et le service SEA avec le soutien ponctuel d'Andy Kayl en cas de pépin.

Au 22 février, 71 enfants ont été inscrits dans le cycle 1 et 114 dans le cycle 2.

Christiane Brassel-Rausch répète que les inscriptions en ligne ont commencé lundi.

Après la conférence de presse de monsieur Meisch le 12 février, il a été retenu que pour le scénario 1, tous les élèves de la classe seraient isolés. On recommande aux parents, qui peuvent profiter des congés pour raisons familiales, de ne pas envoyer ces enfants à la maison relais. Dans le cas contraire, ils seront isolés en maison relais.

Dans le scénario 2, toute la classe est mise en quarantaine à moins que le comité de pilotage ne décide de prendre d'autres mesures à durée déterminée. Le cas échéant, tout un bâtiment ou toute une école peuvent être fermés.

Le 19 février, le ministère de l'Éducation nationale a informé le collège échevinal que le comité de pilotage pourrait mettre en œuvre le scénario 2 à Differdange dans les écoles et maisons relais. Cela signifierait que l'accueil des enfants se ferait en groupes fixes respectant la composition de la classe en dehors des heures de classe. Pour se préparer à ce scénario, la commune a demandé aux responsables des maisons relais de dresser une liste du personnel dont ils auraient besoin. À la cantine, les enfants mangeraient aussi en groupes fixes.

Le comité de pilotage recommande de toute façon des groupes fixes. La Ville de Differdange a pris les devants en limitant les groupes à dix enfants d'une même classe. Là, où ce n'est pas possible, les groupes sont mixtes.

Mais théoriquement, on pourrait se retrouver dans une situation où un éducateur s'occuperait d'un enfant. Tous les points ne sont pas encore clairs, car la mise en place pratique d'un tel système nécessiterait plus de personnel. La commune a lancé un appel à candidatures pour trouver des remplaçants. Au 19 février, 120 personnes ont postulé. Tous les

1. Communications

dossiers ne sont pas encore complets et les candidats n'ont pas été contactés.

Le personnel des maisons relais peut se faire tester tous les mois.

Christiane Brassel-Rausch a mentionné le service média. Elle en profite pour expliquer que ce service gère le site internet. Celui-ci compte une moyenne de 1120 visites par jour. Cela représente dix fois plus de visites qu'il y a cinq ou six ans.

Le service média gère aussi les formulaires en ligne — notamment pour le service technique, Gravity et les inscriptions dans les maisons relais et le précoce. Differdange est la seule commune à gérer tous ses formulaires elle-même contrairement à Esch ou Luxembourg-ville, qui recourent à une entreprise externe. L'avantage est que tous les documents sont stockés sur les serveurs de la commune.

(Discussions)

La page Facebook de la commune compte 11 194 abonnés — 5000 de plus qu'Esch par exemple. Le tout a été bâti en trois ou quatre ans.

Le service média gère la Diff-App et ses report-its grâce auxquels les citoyens peuvent attirer l'attention de la commune sur des dysfonctionnements. En général, les gens reçoivent une réponse dans la journée.

Cinq-mille-trois-cent-cinquante-huit téléphones sont abonnés aux notifications push et peuvent donc recevoir un message en cas d'urgence.

La commune compte mettre ses publications en ligne sur la plateforme numérique issuu.

Le service média gère aussi les photos communales et assure la mise en page des publications comme l'Infoblat, le DIFFMAG, les affiches, les brochures... L'équipe rédige et corrige les textes en français, luxembourgeois, allemand et anglais et veille au respect de la charte graphique.

Elle soutient aussi d'autres services dans la réalisation de sites internet — par exemple pour l'école de musique, les Drummer Days ou le Steel-Run.

Christiane Brassel-Rausch mentionne enfin la campagne Different Together.

mellt, Stand den 19. Februar. Déi Dossiere sinn allerdéngs nach net all komplett, respektiv d'Leit sinn nach net all kontaktéiert ginn. D'Personal aus der Maison relais kritt all Mount eng Invitatioun, fir sech testen ze loosse.

Dat ass elo déi momentan Situatioun an de Schoulën.

Vu dass ech virdru vun eise Service médias geschwat hunn, wollt ech vun der Situatioun profitéieren, fir ze erklären, wat eise Service médias mécht. Véier Leit maachen eise Site Internet. Et besteet eng Moyenne vu Visite vum 1.120 pro Dag.

Dat sinn zéngmol méi Visite wéi viru fënnef oder sechs Joer. Si hunn och d'Online-Formulair virbereet. Et lafen ëmmer méi Inscriptiounen doriwwer. De Service technique kritt seng Demanden iwwer Online-Formularen eran. Dee ganze Gravity ass online geréiert gi vun eise Service médias. An deemnächst, wéi dat elei geschriwwen ass, wäerten dann och d'Online-Formulair vum der Maison relais an dem Precocé iwwert de Service médias lafen.

Mir denken, dass mer déi eenzeg Gemeng am Land sinn, déi dat Ganzt vu sech aus geréiert. Esch a Lëtzebuerg loosse dat extern maachen. Virdeel, datt et vun eis gemaach gëtt: Mir kënnen schnell reagéieren, wann eppes ass. An all Dokument ass op eise Servere gespäichert.

(Diskussiounen)

Mir hunn 11.194 Follower op Facebook. Dat sinn der, zum Beispill, 5.000 méi wéi Esch. Dat Ganzt innerhalb vum dräi bis véier Joer opgebaut!

Si geréieren d'Diff-App, de „Report-it“, wat Der sécher kennt, wann Der d'App erofgelueden hutt. Do kënnen d'Leit Saache mellen, déi net funktionéieren. D'Moyenne iwwert de Report-it pro Dag: Tendenz steigend. D'Leit kréie ganz schnell eng Äntwert. Wann et muss sinn, souguer nach deen nämmlechen Dag.

Dann hu mer, ganz wichteg, dat hu mer iwwerens eise Léierpersonal gesot wéi och eise educative Personal, dat sinn d'Push notifications. Dat heescht 5.358 Telefonsnummere sinn op Push

notifications abonéiert. Dir kënnt uklicken, fir kulturell oder einfach generell Informatiounen oder esou ze kréien. Wann eng Urgence ass, kréien alleguer déi Telefonen eng Informatioun. Et sinn der 1.479 fir d'Kultur. Et si 1.609 Eltere vu Kanner. Et si 1.479 Eltere vun de Kanner vu Lasauvage. An et sinn der 1.777 fir d'Zirkulatioun.

Mir plangen en Abo op der Issuu-Plattform ze huelen, fir eis Publikatiounen digital méi en valeur ze setzen. Do kann ee sech bei Ville de Differdange umellen. D'Publikatiounen sinn a Rubriken opgedeelt: Diffmag, Infoblat, Kultur oder Sport. Zäitschrëften a sou weider kann een dann iwwert den Internetsite oder eng App consultéieren.

De Service médias geréiert d'Fotoe vun der Gemeng. Si maache se zum Deel selwer, respektiv schaffe mat externe Fotografen. D'Fotoe ginn op all eise Serveren, no Joren, Mount an Event klasséiert.

Grafik: Mir maachen de Layout vun eisen eegene Publikatiounen. Infoblat, Diffmag, Layout vun Affichen, Broschüren, Flyeren, och fir aner Services, ënner anerem Korrektiounen, déi erakommen, fir einfach eng Kéier e Bléck driwwer ze geheien. Si verbesseren d'Texter vun de Services, vun de Maison-relaisen, op Franséisch, op Däitsch, op Lëtzebuergesch an op Englesch. Dat maache si alles.

Mir kontrolléieren och d'Grafik. Dat wäert och ëmmer méi kommen, well mer jo amgaange sinn, eng nei prezis Charte graphique opzestellen.

Internetsitten: Mir hëllefen anere Services beim Opbau vun den Internetsitten. Zum Beispill de Steel Run, den Internetsite vun der Museksschoul a vun den Drummer Days si vun eis gemaach ginn. Mir assuréieren och d'Maintenance an de Backup.

A wat se nach maachen: Diffmag, Informatiounsblat, Redaktioun, Iwwersetzungen, Videoen an esou Campagnen, déi Der héchstwahrscheinlech oder hoffentlech kennt: Different Together oder wéi et d'lescht Joer vill war, iwwert d'Decheten an den Offall hei an der Gemeng, fir d'Leit e bëssen drop opmierksam ze maachen, dass d'Pro-

1. Communications

prietéit eis all ugeet. An ech hoffen, dass mer en Echo do fonnt hunn.

Dann hunn ech eng aner Informatioun. De PRO-SUD mat der Fourrière fir de Süden hu mer net drop gesat. De Ministère hat eis matgedeelt: „... de vous informer qu'une solution intermédiaire ainsi qu'une solution à long terme ont été identifiées pour la fourrière administrative sud. Les deux solutions envisagées pour la fourrière administrative sont localisées aux alentours du rond-point Raemerech. Cependant, afin de pouvoir confirmer la mise en œuvre définitive des projets respectifs, les études habituelles qui encadrent ce type de projets sont encore à mener.“ Dat heescht, dee Problem vun der Fourrière huet sech zum Deel geléist.

Ech mengen, ech wier elo fäerdeg mat menge Kommunikatiounen a géif d'Wuert weiderginn u meng Kollegen aus dem Schäfferot. Den Här Mangen, wannechgelift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Bekanntlech huet déi zweet Impfphas géint Covid-19 ugefaange fir d'Awunner iwwer 75 Joer an d'Personnes vulnérables. Wa méiglech sollen d'Leit op hir Familljen, Fleegecéngschter, Adapto an Assurance dépendance zréckgräifen, fir si an den Impfbüchle ze féieren. Wann dat net sollt méiglech sinn, hu mir als Gemeng een Transport mam Dinola organiséiert, fir op Belval ze fueren.

Op ons Nofro am Ministère ass et leider net méiglech, als Gemeng ee Couloir oder eng Plage am Impfbüchle ze kréien. Mir hunn awer mat der Helpline Covid ausgemaach, datt d'Leit sech solle bei ons am Service Senior umellen. Mir huelen dann d'Rendez-vousen entgéint, fir si mam Dinola an den Impfbüchle op Belval ze bréngen. Op dës Aart a Weis kenne mir fénnef bis sechs Leit an enger Kéier féieren. D'Impfen dauert am Schnëtt 40 Minutten. Während dëser Zäit firt de Bus erëm zréck op Déifferdeng Leit sichen a bréngt, wann en erëm um Belval ukomm ass, déi Leit, déi geimpft sinn, erëm zréck op Déifferdeng.

Mir schloe méindes, mëttwochs a freides eng Faart vir an den Impfbüchle. Dat zwëschen 8 a 14 Auer. Dëschdes, donneschdes a samschdes kënnen d'Déifferdenger op den Dinola zréckgräife wéi normal, an dat vun 9 bis 18 Auer.

Mir versichen, dat elo mol anzeféieren. Kucken, ob dat funktionéiert. Wann Upassung misste gemaach ginn, wäerte mer dat maachen. Datt d'Leit net ze vill müssen am Impfbüchle waarden. Mee do wësse mer elo nach net, wéi dat richteg ofleeft.

All d'Informatiounen ginn am Magazin, op Internet a Facebook publizéiert. Soudatt d'Leit ëmmer informéiert sinn, wéi et ofleeft. Dës Offer ass gratis a se bleift natierlech bestoen, bis hoffentlech all d'Leit sech impfe gelooss hunn.

Ech wëll um Schluss en Opruff maachen u jiddereen, ob dat elo déi eeler Populatioun ass oder déi aner, soubal et méiglech ass, sech impfen ze loossen, datt se dat op jidde Fall maache sollen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Mangen. Ech si frou, dass Der sot, dass et gratis ass. Well an enger Press stoung, zu Déifferdeng missten d'Leit zwee Euro bezuelen. Dat stëmmt net. Dat ass eng Informatioun, déi esou net stëmmt.

Merci fir Är Erklärungen.

Da komme mer zum Plan pluriannuel. Deen hutt Der virun Iech. An dësem Kontext wëll ech soen, dass de Schäfferot sech mat alle Fraktiounssprecher vun eisem Conseil hei getraff huet, fir iwwer d'finanziell Situatioun vun der Gemeng ze diskutéieren, wéi mer dës Joer virgi mat de Finanzen respektiv mat de Projeten.

Dofir wëll ech mech elo weider net bei deem virleefge PPF hei ophalen, well mer ausgemaach hunn, dass mer méi konkret Chiffere géifen ofwaarden, déi héchstwahrscheinlech Mëtt Mäerz wäerte kommen, souwuel vum Statec wéi vun enger Circulaire ministérielle. Wa mer déi hunn, kënnen mer méi konkret Aussoe maachen, wat d'Finanzen

Elle passe à la communication suivante. Le gouvernement a indiqué avoir trouvé à Raemerech une solution intermédiaire et une solution à long terme pour la fourrière administrative sud. Il reste à réaliser les études habituelles encadrant ce type de projets.

ROBERT MANGEN (CSV) rappelle que la deuxième phase de vaccination pour les plus de 75 ans a commencé. Ces personnes sont priées de recourir à leur famille ou aux services de soin pour se rendre au centre de vaccination. Pour ceux qui ne disposent pas d'une telle solution, la commune met en place un service de transport en Dinola.

Le ministère ne mettra pas de plage horaire à disposition de la commune. C'est pourquoi le service Senior Plus prendra rendez-vous pour les patients au centre de vaccination de Belval. Cinq ou six personnes peuvent être transportées en une fois. La vaccination durant quarante minutes, le chauffeur a le temps de revenir à Differdange chercher plus de patients.

Le transport au centre de vaccination est prévu les lundis, mercredis et vendredis entre 8 h et 14 h. Les autres jours, Dinola fonctionnera comme à l'accoutumée.

Robert Mangen se dit curieux de voir si cela fonctionnera. Le cas échéant, des adaptations seront faites.

Toutes les informations seront publiées sur internet, sur Facebook et dans le magazine. L'offre est gratuite et sera poursuivie aussi longtemps que nécessaire.

Robert Mangen en profite pour lancer un appel: les gens doivent se faire vacciner aussi vite que possible.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) est contente d'entendre que ce service est gratuit, car dans la presse, il était question de deux euros.

Les conseillers communaux disposent du plan de financement pluriannuel. Le collège échevinal a rencontré tous les porte-paroles pour en discuter. Christiane Brassel-Rausch reviendra sur ce point plus tard, lorsque la commune disposera de chiffres concrets. Elle re-

2a. Réfection des chemins des cinemtières

mercie les partis pour la chouette réunion.

Elle passe au point 2a, le reprofilage des chemins au cimetière.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il s'agit des sentiers du cimetière d'Oberkorn. Ils sont en piteux état et doivent être refaits. Ils se trouvent à la gauche de l'entrée principale, dans l'ancienne partie du cimetière.

Le macadam sera réparé là où il y a des trous. La commune va utiliser des pavés pour les inhumations en caveau, car les réparations sont plus faciles à réaliser que pour le macadam.

Le devis se monte à 190 000 €. La commune compte aussi demander un devis pour aménager des pavés partout. Mais Tom Ulveling craint que les couts soient bien plus élevés.

L'échevin distribue un plan qu'il a oublié de mettre dans le dossier des conseillers communaux.

Il demande au conseil communal d'approuver le devis.

FRED BERTINELLI (LSAP) salue ces travaux dans la continuité de ce qui a été fait au cours des dernières années. Il s'agit de rénover les cimetières. Les cimetières de Differdange et Niederkorn sont désormais bien plus beaux avec les nouvelles morgues.

Les socialistes soutiennent la rénovation du cimetière d'Oberkorn. Fred Bertinelli rappelle cependant que ce cimetière est souvent la scène d'actes de vandalisme. Ne pourrait-on pas y installer une caméra de surveillance fonctionnant après 22 h quand les portes sont fermées? Cela permettrait de renforcer la sécurité. Car lorsque des tombes sont cassées, cela coûte cher.

Pour le reste, le LSAP salue ces travaux.

CHRISTIANE SAEUL (DP) annonce que les démocrates approuveront le devis pour la réfection et le reprofilage des sentiers du cimetière d'Oberkorn.

ubelaangt. Ech soen Iech nodréiglech villmools Merci fir déi flott Versammlung zesummen.

Huet vläicht nach een eng Kommunikatioun? Da géif ech weidergoen op de Punkt 2a. Do geet et ëm en Devis vu Reprofilagen an de Kierfecht. An ech géif d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir schwätze vun de Weeër um Kierfecht zu Uewerkuer. Déi wëlle mer erneieren, well se an engem ganz schlechten Zoustand sinn. Et sinn déi Weeër, wann der zur Haaptier erakommt um lénksen Deel, also um alen Deel vum Kierfecht.

Dës Weeër sinn aktuell am Makadam an a kengem gudden Zoustand. Se weisen relativ vill Lächer op an och Setzunge wéinst den Ausgruewunge bei de Caveau-Begrieffnisser. Bei de Caveau-Begrieffnisser wëlle mer eng Sträif mat Pawee maachen, fir dass een dat méi einfach eraushuele kann, respektiv wann d'Begrieffnis eriwuer ass, erëm ka flécken. An et ass méi einfach, dat mat Pawee ze maache wéi mat Makadam.

De Käschtepunkt vun dësem Devis läit bei 190.000 Euro.

Mir kucken awer nach, hunn eis Leit eis gesot, wa mer d'Ausschreiwung maachen, fir e Präis ze froen, fir déi ganz Weeër mat Pawee ze maachen, respektiv fir kee Makadam ze maachen. A wa mer an där Präislag bleiwen, wéi mer virgesinn hunn, da géife mer éischer virgesinn, iwwerall Pawee ze maachen a kee Makadam. Mee mir fäerten, dass dat awer vläicht de Rame sprengt kéint.

Ech hunn och e Plang, dee leider vergiess ginn ass, Iech an den Dossier ze leeën, ech ginn en einfach ronderëm. Do gesitt Der, wat rout ugezeechent ass, dat sinn d'Weeër, déi sollen nei gemaach ginn. Ech ginn et einfach ronderëm.

Domat hätt ech alles gesot. An ech géif Iech bidden, déi Saach do ze stëmmen. Fir 190.000 Euro. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, schéine gudde Moien, d'LSAP begréisst déi Aarbechten, déi an der Kontinuitéit si vun deene leschte Joren, wou mer praktesch all eis Kierfechter renovéiert hunn an erëm a Stand gesat hunn. Et gesäit een zu Déifferdeng an zu Nidderkuer, wéi schéin dat elo do ass, och mat deenen neie Morguen. Elo ass et och de Fall zu Uewerkuer. Et ass och Zäit ginn. Dat ass néideg. D'LSAP begréisst dee Schrëtt, datt dee Kierfecht elo a Stand gesat gëtt.

Mir hätten eng Fro: Dee Kierfecht ass jo ab enger gewëssener Auerzäit zou. Wier et net méiglech gewiescht, intern, an deem Kierfecht, Sécherheetsmoossnamen zu huelen. Mir hu jo alleguerten héieren, datt do ganz vill Vandalismus ass, zemools op deem vun Uewerkuer. Datt een do eventuell bannen eng Kamera kéint ubréngen. Datt, wann d'Dier zou ass ab zéng Auer, wann et net méi ëffentlech ass, een do d'Sécherheet vläicht e bësse méi kéint garantéieren. Well d'Leit jo och ëmmer ganz, ganz vill gehäit sinn, wann esou deier Stécker wéi Griewer futti gemaach ginn. Duerfir d'Fro un de responsabele Schäffen, ob do eng Méiglechkeet géif bestoen.

Soss begréisst d'LSAP dat doten. Et ass an der Kontinuitéit vun deene leschte Joren, wou mer lues a lues alleguerten eis Kierfechter nei maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, den Här vun der Press, Suite vum Devis am Januar-Generot, d'Aarbechten um Uewerkue-

2b. Décompte de travaux urgents

rer Kierfecht. D'DP stëmmt och dëse weideren Devis zu de Refektiouns- an de Reprofilage-Aarbechte vun de Weeër um Uewerkuerer Kierfecht. An der Hoffnung, dass spéitstens fir Allerhellenge d'Normalitéit erëm do ass. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Madamm Saeul. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, da géife mer zum Vott kommen.

(Ënnerbriechung)

Pardon, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Bertinelli hat eng Fro gestallt, mat de Kameraen. Dir wësst, et ass e schwieregt Thema. Am Moment ass et nach net esou richteg gekläert. Am Prinzip huet keen eppes dogéint. Mee den aktuelle Cadre juridique erlaabt eis et net, dat elo de Moment opzeriichten. Mee mir wäerten awer mat eise Leit, déi e bëssen d'Surveillance maachen, wat jo och e bëssen ëmstridden ass elo zënter e puer Méint, kucken, dass mer en A op dee Kierfecht do halen. A mir kucken natierlech och, dass d'Diere matzäit zougespaart ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech denken, dass mer dann elo zum Vott kënnen kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

D'Madamm Saeul ass haut aus der Urn gezu ginn. Et ass, wéi schéin, wéi bei der Verlosung vun der WM.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la réfection et le reprofilage des chemins sur les cimetières.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Da komme mer zum Punkt 2b. Ech loosse den Här Ulveling erklären.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer, déi zwee Dekonte beieneen ze presentéieren. Ech mengen och, et dierft kee Problem sinn, fir se ofzestëmmen, well se leien allen zwee wäit ënnert deem, wat mer virgesinn haten.

Bei deem engen handelt et sech ëm d'Kanalisation, déi mer ënnert d'Schinne geluecht hu vun der CFL, beim Kierfecht zu Déifferdeng. Mir hate sengerzäit dervu profitéiert, wéi d'CFL d'Aarbechte gemaach huet, d'Urgence ze invoquéieren, fir déi Kanalisationsaarbechten ënnert de Schinnen zesumme mat hinnen ze maachen. Dat heescht, mir hate vun hiren Tariffer profitéiert an och dovunner profitéiert, dass dee Moment d'Glaiser gespaart waren. Soudass mer ganz schnell virukomm sinn. Dat huet eis erméiglecht, dass mer am plaz 145.000 Euro nëmmen 83.797 Euro hu mussen ausginn. Dat ass en Erspuernis vun 61.000 Euro. Et ass ëmmer erfreesch, wann een esou Dekonte presentéiert, déi besser ausfalen, wéi virgesi war.

Dat anert ass Mise en place vun enger Chaudière à pellets zu Nidderkuer um Campus scolaire. Hei ware 470.000 Euro virgesinn. Den Total vun der Depense war 313.000 Euro. Also 157.000 Euro manner wéi virgesi war. Wann ech de Subsid ofrechne vun 114.359 Euro, dee mer vum Staat kritt hunn, a fir dee mer och Merci soen, hu mer eng Depense nette vun 200.000 Euro. Dat ass praktesch d'Hallschent vun deem, wat mer virgesinn haten. Et ass ëmmer gutt, an Zäiten, wou d'Sue méi knapp sinn, wann een esou Dekonte virstelle kann.

Ech géif Iech bieden, déi matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Keng Wuertmeldung. Da komme mer zum Vott.

Elle espère que les choses seront revenues à la normale pour la Toussaint.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
propose de passer au vote.
(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) *revient sur la question des caméras de surveillance. Le collège échevinal n'est pas contraire à l'idée, mais le cadre juridique actuel ne permet pas d'en installer. Le collège échevinal va demander aux agents de sécurité de surveiller aussi les cimetières.*
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passe au point 2 b.

TOM ULVELING (CSV) *va présenter deux décomptes ensemble. Ils devraient être approuvés sans difficulté, car les montants sont largement inférieurs aux devis.*

Le premier décompte concerne les canalisations installées sous la voie ferrée près du cimetière de Differdange. Les travaux ont été effectués parallèlement aux travaux des CFL, ce qui a permis de réduire les coûts. Finalement, les frais se montent à 83 797 € au lieu de 145 000 €.

Pour ce qui est de la mise en place d'une chaudière à pellets sur le campus scolaire de Niederkorn, le devis s'élevait à 470 000 €. Mais finalement, la commune a dépensé 157 000 € de moins. Si en plus, on retranche le subsid de l'État, il ne reste que 200 000 € à la charge de la commune.

Tom Ulveling se réjouit de pouvoir présenter de tels décomptes en ces temps difficiles. Il demande au conseil communal de les approuver.
(Vote)

3. Actes et conventions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 3a. La commune reçoit 3 parcelles de 18,83 a des frères Lazzara au lieudit Auf Loushof et dans la rue Nicolas-Kremer.

ERNY MULLER (LSAP) explique que cette transaction est tout à fait normale.

Lorsqu'un lotissement est construit, une partie de la surface est cédée à la commune — par exemple pour y aménager une aire de jeux.

Dans ce cas-ci, l'aire de jeux se trouve sur une petite parcelle de deux ares. Malheureusement, elle est recouverte d'eau à cause du bassin de rétention. Les enfants ne peuvent pas y jouer. En plus, ce petit terrain n'est pas suffisant pour un quartier comme celui-ci.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

demandera aux services compétents de se rendre sur place. Elle ne s'y connaît pas suffisamment pour présenter une solution.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à l'établissement de trois sociétés dans la rue des Artisans. Le troisième acte notarié n'a pas encore été signé, mais ce sera fait sous peu. La bourgmestre annonce que les trois documents pourront être votés en bloc.

La commune cède un droit de superficie à ces trois sociétés. Le terrain en question appartient à l'État. La commune dispose d'un droit de superficie de cinquante ans depuis 2014.

Les concessions aux sociétés sont valables du 1^{er} janvier 2021 au 31 décembre 2050. La société Lux Magnet SA dispose d'une parcelle de 9,5 a. Elle doit verser une indemnité forfaitaire unique de 10 000 € par are à la signature du contrat. Cela représente 95 000 €.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux de la mise en place d'une chaudière à pellets de bois au campus scolaire de Niederkorn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux urgents de canalisation sous les voies CFL près du cimetière de Differdange.

Merci. Da komme mer zum Punkt 3a. Mir kréien dräi Parzelle vun 18,83 Ar vun de Gesëschter Lazzara aux lieux-dits „Auf Loushof“ a „Rue Nicolas Kremer“ zu Uewerkuer. Dir gesitt op de Pläng, et geet ëm d'Voirie publique, ëm Trottoiren an ëm eng Aire de jeux.

Vill méi hunn ech dozou net ze soen. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Gudde Moien. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Häre vum Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Vertrieeder vun der Press, et ass eng normal Geschichte dat hei. Et gëtt e Lotissement gemaach. Duerno ginn déi Fläche fir d'Viabiliséierung, dat heescht d'Stroossen, Trottoiren oder aner Plazen, zum Beispill wéi hei eng Spillplaz, erëm ofgetrueden un d'Gemeng.

Ech wollt bemierken, ech war mer déi Spillplaz ukucken. Et ass scho keng ganz grouss, et ass eng Parzell vu ronn zwee Ar. An déi Spillplaz steet gutt zur Hallschent, wann net souguer méi, voller Waasser. Well et an engems e Retentionsbaseng ass. An obwuel elo schonn d'Sonn déck eraus ass, ass nach ëmmer Waasser do, soudass d'Kanner net do spille kënnen. Eis Servicer kéinte sech dat emol eng Kéier ukucken. Et ass zwar versicht ginn, esou Spiller ze maachen, wou een iwwert d'Waasser spréngt, oder wat weess ech. Mee ech fannen, dass dee klengen Deel vun der Spillplaz, menger Meenung no net duergeet, fir esou ee Quartier, wéi en am Entstoen ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Mir soen Iech Merci fir den Hiweis. Ech denken, dass eis Servicer sech et op jiddwer Fall ukucke ginn. Ech kann Iech elo net soen, wat konkreet do ka gemaach ginn. Dofir sinn ech net Spezialist. Mee mir ginn et virun.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de cession gratuite de trois parcelles d'une superficie totale de 18,83 a aux lieudits Auf Loushof et rue Nicolas Kremer à Oberkorn.

Merci. Am Punkt 3b geet et ëm dräi verschidde Firmen an der Rue des Artisans. Mir haten esou Konventionne schonn, ech erklären et och nach eng Kéier am leschte Gemengerot. Et sinn zolidd Acte-notariéen. Dee Leschten, gesitt Der, ass e Projet, deen ass nach net ënnerschriwwen, dee kënn awer no. Sidd Der d'accord, ech froen, ier ech d'Erklärungen dozou ginn, fir déi dräi Akte mateneen ofzestëmme? Oder wëllt Der se eenzel ofstëmme? Zesummen. Okay. Da soen ech Iech villmools Merci.

Et geet, wéi schonn d'leschte Kéier gesot, ech widderhuele mech, ëm eng Konzessioun vun engem Droit de superficie, déi d'Gemeng mat deenen dräi Firme mécht. Den Terrain ass an der Rue des Artisans zu Nidderkuer, natierlech mat engem Droit de préemption, wa verkaf soll ginn. Den Terrain hu mir als Gemeng vum Staat, dee Proprietär vum Terrain ass, iwwer e Contrat de concession d'un droit de superficie vun 2014 kritt an en ass 50 Joer gëltig.

D'Konzessiounen, déi d'Gemeng mat deenen eenzelne Firme gemaach huet, ech soen der elo zwou, gi vum 1. Januar 2021 bis den 31. Dezember 2050. Dat sinn 30 Joer. Dat wär fir d'éischt d'Firma Lux Magnet SA. Déi huet eng Parzell vun 9,5 Ar. Si bezilt laut Kontrakt – deen ass jo fir all Firma d'selwecht –, eng Indemnité forfaitaire unique vun 10.000 Euro pro Ar. Dat gëtt e Mon-

3. Actes et conventions

tant vu 95.000 Euro. Mat enger Redevance annuelle vun 83,5 Euro pro Ar. Dat heescht 793,25 Euro.

Déi zweet Firma – leeft vum 1. Januar 2021 bis den 31. Dezember 2050 – ass DC Systèmes de sécurité SARL. Do geet et ëm 11 Ar. Si bezuelen der Gemeng eng Indemnité forfaitaire unique vun 111.000 Euro a bezuelen eng Redevance annuelle vun 926,85 Euro.

Deen drëtten Projet Société Mirotech, wat Der als Projet hutt, do geet et ëm 5,12 Ar. Déi bezuelen eng Indemnité forfaitaire vun 51.200 Euro mat enger Redevance annuelle vu 427,52 Euro. An dee Kontrakt leeft vum 1. Mäerz 2021 bis den 28. Februar 2051.

Dat sinn déi eenzel Firmaen. Déi Redevance annuelle kann natierlech ugepasst ginn un den Index am Laf vun de Joren. D'Sociétéiten hunn awer Obligationen: Si bauen op den Terrain dat Gebai, wat si brauchen, wat am Aklang mat eisem PAG muss sinn. A si selwer müssen aktiv um Terrain sinn an engagéiere sech ënner anerem och, wat net onwichtig ass, zéng Aarbechtsplazen ze schafen a se och ze behalen. An d'Stad Déifferdeng kritt all Joer eng Kopie vun hirem Bilan.

Ech wier frou, wa mer dat kéinten esou ofstëmmen. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'LSAP begreist d'Konventioun mat dësen dräi Entreprises, nodeem mer jo schonn an der leschter Sitzung verschidde Konventiounen heibannen hatten. Als Selektiounskrittäre kënnen mer den Text vum Kadergesetz vum Développement et diversification économique vum 27. Juli 1993 kucken. Do steet dran, wat fir Aktivitéiten dës Entreprise missten hunn. Et gëtt geschwat vun: „Les entreprises sont reconnues comme particulièrement aptes à contribuer au développement et à l'amélioration structurelle de l'économie“. Wat jo dann och, laut Konventioun, zum Choix vun dëse respektive Firme gefouert huet.

Ech mengen, mer hu gesinn – Dir hat et och selwer gesot, Madamm Buergermeeschter –, dass déi Firmen e Main-

tien dans l'emploi an och eng Création d'emploi an engem gewësse Mooss hunn. Mir wëlle jo hei e bësse méi kleng Firmen hunn. An awer géife mir mengen, dat wäre Firme mat Zukunftsperspektiven.

Ech wëilt ganz kuerz op hir Aktivitéiten agoen, Dir hutt dat anert schonn alles gesot. D'Entreprise Lux Magnet SA, dat ass eng Aktivitéit, déi ass an dësem Beräich no bei der Stolindustrie nach méi wäert. Am Handling vu Stolprodukten gëtt ganz vill mat Elektromagnéiter geschafft, a verschiddene Formen a verschiddene Gréissten. Dat selwecht gëllt fir permanent Magnéiter an esou weider. Et geet och ëm Détecteurs de métaux, alles am Beräich vum Elektromagnetismus. D'Aktivitéit ass am Fong déi vun der sougenannter „Ankerwicklei“, wéi dat fréier geheescht huet. Dat heescht, wou Motore gewéckelt ginn, mat Koffer, wou Spullen hiergestallt gi sinn. A wann déi assembléiert ginn an e Kierper, dann ass dat dee Lass-Magnéit.

Déi Gebaier alleguer hate mer an der Bautekommissioun. Déi sinn an der Rei. Déi si souguer relativ flott och fir dee Site. Dass dat, net nëmme vun der Architektur hier – ëmmerhin ass et e kommerziell-industrielle Site –, awer trotzdem eppes duerstellt.

Zéng Emploie gi kreéiert respektiv sinn do. Déi Firma kënn aus enger anerer Uertschaft op Déifferdeng a wëllt sech hei definitiv etablieren.

Et ass och e spezielle Kran an deem dote Gebai, well jo och musse Manutentionne gemaach ginn, a speziell Équipement de levage, fir déi méi schwéier Gefierer och kënnen opgehiewen. Ech fannen dat clever, well do duerch gëtt sech eng stabil oder deier stole Konstruktioun, wat am Fong eng Lafschinn wär fir Kraner, erspuert. Hei huet een en hydraulischen Engin, an et hieft ee se erop. Also dat ass eng ganz patent Léisung.

Déi zweet ass DC Systèmes SARL. Hir Aktivitéite leien am Beräich vun Alarmen, Coffre-fort, also alles, wat Ofséchere vun Accèsen an esou weider ubelaangt. Mir schwätze jo esou vill iwwert d'Sécherheet vun alle méigleche Saachen, eppes, wat wierklech der Zäit ugepasst ass. Si maachen natierlech och

La redevance annuelle est de 83,5 € par are, c'est-à-dire 793,25 €.

La deuxième société, DC Systèmes de sécurité SARL obtient 11 a. L'indemnité forfaitaire unique s'élève à 111 000 € et la redevance à 926,85 €.

La société Mirotech obtient quant à elle 5,12 ha. L'indemnité forfaitaire est de 51 200 € et la redevance de 427,50 €. Le contrat est valable du 1^{er} mars 2021 au 28 février 2051.

La redevance annuelle pourra être adaptée à l'indice. Les entreprises devront construire des bâtiments conformes au PAG. Elles s'engagent à être actives sur ce site et à créer dix emplois.

ERNY MULLER (LSAP) *salut la signature de ces nouvelles conventions. Les critères de sélection se basent sur la loi sur le développement et la diversification économique du 27 juillet 1993. Il y est notamment question d'entreprises reconnues comme aptes à contribuer au développement et à l'amélioration structurelle de l'économie.*

Comme l'a dit le bourgmestre, ces sociétés vont créer des emplois et les maintenir. La Ville de Differdange recherche de petites entreprises avec des perspectives.

En ce qui concerne l'activité de Lux Magnet SA, Erny Muller explique le rôle que jouent les aimants dans l'industrie de l'acier — que ce soient des électroaimants ou des aimants permanents. En fait, l'activité est ce que l'on appelait autrefois le bobinage d'induit.

Les bâtiments ont été évalués par la commission des bâtisses. Ils sont relativement chouettes pour un site industriel.

Lux Magnet SA va créer dix emplois. Elle vient d'une autre commune et veut s'établir définitivement à Differdange.

L'entreprise disposera d'un équipement de levage hydraulique particulier qu'Erny Muller trouve ingénieux.

DC Systèmes SARL est active dans le domaine des coffres-forts et des alarmes. Il s'agit d'une entreprise dans l'air du temps. Elle s'occupe aussi de l'installation de l'équipement. Elle conservera vingt emplois et en créera d'autres.

3. Actes et conventions

Mirotech s'occupe, quant à elle, de vidéosurveillance, de contrôle d'accès, de détection d'incendies... Erny Muller estime que Mirotech a décidé de s'établir au bon endroit, dans une commune construisant de nouveaux logements.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ne rentrera pas dans les détails comme monsieur Muller. Il salue la concession de ces droits de superficie. C'était la seule solution, les terrains appartenant à l'État.*

La bourgmestre a expliqué que financièrement, ces entreprises s'en sortaient bien. C'est une façon pour la Ville de Differdange de les soutenir à travers un prix raisonnable étant donné qu'elles ont décidé de s'établir dans la ville.

L'autre avantage est que les instances publiques restent propriétaires du terrain. À l'avenir, l'impact des terrains sur le développement communal va croître. C'est pourquoi il est essentiel pour la commune de ne pas vendre les terrains qu'elle possède. Elle doit les mettre à disposition sous une autre forme.

Le site se développe bien. La Ville de Differdange a pris les devants en matière de mobilité, la zone étant desservie par le Diffbus. Elle a aussi installé un système Vël'OK. Un parking est aussi prévu. Bref, la commune a fait ce qu'elle devait faire.

Les écologistes sont contents de l'arrivée de ces trois entreprises et attendent les autres avec impatience. Georges Liesch rappelle qu'il y a aussi des terrains en face des nouveaux ateliers communaux. Il en sera sans doute question prochainement.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que trois entreprises vont s'implanter dans la zone d'activités Haneboesch dans la rue des Artisans à hauteur de Soclair. La commune applique la convention étatique sur les zones commerciales et artisanales.*

Au fil des ans, la zone d'activité Haneboesch s'est développée en un beau succès. Elle est intéressante pour les clients grâce à des activités comme l'artisanat, l'automobile, le commerce, la production, etc.

d'Installatioun vun esou Saachen. 20 Aarbechtsplaze gi bei där Firma gehalen oder nach zousätzlech ausgebaut.

An d'Société Mirotech, hir Aktivitéite sinn am Elektroberäich, Videosurveillance, Contrôle accès, Détection incendies an esou weider. Bei der permanenter Wunnengsnout, wou mer nach ëmmer musse méi Wunnenge bauen, eng Firma, déi och op där richteger Plaz ass. Ech soen Iech Merci. Mir stëmmen dat op jidde Fall.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech ginn net an den Detail vun de Firmen. Den Här Muller huet dat ganz explizitt gemaach. Mir begrëissen absolutt, dass mer op de Wee gi vun Droits de superficies. Bon, an dësem Fall wär et jo och bal net aneschtlers méiglech, well den Terrain gehéiert jo dem Staat, dee mir jo selwer als Droit de superficie kréien.

Mee et weist, mat de finanziellen Eckdaten, déi Der eis elo genannt hutt, Madamm Buergermeeschtesch, dass déi finanziell Laascht fir déi Entreprises awer extreem kleng ass. Dat ass schonn eppes, wou mer den Entreprises entgéintkommen an am Fong direkt emol e gudder Pied-à-terre ginn, wou se sech hei zu Déifferdeng kënnen néierloossen zu engem wirklech rasonabele Präis an net riseg Onkäschten hunn.

Deen zweete grouss Virdeel dovunner ass, dass mir als Gemeng respektiv als Staat oder ëffentlech Hand ëmmer nach Proprietär si vun den Terrainen. Mir wëssen, dass d'Terrainen haut schonn, méi wéi jee, e wäertvollen Impakt hunn op d'Gestaltung vun enger Gemeng. An dat wäert an deenen nächste Joren a Joerzénge ganz sécher net aneschtlers ginn. Mer musse wirklech déi Terrainen, déi an der ëffentlecher Hand sinn, weider duerchzéien, dass mer d'Terrainen net verkafen, mee se ënnert dëser

Form oder änlecher Form zur Verfügung stellen. Fir dass eppes do geschitt.

Dee ganze Site entwéckelt sech wirklech gutt, mat deenen neien dräi Entreprises, déi elo dobäikommen. Et kommen nach e puer Elementer an deen Eck, wat wirklech dee Quartier, deen Eck, deen Zoning am Fong liewe léisst. Mir ware fréi un, fir och schonn déi richteg Ubannung vum Diffbus a vun eisem Vël'OK-System dohinnerzemaachen. Dat heescht, dat ass alles en place. E Parking war och scho geplangt. Ass awer am Moment nach e bëssen zrëckgesat. Mee ass jo nach net vum Dësch. Dat heescht, als Gemeng hu mer eis Hausaufgab gemaach, fir dat dohinnerzekeréien.

Eng gutt Saach. Mir si frou, fir déi dräi matzestëmmen a freeën eis och schonn op déi nächst. Et sinn der jo nach e puer an der Pipeline, déi nokommen. An och déi, déi vis-à-vis op déi Terraine kommen, vis-à-vis vun eisem neien Atelier, dee mer geplangt hunn, si jo och nach eng Partie Saache geplangt. Soudass mer eigentlech nach e puermol hei am Gemengerot wäerten op dëse Punkt zrëckkommen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dräi Betriber wëlle sech an nächster Zukunft nei implantéieren an der erweiderter Zone d'activité Haneboesch an der Rue des Artisans op der Héicht vun der Soclair, „Vor kurzen Hecken“. Bei all Handels- an Handwierkerzonen applizéiert an akzeptéiert d'Gemeng déi staatlech Konventioun, déi si ausschafft huet.

An elo? Mer kënnen soen, dës Zone d'activité Haneboesch huet sech während all de Joren, esou wéi et eigentlech virgesi war, zu engem erfollegräiche Projet entwéckelt. Interessant fir de Client, dee verschidden Aktivitéiten do virfënnt: Artisanat, Automobilservicer, Commerce, Entreprises oder Producturen.

3. Actes et conventions

D'DP begreißt dës dräi nei Betriber, a mir stëmmen natierlech de Projet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, vill Detailler an Informatiounen si scho gesot ginn. Ech wäert dat elo net méi widderhuelen. Mir kënnen eis deem just uschlëssen. Och mir als CSV sinn immens frou, datt mer dräi weider Betriber op Déifferdeng kréien, wou ënner anerem Aktivitéit an Aarbechtsplaze geschaf ginn. Dëst ass jo och esou an de Kontrakter virgesinn. Soudatt op d'mannst jee zéng Aarbechtsplazen an eemol souguer mindestens 20 Aarbechtsplazen hei entstinn.

Dat Ganzt ass ee wichtege Pilier fir eng lieweg, dynamesch an attraktiv Stad. Op jidde Fall wënsche mir hinnen, wéi all onse Commercen zu Déifferdeng, alles Guddes an datt se erfollegräich sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung méi dozou ass, komme mer zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir huele jo déi dräi Konventiounen mateneen an engem Vott?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés portant sur trois conventions de concession de droits de superficie avec DC Systèmes de sécurité SARL, Lux Magnet SA et Mirotech SARL dans la rue des Artisans à Niederkorn.

Merci. Am Punkt 3c geet et ëm e Contrat de bail commercial mat SIKOR fir de Besoin vun der AIS Kordall op 3, Rue de la Chapelle. Dat heescht, de SIKOR huet do en eegestännege Büro. Et ass e Bail op ee Joer mat tacite reconduction retroaktiv op de 15.6.2020. Et geet ëm 48 m² plus 40 m² Stockage. De Loyer annuel beleeft sech op 13.296 Euro, soit e Monatsloyer vun 1.108 Euro. Dee mer dann dem SIKOR verrechnen. Mir hu jo e véierte Poste bäikritt vum Ministère de la Famille. Dat heescht, dass mer gutt kënnen schaffe fir d'AIS Kordall.

Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kollegeinnen a Kollegen, et ass absolutt begreissenswäert, dass d'AIS Kordall sech hei zu Déifferdeng installéiert. Mir si jo do ganz aktiv involvéiert, fir iwwert dee Wee Leerstand ze bekämpfen an iwwert dee Wee Wunnraum ze schafe fir Leit, déi näischt um éischte Logementsmarché fannen.

Ech hu just eng kleng Umierkung, vläicht éischter administrativer Natur. Dir hutt elo grad gesot, de Kontrakt ass réckwierkend op Juni 2020 ënnerschriwwen ginn. An et ass eng Lafzäit vun engem Joer virgesinn. Dat heescht bis Juni 2021. An de Preavis, fir ze kënnegen, ass sechs Méint. Do froen ech mech, wisou de Kontrakt just op ee Joer ënnerschriwwen ginn ass. Well wann een e Preavis vu sechs Méint berechent, da misst een elo scho quasi kënnegen, wa se dëst Joer erëm wélten eraus. Dat ass just eng administrativ Fro. Mee de Fait, dass d'AIS Kordall sech hei installéiert, ass absolutt begreissenswäert. Merci.

Les démocrates approuveront ce projet.

JERRY HARTUNG (CSV) ne veut pas répéter tout ce qui a été dit. Les chrétiens sociaux se réjouissent de l'implantation de trois nouvelles entreprises à Differdange. Les contrats prévoient la création d'emplois — dix au minimum, parfois vingt.

Cette zone est un pilier important d'une ville vivante, dynamique et attractive.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat de bail commercial avec le Sikor pour les besoins de l'AIS Kordall dans la rue de la Chapelle. Le Sikor dispose désormais d'un bureau autonome. Le bail porte sur un an avec reconduction tacite à partir du 15 juin 2020. La surface se monte à 48 m² et 40 m² de stockage. Le loyer s'élève à 13 296 € par an, c'est-à-dire 1108 € par mois.

Le ministère de la Famille a octroyé un quatrième poste à la Ville de Differdange.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) soutient le fait que l'AIS Kordall s'établisse à Differdange, une ville très active dans ce projet. Il s'agit de trouver des habitations pour des personnes n'en trouvant pas sur le marché primaire.

Eric Weirich rappelle que le contrat a démarré en juin 2020. Il se poursuivra donc jusqu'en juin 2021. Le préavis est de six mois. Cela signifie que si le locataire voulait quitter les lieux, il devrait en informer la commune dès à présent.

3. Actes et conventions

FRED BERTINELLI (LSAP) *croit avoir compris que le contrat sera reconduit automatiquement tous les ans à moins qu'il ne soit résilié. Cela signifie qu'il ne porte pas seulement sur une année.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé à un contrat de bail au 5, rue du Parc-Gerlache. Il s'agit d'une sous-location entre la commune et la société El Beauty SARL. Le loyer se monte à 1000 € HTVA pour 96,6 m². Le contrat démarrera le 15 février 2021.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *se réjouit du fait que la commune parvienne à louer rapidement les locaux de commerce et les appartements privés dont elle dispose.*

Il est aussi important que les résidents puissent rester dans les immeubles acquis par la commune et poursuivre leur vie comme avant. Comme d'habitude, Guy Altmeisch critique le fait qu'un état des lieux n'ait pas été réalisé. Il ne s'agit pas d'un document pour punir quelqu'un, mais d'un aide-mémoire de l'état du commerce. C'est d'autant plus important quand la commune loue beaucoup de locaux. Après deux ou trois ans, il n'est plus possible d'évaluer l'état du bien. L'état des lieux protège à la fois la commune et le locataire. Il doit être rédigé systématiquement.

Actuellement, l'état des lieux est remplacé par une phrase stipulant que le locataire accepte l'état du local. Mais ce constat ne sert à rien si la commune doit effectuer d'importantes réparations cinq ans plus tard. Un état des lieux écrit permettrait d'éliminer les discussions et d'éventuelles procédures judiciaires plus tard. Ce serait une bonne chose pour toutes les parties.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wéi ech Iech verstanen hunn, Madamm Buergermeeschtesch, wat Der gesot hutt vun tacite Reconduction, dat heescht, wann net gekënnegt gëtt, dass de Kontrakt automatesch weiderleeft. A wann dat drasteet, ass et e Bail, deem iwwert déi Zäit ewechgeet, wou deem ënnerschiwwen ass. A wann tacite Reconduction drasteet, leeft deem, wann net vun där enger oder anerer Säit gekënnegt ass, automatesch weider.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Dann denken ech, kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec l' AIS Kordall au 3, rue de la Chapelle à Differdange.

Da komme mer zum Punkt 3d. Do geet et och ëm e Contrat de bail. Dës Kéier op 5, Rue Parc Gerlache. Dat ass den Eck fréier Apdikt Malané. Do geet et ëm eng Sous-Location tëschent der Gemeng an der Société El Beauty SARL. Et geet ëm 96,6 m². De Loyer beleeft sech op 1.000 Euro hors TVA an de Kontrakt leeft ab de 15. Februar 2021. De Loyer annuel ass 12.000 Euro hors TVA. Mir si frou, dass mer deem Eck erëm belieft hunn, wëll ech mat op de Wee ginn.

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, d'LSAP Déiferdeng begréisst et, dass déi Geschäftslokaler respektiv déi Privatwunnen – ech schwätzen och fir déi nächst Punkten, déi elo kommen, mat de Con-

trat-de-baile vun de Privathaiser respektiv de Wunnengen. Mir begrëssen et, dass et esou zügeg virugeet, an dass mer déi Lokaler erëm schnell besat kréien. Respektiv, dass déi Leit, déi an deene Wunnenge wunnen, wou d'Gemeng d'Gebailechkeeten opkaaft huet, do kënne wunne bleiwen an hiert normalt Liewen an enger normaler Communautéit viru begéinen. Dat begrësse mer selbstverständlech.

Dat eenzegt, wat ech kritiséieren – ech hunn dat schonn e puermol hei gesot –, beim Contrat de bail vergiesse mir einfach ëmmer erëm een Etat des lieux ze maachen. Dëst Dokument, dat soll elo net als e „Strofdokument“ ugesi ginn, mee dat ass eng Aide mémoire vum Zoustand vun de Wunnenge respektiv vum Zoustand vum Geschäftslokal.

Et ass besonnesch wichteg fir eng Gemeng, wann ee vill Locatiounen mécht. Et ass jo onméiglech, bei enger Lokatioun, déi während zwee, dräi Joer besat ass, e Locataire ze wiesselen an dann en Zoustand ze maache vun der Wunneng, wann de Locataire erausgeet. Mir müssen dat schrëftlech festhalen. Dat ass e Schutz fir d'Gemeng. An et ass an engems e Schutz fir de Locataire. Net, dass Revendicatioun komme säitens dem Locataire respektiv säitens dem Propriétaire, déi net gerechtfäerdigt sinn. Dat muss schrëftlech festgehalen ginn, fir dass mer eng Pièce à l'appui hunn, wou sech déi jeeweileg Parteien drop beruffe kënnen.

Dat zur Wichtegkeet vum Etat des lieux. Ech verstinn net – den Etat des lieux ersetze mer duerch ee Saz, dass de Locataire den Zoustand akzeptéiert. Mee och eng Akzeptanz vun engem Istzoustand ass näischt wäert, wann dee fënnf Joer dra wunnt a mer duerno vill Reparature musse maachen. D'Akzeptanz vun engem Istzoustand ass wuel valabel. Mee do misst schrëftlech festgesat ginn, wat deem Istzoustand ass. Et ass just e Saz, deem do steet. Mee dat ass keng Plus-value, fir wann de Mann oder d'Fra oder de Locataire eng Kéier d'Örtlechkeete verléisst. Et wier besser, méi kloer, manner Diskussiounen am Nachhinein a manner Procédures judiciaires, wa mer dat géife schrëftlech festhalen. Et wier fir all Säit besser. Ech soen Iech Merci.

3. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Mir huelen eis dat zu Härz. A mir kucken, dass ...

(Ënnerbriechung)

Gelift? Jo, mee et muss méi systematesch gemaach ginn. Et ass jo am Interêt vun deenen zwou Parteien. Merci op jiddwer Fall fir den Hiweis.

Ech hat nach vergiess ze soen, dass de Kontrakt op dräi Joer leeft. Just pour info.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Moien alleguer. Mir begréissen et natierlech och, dass sech eng Firma do installéiert, an dass erëm weider Aktivitéite wäerte sinn. Et ass allerdéngs esou, dass et eng ass, déi sech vergréissert huet, déi virdrun an der Rue Emile Mark war. Mat deem Geschéck gëtt natierlech do erëm ee Lokal fräi. A mir hoffen natierlech, dass mer och do ee wäerte fannen, dee sech do wäert installéieren. Déi gréng stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, an der Commission d'activité économique hate mer ënner anerem d'Demande vum El Beauty fir dës Lokaltéit analyséiert an als e potenzielle Kandidat zréckbehalen. 2018 hat dës Commerce seng Dieren zu Déifferdeng opgemaach an ass stänneg gewuess. 2019 hate se zwee Ugestallten. Mëttlerweile se fënnf Mataarbechter an ee Student.

D'Demande säitens der Clientèle ass do. Hir Offeren hu sech och stänneg erweidert. Nieft der Déngschtleeschung wéi dem Verkaf vun hire Produiten,

plange se zukünfteg selwer Workshoppe voir Formatiounen an hirem Commerce ofzehalen. Hir aktuell Lokaltéit ass deementspreechend ze kleng, soudatt si mussen ëmzéien.

Mir si frou, datt si mat dësem Bail hei zu Déifferdeng bleiwe kënnen an net an eng aner Gemeng mussen ëmzéien. Mir si frou, datt lo op der Plaz 5, Rue Parc Gerlache nees Liewen entsteet. Wat e Plus fir eise Commerce an eis Stad ass.

Ofschléissend wënsche mir och hinnen, wéi all anere Commercen, weider vill Erfolleg! Merci.

Zum Etat des lieux: Mir fannen et natierlech och gutt, datt de Schäfferot dat wäert méi systematesch ugoen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech géif just gär kuerz op dat reagéieren, wat den Här Hartung gesot huet. Virop begréissen ech och, dass eng Firma, déi sech hei zu Déifferdeng gegrënnt huet, sech esou schnell entwéckelt huet, an der Gemeng ka bleiwen, méi grouss Lokaltéite kritt. Dat ass natierlech genial.

Dir hutt elo geschwat vum Comité du développement économique oder der Kommissioun. Dem Dossier louch keen Avis bäi. Et wär natierlech genial, wann an enger Kommissioun doriwwer ofgestëmmt gouf an e positiven Avis virläit, wann dee kéint am Dossier dobäi leien. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir den Hiweis, Här Weirich. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

An der Kommissioun ass jo all Partei representéiert, an dee Rapport vum

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) a bien compris les doléances de monsieur Altmeisch.

(Interruption)

Elle admet qu'un état des lieux doit être réalisé systématiquement et que c'est dans l'intérêt de tout le monde.

Elle ajoute que le contrat porte sur trois ans.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) salue à son tour l'installation de l'entreprise en question. Elle constate cependant qu'elle ne fait que déménager de la rue Émile-Mark pour s'agrandir. Elle espère que la commune trouvera un repreneur pour ce local.

JERRY HARTUNG (CSV) précise que la commission d'activité économique a analysé la demande d'El Beauty et a retenu sa candidature. Ce commerce a ouvert en 2018 et a grandi sans cesse depuis. Il est passé de deux à cinq collaborateurs et un étudiant.

La demande est importante. L'offre s'est agrandie au fil du temps. En plus des services proposés et de la vente de produits, l'entreprise compte aussi organiser des ateliers à l'avenir. C'est pourquoi les locaux actuels sont trop petits.

Jerry Hartung est content que cette entreprise puisse rester à Differdange au 5, rue Parc-Gerlache. C'est un plus pour le commerce et la ville. Le conseiller communal leur souhaite bonne chance.

En ce qui concerne l'état des lieux, le collège échevinal ferait bien d'en dresser un systématiquement.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) souhaite revenir sur les propos de monsieur Hartung. Il salue tout d'abord le développement rapide de ce commerce fondé à Differdange. C'est génial.

Monsieur Hartung a parlé du comité de développement économique. Or le conseil communal n'a pas reçu d'avis. Ce serait bien d'ajouter de tels avis aux dossiers.

JERRY HARTUNG (CSV) répond que tous les partis sont représentés au sein du comité. Par ailleurs, le 17 décembre, l'avis a été envoyé à

3. Actes et conventions

tous les partis. Mais effectivement, il ne figure pas au dossier.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé au bail de la Maison moderne. La commune est propriétaire du bâtiment. La société Bonprix SARL louera 160 m² pour 2400 € par mois. Le contrat ne porte que sur un an, car le collègue échevinal veut se laisser une marge de manœuvre lorsqu'il aura décidé comment réaffecter le bâtiment.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *salue ce contrat d'un an. Le site est vraiment beau; il est important que la commune y réalise un projet. Nicole Wohl se dit convaincue que la commune saura proposer une solution au commerçant lorsqu'il devra quitter les lieux.*

CHRISTIANE SAEUL (DP) *va se concentrer sur le contrat de bail. Elle rappelle que la commune a racheté plusieurs locaux, qui n'étaient plus exploités ou qui étaient en vente.*

Les loyers sont abordables pour permettre aux artisans et commerçants de s'établir dans le centre-ville.

La Maison moderne est un bâtiment remarquable datant de 1928. Malheureusement, la façade commence à s'effriter. Christiane Saeul propose au collègue échevinal de réfléchir à une rénovation.

Elle précise par ailleurs que l'adresse correcte de la Maison moderne est le 30, avenue de la Liberté. L'appartement se situe, quant à lui, au 21, rue Adolphe-Krieps.

La commune réfléchit aussi à l'acquisition de deux grandes maisons. Mais il faut un concept pour rendre le centre-ville attractif. Celui-ci doit être prêt quand Gravity ouvrira. Christiane Saeul propose un concept privilégiant l'installation de gens créatifs dans ces maisons.
(Vote)

17. Dezember ass un all Partei gaang. Natierlech läit en elo hei net bái.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec El Beauty SARL pour un local commercial au 5, rue du parc de Gerlache à Differdange.

Villmools merci. Am Punkt 3e geet et och erëm ëm e Bail, et geet ëm déi sougenannte Maison moderne. De Bail commercial ass ëmgeschriwwen ginn op eis, well mir jo elo deen neie Proprietär sinn. Et geet ëm d'Firma Bonprix SARL an ëm eng Surface totale vun 160 m² fir e Präis vun 2.400 Euro pro Mount. Dee Kontrakt ass elo op ee Joer festgesat ginn, fir dass, wa mir bis d'Decisioun geholl hunn, wat mer mat deem ganze Gebai wëlle maachen, mer Spillraum hunn, fir och eppes kënnen ëmzesetzen. Dat ass déi eenzeg Erklärung fir dee Bail hei.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Moien. En huet jo mussen nei geschriwwen ginn. Mir begreifen, dass dat fir ee Joer ass. Mir freeën eis drop, dass mer en neie Projet dohinnerkréien, well et eng immens flott Plaz ass. An ech hoffen, dass mer dat och esou op d'Bee gestallt kréien. Dat heiten ass natierlech och néideg gewiescht, fir dass dat heite ka realiséiert ginn. An ech denken, dass d'Gemeng sech och engagéiert, fir de Fall, wou et dann esou wäit ass, dass dann och dee Commerçant, dee schonn do ass, och eng gutt Plaz wäert ugebuede kréien.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech géif mech op de Contrat de bail commercial konzentrieren. D'Gemeng Déifferdang huet schonn eng ganz Rei vu Geschäftshaiser hei am Zentrum opkaaft, wou soit keen Exploitant méi do war oder d'Haus am Verkaf war, fir se nei ze verlounen. Dës Mietkontrakter si mat engem bezuelbare Loyer ofgeschloss ginn, fir esou den Artisanat an de Commerce an der Stad oprechtzeerhalen.

Dorënner och déi sougenannte Maison moderne. E remarkabelt Gebai aus dem Joer 1928 am Zentrum. Leider bréckelt mat der Zäit d'Fassad vum Gebai. Mir géifen dem Schäfferot proposéieren, e puer Suen am Budget virzegesi fir eng Renovatioun. Merci.

Ech wëll awer nach bemierken: Déi richteg Adress vun der Maison moderne ass: 30, Avenue de la Liberté an d'Appartementer am Haus sinn 21, Rue Adolphe Krieps.

Am Gespréich sinn am Moment nach zwee verschidde grouss Haiser, déi opkaaft solle ginn. Mir brauchen onbedéngt e Konzept, dass den haitegen Zentrum vun Déifferdeng attraktiv bleift. Dës net ze spéit, fir scho fäerdeg do ze stoen, wa Projekte wéi de Gravity an esou och fäerdeg sinn.

Et wäerten, ouni elo Poleemik vu Schwaarzmolerei ze maachen – denken un eis Covidsituatioun, déi mer am Moment erliewen –, och nach Geschäftshaiser dobäikommen a proposéieren de Wee vun engem kreative Konzept, fir kreativ Leit an dës Haiser ze kréien. Ech soe Merci fir d'No-lauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Da géife mer zum Vott kommen.

3. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Bonprix SARL pour un local commercial situé dans l'immeuble connu sous le nom de Maison moderne sis 21, rue Adolphe Krieps/30, avenue de la Liberté à Differdange.

Villmoools merci. Am Punkt 3f geet ëm dat selwecht Haus. Et geet elo ëm een Appartement. Madamm Saeul, wéi Der sot, ass dat op 21, Rue Adolphe Krieps, wann ech Iech gutt nogelauschtert hunn. Dee gouf och ëmgeschriwwen. Et geet ëm 100 m² zu engem Präis vu 525 Euro hors TVA. De Kontrakt leeft vum 1. Januar 2021. A mir si Proprietär.

Et gëtt keng Wuertmeldung dozou, da komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un appartement situé au 21, rue Adolphe Krieps à Differdange avec les consorts Da Silva Oliveira — Loureiro De Assunção.

Villmoools merci. Am Punkt 3g geet et och ëm e Contract de bail vun engem Appartement, wat eist och elo ass, 1, Rue Parc Gerlache. Dat ass déi sougenannt Maison Guisch. Do geet et drëm, dass d'Locatairin, d'Madamm Nimax, eis e Loyer mensuel vu 650 Euro bezilt. Dee geet vun Année en année weider. D'Appartement ass um drëtten Stack vu plus ou moins 78 m². Et ass, fir en règle ze sinn.

Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un appartement situé au 1, rue du parc de Gerlache à Differdange avec madame Marie-Antoinette Nimax.

Villmoools merci. Da komme mer elo zum Punkt 3h. Do geet et ëm de 1535°.

Ech wëll Iech, wannechgelift, drop opmierksam maachen: Am éischte Kontrakt op der Säit 3 steet „le loyer mensuel s'élève à 6 euros“, an a Klammere steet „douze euros“. Dat ass e Feeler. Dee wäert geännert gi mat enger Paraff. Wann Der d'Präisser kuckt, am ganze Kontrakt, déi sinn definitiv op sechs Euro ausgerechent. Dat ass e Feeler, dee mer wäerte richtegstellen.

Wat hu mer do? Éischtens hu mer den Här Hector Durand de Gevigney, dat ass Motion Design. Et geet ëm 40 m² am Bâtiment C. Dee Kontrakt geet vum 1. Februar 2021 bis den 31. Februar 2022.

Wéi gesot, den Här bezilt sechs Euro de Meterkaree. Dat gëtt e Montant vun 240 Euro hors TVA. D'Charge individuelle: 68 Euro. Participation a Frais commun: 60 Euro TTC.

Kënne mer se zesummen huelen, déi dräi Kontrakter?

(Zoustëmmung)

Dat anert ass den Här Elvis Duarte de Oliveira. Do geet et ëm d'Sociétéit F.F.D. SARL, Beast Entertainment, ganz interessanten Numm! Den Här ass awer net nei am 1535°. E mécht Artist a Project Managment. Dat heescht, e probéiert d'Leit grouss ze maachen an deem Secteur.

Do geet et ëm 93,5 m² am Bâtiment A och zum Präis vu sechs Euro de Meterkaree. Mat engem Loyer vu 561 Euro hors TVA, mat Frais individuelles vun 158,95 Euro a Frais communs vun 140,25 Euro.

A, et sinn der nëmmen zwee. Et si just zwee Kontrakter, pardon. Ech hat geduecht, et wieren der dräi.

Da géif ech déi zwee Kontrakter elo zum Vott ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail d'espaces de création au 1535° Creative Hub avec FFD SARL Beast Entertainment et Hector Durand de Gevigney

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 3 f concernant l'appartement dans la même maison. L'adresse est le 21, rue Adolphe-Krieps. Il est question de 100 m² au prix de 525 € HTVA. Le contrat démarre le 1^{er} janvier 2021.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 3g, un contrat de bail pour un appartement au 1, rue Parc-Gerlache. Il s'agit de la maison Guisch. La locataire, madame Nimax, verse un loyer mensuel de 650 € pour 78 m². Le contrat est reconduit chaque année.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 3 h portant sur le 1535°. Le premier contrat indique un prix de 6 €, puis de 12 €. C'est une erreur. Le prix est de six euros le mètre carré.

Le premier contrat est conclu avec monsieur Hector Durand de Gevigney et son entreprise Motion Design. Il s'agit de quarante mètres carrés dans le bâtiment C. Le contrat porte du 1^{er} février 2021 au 28 février 2022. Le montant total s'élève à 240 € HTVA, 68 € pour les charges individuelles et 60 € TTC pour les frais communs.

Le deuxième contrat concerne monsieur Elvis Duarte De Oliveira et la société FFD SARL Beast Entertainment. Le nom est intéressant. L'entreprise s'occupe de la gestion d'artistes et de project management. La surface est de 93,5 m² pour un loyer de 561 € HTVA, 158,95 € de frais individuels et 140,25 € de frais communs.

(Vote)

3. Actes et conventions

Christiane Brassel-Rausch passe au point 3i, la convention sur les matériaux inertes à Aleweier avec la société Cloos SA et monsieur Tim Schlink.

La dernière fois, la bourgmestre avait expliqué que les négociations étaient en cours. Les conseillers communaux disposent du dossier complet. Les communes de Differdange et Sanem veulent être transparentes. Le collègue échevinal est convaincu que ce dossier ne pourra être maîtrisé qu'en collaboration avec ArcelorMittal.

Au cours des prochains jours, les deux communes octroieront un permis de construire à Cloos. Il y a urgence puisqu'il y va de la construction de l'Hôpital du Sud.

La convention règle non seulement les compensations financières, mais aussi des aspects comme la circulation, les horaires d'ouverture et les responsabilités.

Christiane Brassel-Rausch tient à souligner la bonne coopération avec la commune de Sanem.

L'accès au crassier est garanti par le rondpoint Gadderscheier. Madame Simone Asselborn-Bintz a dit à la commune que la bascule serait déplacée.

L'entrée du site Kronospan sera réorganisée. En effet, les embouteillages sont dus à la livraison de bois.

La convention porte uniquement sur le remblai technique Aleweier pour une durée de deux ans.

Une procédure EIE est en cours. Les communes doivent remettre leur avis. La décharge de gravats sera aménagée sur le remblai technique. Il en sera encore question pendant des années.

Le remblai technique Aleweier sera terrassé de manière à drainer l'eau de pluie sur des sites éloignés de la décharge historique et d'ArcelorMittal.

Le matériel du remblai technique doit remplir une série de critères mécaniques garantissant une surface imperméable. Il faudra donc préconiser la terre glaise sans trop de cailloux ou de béton.

Christiane Brassel-Rausch explique que lorsqu'on parle de gravats, le pourcentage de gravats est en fait relativement faible. Il y a surtout de

Da soen ech Iech villmools Merci. An da komme mer zum Punkt 3i. An do geet et ëm d'Convention pour matériaux inertes „Aleweier“ mat der Société Cloos SA, den Här Tim Schlink. Dat heescht, et geet ëm eng Konvention iwwer Déchets inertes.

Ech hat Iech d'leschte Kéier schonn d'Informatioun ginn, dass déi Verhandlung lafen. Dir hutt jo e relativ konsistenten Dossier. Et ass alles dran. Et ass weeder am Sënn vun der Suessemer Gemeng nach am Sënn vun der Déifferdenger Gemeng, fir hei eppes net transparent weiderzeginn. Wéi versprach, wollt ech Iech nach e puer weider Informatiounen zu deem Crassier Déifferdeng/Suessem ginn, wou mer elo stinn. An dass mer iwwerzeegt sinn, dass mer just zesummen, dat heescht ArcelorMittal mat der Gemeng, dese komplexen Dossier an den nächste Joren iergendwéi kënne verfollegen an an de Grëff kréien.

Et ass esou, dass elo an deenen nächsten Deeg, scho vläicht ganz geschwënn, d'Baugeneemegungen, säitens deenen zwou Gemengen, ausgestellt ginn an domadder d'Firma Cloos onbelaaschten Erdaushub, also Buedem, akzeptéiere kann. Vu d'Urgence, wäert héchstwarscheinlech direkt am Mäerz ugefaange ginn. Et geet ëm de Bau vum neie Südspidol.

D'Konvention, déi mir zesumme mat der Gemeng Suessem ausgeschafft hunn, reegelt ausser eiser finanzieller Kompensatioun – déi eropgesat ginn ass, wëll ech just soen – och divers Aspekter, déi eis wichteg sinn, wéi zum Beispill d'Verkëiersproblematik, d'Ëffnungszäiten an d'Responsabilitäten. Dat ass alles an der Konvention festgehalten an ënnerschrifwe gi vun deenen zwou Säiten.

Wat ech och nach wëll betounen, ass déi ausdrécklech gutt Zesummenaarbecht, wéi mer et bis elo ëmmer hatten, mat der Gemeng Suessem. Déi flott Kollaboratioun. Dat heescht, mir hunn alles zesumme gemaach.

Den Accès gëtt ausschliisslech iwwert de Rond-point Gadderscheier an iwwer hir Bascule geleet. Ech kann Iech awer versécheren, dass ech vun der Madamm Simone Asselborn-Bintz gesot kritt hunn, dass déi Bascule entweder

elo scho geréckelt ass, mee wa se nach net geréckelt ass, da gëtt se geréckelt.

D'Entrée vum Site Kronospan gëtt reorganiséiert. Dat ass dat, wat ech Iech elo gesot hunn. Am Moment sinn et d'Uliwwerunge vun Holz, déi verantwortlech si fir de Stau, dee mer alleguer kennen.

Dës Konvention hei gëllt just fir de Remblai technique Aleweier. Also eng Durée vun zwee Joer.

Dir wësst jo, dass eng sougenannten EIE-Prozedur leeft, wou d'Gemengen ëm hiren Avis gefrot gi sinn. Dat wäert dann déi nächst Etapp ginn, wou duerno op deem Remblai technique déi eigentlech Bauschuttdeponie hikënnt. Dat ass e Kapitel, un deem mer elo schonn dru schaffen. Well dese Projet wäert sech duerno iwwer Joren hinzéien.

Elo zréck zum Remblai technique Aleweier, deen esou terrasséiert a verfestegt gëtt, dass en duerch seng Inclinaison d'Reewaasser op Plazen hin drainéiert, fir d'Waasser vun der Déponie historique, an domadder der belaschter Zon vun der ArcelorMittal, ewechzehalen. Et ass also e Bauwierk, fir d'Ueweflächewaasser ze kontrolléieren.

D'Material, wat fir dese Remblai akzeptéiert gëtt, muss divers mechanesch Krittären erfëllen, fir dass et sech iwwerhaupt esou kompaktéiere léisst, dass et duerno en dichten Ënnergrond gëtt. Et gëtt also net Bauschutt, ma just leemhaltege Buedem akzeptéiert, ouni vill Steng oder Bëtongsdeeler. Well déi sech am Fong fir d'Festkompaktéieren net eegnen.

Et muss ee wëssen, dass wa vu Bauschutt geschwat gëtt, de Bauschutt-Undeel ganz geréng ass, ënner engem Prozent. Dat meescht ass Buedem vun Terrassementer. Dobäi benotze se de Bauschutt, deen ugeliwwert gëtt, virun allem, fir hir Weeër oder Pisten ze verfestegen.

Eng wichteg Info fir eis kënnt vun der Firma Cloos, an enger Reunioun vun der leschter Woch mat deenen zwou Gemengen, déi eis verséichert, dass d'Struktur vu 480 Meterkibb um natierlechen Terrain opläit. D'Pläng, déi

3. Actes et conventions

mir krute vun der Ëmweltverwaltung, sinn net ganz glécklech. Spéider kënn en Drainage drop. An duerno déi nei inert Deponie mat enger Dauer vun ongeféier zéng Joer.

Et gëtt alles gemaach, fir schiedlech Impakter op eis Ëmwelt ze minimiséieren. Mir schaffen all drun, an enger Ekipp, fir aus dësem Projet de Maximum fir eis Ëmwelt erauszéien an déi aktuell Situatioun ze verbesseren. Fakt ass, datt ouni dës Projeten, also de Remblai Aleweier an duerno d'Bauschuttdeponie op dësem Areal, guer näischt méi géif passéieren. Mir hunn hei déi eemoleg Chance, déi ganz Situatioun besser ze analyséieren ze loossen an domadder och ze verlaangen, datt divers onkloer Situatiounen opgekläert ginn an eventuell souguer behuewe kënnen ginn.

Déi Noutwendegkeet, do eng Bauschuttdeponie an der Urgence ze bauen, an den ekonomesche Volet fir de Bedreiwer an de Proprietär, ginn eis dann och d'Méiglechkeet, déi mer bis elo net haten, do Opklärung ze verlaangen.

Mir mierken ënner anerem – ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot –, wéi produktiv eng Zesummenaarbecht ka sinn. Och well déi nei Ekipp vun der ArcelorMittal sech ganz proaktiv weist a probéiert, Opklärungen an alle Projeten, sou wäit et geet, ze realiséieren. Och wat d'Ëmweltreklamatiounen ubelaangt. Dat hutt Der vläicht selwer matkritt, déi Leit, déi do wunnen, dass si sech mëttlerweil Méi ginn, d'Leit opzeklären. Si zécke souguer net, d'Bierger ze kontaktéieren a bei se heemzegeen, fir eng Léisung ze sichen. Wéi gesot, eng nei Astellung vu Säite vun der ArcelorMittal.

Mir haten divers Reuniounen mat hinne, de Wëlle schéngt wierklech do ze sinn. An ech mengen, et ass och deen eenzege Wee, wéi mer hei erauskommen.

Ausser der Firma Cloos ass och ArcelorMittal direkt vum Projet Remblai technique Aleweier an der Bauschuttdeponie betraff. Eemol als Proprietär vun den Terrainen an och, well si jo mat hirer Wierksdeponie wëlle virukommen. Dat ass e weidere Projet op dësem risegen Areal, deen eis iergendwann an noer Zukunft beschäftege

wäert. Do geet et ëm eng Industrie-Mülldeponie, fir hir By-Products no beim Wierk ze lagere, déi si wëllen dauerhaft geneemege loossen. Bis elo hu si just eng provisoresch Geneemegung.

Dës nei Deponie fir Industrieoffall soll den aktuellen Normen no ageriicht a geséichert ginn. Dës nei Opstellung soll an d'EIE afléissen am Kader vun engem ausgeräifte Projet. D'Gemenge begréisst eigentlech d'Initiativ vun enger net-provisorescher Léisung.

Dat alles weist, wéi komplex dësen Dossier ass an och weider wäert sinn. Hei si mer gutt beroden, hir Ufroen, ënner strenge Konditiounen a mat eise Fuerderungen, ze geneemegen, amplaz alles ze refuséieren an d'Situatioun esou ze beloossen, wéi se elo ass. Eréischt esou kënnen mer Perspektive verlaangen a matschwätzen, wat op dësem groussen Areal alles kéint a ka passéieren.

D'Iddi vun engem Gesamtkonzept, wéi mir et schonn zënter Jore fuerderen, amplaz vun Zoossistaktik, geet lues a lues an e Konsens iwwer. Verschmutzungen, déi sech do a Form vun Depo-nië befannen, beonrouegen eis all. Historesch Industrieoffall lagere aktuell ongeséichert op verschiddene Plazen um Site. Dorënner d'Lamesch-Deponie. Mir vertrieide weiderhin d'Positioun, dass dës Strukturen zu engem noen Zäitpunkt mat an e Sanéierungskonzept mussen opgeholl ginn.

Niewent ArcelorMittal an der Firma Cloos ass hei och de Wirtschaftsministerium matagebonnen, well hie Proprietär vun engem Deel vun den Terrainen ass. Et muss een och am A behalen, datt eis Firmen am Land, deemools, wou se all hir eegen Hausdeponien hatten, net an der Illegalitéit waren. Et gouf deemools net déi Ëmweltgesetzter, déi haut bestinn.

Mir mussen also grad, a besonnesch och am industrielle Minett, dës Problematik opschaffen. Ech denken, datt mer mat der aktueller Autorisatioun Aleweier an och mat den zukünftigen Deponien, déi zwou Gemengen, souwuel fir d'Industrie ma awer och wat déi aktuell Bauaktivitéiten an deen domadder verbundene Bauaushub ugeet, hire Soll erfëllt hunn. Well néierens gëtt esou vill gebaut wéi am Moment hei

la terre provenant de travaux de terrassement.

Dans une réunion la semaine dernière, Cloos a informé les communes que la structure de 480 000 m³ se trouverait sur un terrain naturel. Les plans de l'Administration de l'environnement ne sont pas réussis. La décharge pour déchets inertes aura une durée de vie de dix ans.

Tout sera fait pour minimiser l'impact sur l'environnement et améliorer la situation actuelle. Ce projet — la construction urgente d'une décharge couplée au volet économique — offre l'opportunité d'analyser la situation et de clarifier certains points. Christiane Brassel-Rausch souligne l'importance d'une collaboration proactive et insiste sur le fait que la nouvelle équipe d'ArcelorMittal se montre transparente. Elle rend même visite aux gens pour chercher des solutions. Le collège échevinal a rencontré ArcelorMittal plusieurs fois. La volonté de collaborer est là. De toute façon, c'est la seule façon de s'en sortir.

ArcelorMittal est directement concerné par le projet de remblai technique Aleweier, car l'entreprise est propriétaire des terrains et souhaite implanter définitivement une décharge industrielle pour ses sous-produits sur ce site. Il en sera question prochainement. Actuellement, ArcelorMittal dispose d'une autorisation provisoire. La nouvelle décharge industrielle répondra à toutes les normes actuelles. Les communes soutiennent l'initiative d'une solution définitive.

Christiane Brassel-Rausch souligne la complexité du dossier. Le conseil communal ferait bien d'approuver le projet au lieu de laisser le site dans son état actuel.

La commune demande un concept global. Actuellement, les déchets industriels ne sont pas sécurisés. Un assainissement sera nécessaire prochainement.

Le ministère de l'Économie est aussi propriétaire d'une partie des terrains. Christiane Brassel-Rausch rappelle qu'à l'époque, il n'y avait pas de lois environnementales et qu'il n'était pas exceptionnel pour une entreprise de disposer d'une propre décharge.

3. Actes et conventions

Ces questions concernent particulièrement les Terres rouges. Christiane Brassel-Rausch estime qu'avec l'autorisation pour Aleweier et avec les futures décharges, les deux communes ont rempli leur mission pour ce qui est de l'industrie et des déchets inertes.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) répète que ce dossier est complexe. Il commence par la décharge numéro 4, celle pour les déchets inertes. Ces déchets ne posent guère de problèmes. La décharge peut donc être agrandie.

La décharge numéro 5 en revanche pose problème. ArcelorMittal y dépose déjà des déchets sidérurgiques. Eric Weirich ne savait pas qu'ArcelorMittal disposait d'une autorisation provisoire. En lisant les rapports de l'Administration de l'environnement, il avait eu l'impression que la mise en conformité prenait du temps.

Tout le site se trouve en procédure EIE depuis 2017. Les différentes parties de cette étude ont été réalisées. Cette année, il s'agira de tirer les conclusions des mesures effectuées dans le cadre de l'étude.

Madame Brassel-Rausch a parlé d'un concept global. Pour Eric Weirich, ce concept n'existe toujours pas. L'étude sur l'impact environnemental n'est pas finie, mais la commune veut octroyer un permis partiel. Pour Eric Weirich, tout cela n'est pas très cohérent.

En ce qui concerne Aleweier, l'Administration de l'environnement joue un peu avec les mots. Car il s'agit d'une décharge, mais ils parlent de remblai technique. Des déchets inertes non problématiques y sont stockés.

Eric Weirich ne savait pas que cette décharge serait aménagée sur du terrain naturel.

En soi, c'est une bonne chose, mais il en fait une question de principe. Parler de remblai technique permet à l'Administration de l'environnement de simplifier les procédures. Or on va tout de même déverser un demi-million de mètres cubes de déchets sur la terre naturelle ou sur la décharge historique. Cela représente 5500 camions.

Eric Weirich répète que les études ne sont pas terminées. Il regrette la

am Süden. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech erlabe mer, e bësse méi laang auszehuelen, vu dass et, wéi Dir gesot hutt, en zimmlech komplexen Dossier ass an ech do e puer Saachen ze soen hunn.

Erlaabt mer unzefänke mat den Déchargen, ëm déi et geet. D'Nummer 4. Dir hutt jo alleguerten déi Pläng kritt, wou sech déi jeeweileg Dechargë befannen. D'Nummer 4 ass d'future Décharge fir Déchets inertes. Dat ass eigentlech absolutt onproblematesch, wat do soll getippt ginn. An och guer kee Problem, dass déi soll ausgebaut ginn. An da geet et awer och ëm d'Décharge Nummer 5. Dat ass d'future Décharge pour déchets sidérurgiques. Déi a béide Fäll vu Cloos SA exploitéiert solle ginn.

Do komme mer scho bei déi éischt Problematik, wat déi Décharge Nummer 5 betrëfft. Do ginn aktuell scho provisoiresch Déchets sidérurgiques vun der ArcelorMittal gelagert. Dir hutt elo grad gesot, datt do eng provisoiresch Geneemegung besteet. Dat ass eng nei Informatioun fir mech. Dat ass nämlech net aus dem Dossier ervirgaangen.

Et ass begréissenswäert, dass do op d'mannst eng provisoiresch Geneemegung steet. Well wann een d'Rapporte liest tëschent der Ëmweltverwaltung an all de Partie-prenanten, da schéngt et, wéi wann dat schonn iwwer ee Joer dauert fir déi Mise en conformité. Dat heescht, fir déi Situatioun ze regularisieren, dass d'ArcelorMittal elo schonn do Déchets sidérurgiques stockéiert.

D'Saach ass och, dass déi zwou Déchargen, d'Nummer 4 an d'Nummer 5 respektiv dee ganze Site säit Mëtt 2017 an der EIE-Prozedur sinn. Do sinn elo op haut, respektiv op Enn 2020, all déi eenzel Elementer an Etüden ofgeschloss, souwäit ech dat verstanen hunn. Dëst Joer gëtt evaluéiert, wat da genau de Fazit ass vun deene verschiddene Prouwen, déi do geholl goufen am Kader vun der EIE-Etüd.

An Dir hutt geschwat vun engem Gesamtkonzept fir dee ganze Site. Dat ass a mengen Aen hei net de Fall mat där Autorisation de construire, déi mer elo erausgi fir de Remblai Aleweier. Dat heescht, déi Ëmweltimpaktstudie ass net ofgeschloss. A mir ginn awer elo schonn eng Deelgeneemegung eraus, obwuel op där anerer Säit geschwat gëtt vun engem Gesamtkonzept, wat soll virleien. Wat och ganz kloer ervirgaangen ass an der Opposition formelle, déi mer als Gemeng 2017 gemaach hunn. Et ass fir mech net ganz koherent, dass elo awer en Deel autoriséiert gëtt, obwuel déi Ëmweltimpaktstudie net ofgeschloss ass an de facto awer kee Gesamtkonzept besteet.

Wat elo dee Remblai Aleweier ugeet, gëtt e bëssen op de Wierder geridden, zemoos wann een d'Rapporte vun der Ëmweltverwaltung liest. Et ass am Prinzip eng Décharge. Mee si nennen et Remblai technique, fir dat – ech erlabe mer dat ze soen – duerchdrécken ze kënnen. Déi Saachen, déi do stockéiert ginn, sinn absolutt onproblematesch. Wéi gesot Déchets inertes. An et ass och eng nei Informatioun, wat Der gesot hutt, dass dat op natierleche Buedem kënnt. Mäi Verständnis war, dass dat op bestoend Décharges historiques getippt sollt ginn.

Wann dat op natierleche Buedem soll kommen, dann ass dat manner problematesch. Mee et ass einfach eng Prinzipiesaach. Dass d'Ëmweltverwaltung dat als Remblai technique, als technesch Prozedur deklaréiert, fir, wéi soll ech soen, méi liicht Autorisationsweeër kënnen ze goen. An op där anerer Säit gëtt awer bal eng hallef Millioun Meterkibb Buedem dohi getippt. Op elo natierleche Buedem oder Décharge historique, dat ass, wéi gesot, fir mech net kloer, well déi Informatioun eréischt haut komm ass. Just fir dat ze veranschaulichen. Dat sinn awer 5.500 Camion voll Déchets inertes, déi awer elo dohi getippt ginn. An op där anerer Säit sinn nach net all d'Etüden ofgeschloss.

Ech fannen et och net ganz glécklech, wéi den Dossier an de Gemengerotssëtzung behandelt ginn ass. An der leschter Gemengerotssëtzung si mer déi éischte Kéier vum neie Moment gewuer ginn, dass elo eng Konventioun soll ausgestallt ginn. Dat war awer leider

3. Actes et conventions

just ënnert dem Punkt Informations au conseil communal. D'leschte Kéier hat Der versprochen, dass en Dossier nokéim. Deen ass nokomm. Dee war ganz komplett. An haut ass et um Ordre du jour. Mee dat ass a mengen Aen e bëssen onglécklech ofgelaf.

Dir hutt gesot, et ass e ganz komplexen Dossier. Dat stëmmt. Ech hunn e Strapp gebraucht, fir iwwerhaupt kloer ze gesinn, ëm wat et geet an deem ganzen Dossier. An déi ganz Komplexitéit ass reduzéiert op eng Konventioun vu knapp dräi Säiten, déi mam Exploitant ënnerschriwwen ginn ass, wou net schrecklech vill drasteet. Do gëtt, zum Beispill, net verweisen op bestoend Gesetze, déi déi Dechargé reglementéieren. An ech fannen dat e bësse schued, dass dee komplexen Dossier aboutéiert op eng Konventioun mam Exploitant, wou net immens vill drasteet.

Dat ass elo keng Kritik direkt un Iech als Schäfferot. Mir sinn, vum Gesetz hier, an der Obligatioun, fir déi Autorisatioun erauszeginn. Mir hätten zwar kéinten de Site einfach ëmklasséieren, fir derlaanscht ze kommen. Mee ech verstinn natierlech, dass dat ze spët ass, fir de Site nach ëmzeklasséieren, fir déi Autorisatioun net mussen erauszeginn.

Wéi gesot, meng Kritik riicht sech net géint de Schäfferot, mee einfach, dass, vu mengem Gefill hier, déi Etüd elo schonn dräi Joer leeft, dass deen Dossier e bësse verschlof gouf. An dass mer elo an enger gewësser Obligatioun sinn an Urgence sinn, fir dat hei duerchzedrécken, vu dass d'Bauaarbechte mam Südspidol ufänken.

Ech wëll awer och dobäi soen, ech hunn natierlech guer näischt dogéint, dass de Bauschutt vum Südspidol hei op der Deponie op den Déchargen deposéiert gëtt. An och allgemeng absolutt guer näischt dogéint, dass eng weider Décharge vun ArcelorMittal dohinnerkënnt, dass déi Décharge pour déchets inertes dohinnerkënnt. Well dee Site ass souwisou – ech erlabe mer dat ze soen – verschass. An do kann ee souwisou net méi schrecklech vill retten. Dat heescht, et mécht absolutt Sënn, dass dee Crassier Déifferdeng weider benotzt gëtt.

Mee ech hätt léiwer gehat, wa mer d'Konklusione vun der EIE ofgewart hätten, ier mer elo hei – och wann et just e klengen Deel ass a vläicht dann ënnert dem Stréch net ganz problematesch ass, wat dohinnerkënnt. An aus all deene Grënn, déi ech elo genannt hunn, wäert ech dat heiten net kënne matdroen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Effektiv, e quokelegen Dossier, e groussen Dossier, wéi et vum Här Weirich elo och ausgemoot ginn ass. Ech wëlt och ufänke mat den Donnéeën. Et kommen hei 480.000 Meterkibb natierleche Buedem, Terre inerte, mat manner wéi engem Prozent Bauschutt, deen dann och aus anere Saache jo nach ka bestoen, dohinner, während zwee Joer.

Ech fänke mol vläicht u mat deene positive Saachen an deem Dossier. An der Konventioun ass kloer wäert geluecht ginn op d'Ufaartsweeën. Dat heescht: Wéi kommen déi sëllege Camionen dohinner? Iwwer wéi eng Weeër? Do gouf et Ängschten, dass dat dann eventuell duerch d'Quartieren, duerch d'Dierfer kéint geschéien. Ech mengen, dass do d'Gemeng Suessem nach méi betraff gewiescht wär wéi mir. Mee ech fannen dat awer exzellent, dass dat och an der Konventioun festgehale gëtt.

Och d'Zäite si festgeluecht an der Konventioun, wéini hei däruf ugeliwwert ginn a wéini net. Dass och opgepasst gëtt op d'Spëtzenzäiten. Dass mer net nach méi Stau generéieren, wéi et de Moment ass.

Effektiv ass de Stau, wéi Dir et och gesot hutt, haaptsächlech duerch d'Holzliwwerung. Dat kann een ëmmer gesinn, wann een do steet. Et sinn effektiv vill Camione mat Holz, déi do an der Schlaang sti fir bei d'Kronospan. Do schéngt éischter de Schong ze drécken.

D'Kronospan misst mam Ministère de l'Économie eng Léisung fannen, fir dee

façon dont le dossier a été traité au sein du conseil communal. La dernière fois, le collège échevinal a informé le conseil communal du fait qu'une convention allait être signée. Il a également envoyé un dossier très complet. Aujourd'hui, ce point figure à l'ordre du jour. Mais le déroulement de la procédure est un peu malheureux.

Le dossier est effectivement complexe. La convention avec l'exploitant ne fait, quant à elle, que trois pages et n'est pas explicite. Elle ne renvoie pas aux lois régissant les décharges.

Le collège échevinal n'avait pas d'autre choix que d'octroyer l'autorisation. Il était trop tard pour procéder à un reclassement du terrain. Eric Weirich regrette simplement que ce dossier ait trainé en longueur et que désormais, il y ait urgence.

Il n'est pas contraire à la décision de déverser les gravats de l'Hôpital du Sud dans les décharges pour déchets inertes en question. De toute façon, ce site est pourri et il n'y a plus rien à en tirer. Autant continuer à utiliser le crassier de Differdange.

Cependant, il aurait mieux valu attendre les conclusions de l'EIE, même si les déchets inertes ne sont pas problématiques. C'est pourquoi Eric Weirich ne pourra pas approuver ce dossier.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

confirme à son tour la complexité de ce dossier. Il rappelle qu'il est question de 480 000 m³ de terre inerte contenant moins de 1 % de gravats.

Parmi les faits positifs figure le fait que la convention se montre claire concernant les accès. Elle définit les voies que devront emprunter les camions pour arriver à la décharge. La commune de Sanem craignait notamment que ces camions ne circulent à travers les quartiers et les localités. Il fallait que la convention fixe des règles.

La même chose est vraie pour les horaires de livraison, qui devront tenir compte des heures de pointe pour éviter les embouteillages. Actuellement, il y a déjà beaucoup de camions livrant du bois à Kronospan. Kronospan devrait chercher

3. Actes et conventions

une solution avec le ministère de l'Économie. En tout cas, ce n'est pas la décharge pour déchets inertes à poser problème.

Le remblai permettra de drainer l'eau de pluie à distance des terrains critiques. Il s'agit d'une amélioration de la situation actuelle, même si ce n'est rien d'énorme.

Le remblai technique sera installé sur le terrain naturel. Il était important de ne pas recouvrir le crassier, car on risquerait de ne plus pouvoir atteindre ce qui se trouve en dessous. Comme il s'agit de terrain naturel, il n'y a pas de substances toxiques.

Georges Liesch salue le partenariat avec la commune de Sanem. Ce type de collaboration démontre que l'on est mieux entendu si l'on s'y prend à plusieurs. Dans ce type de dossiers, une collaboration avec les communes voisines est toujours bénéfique pour les communes et leurs habitants.

Comme l'a dit monsieur Weirich, la Ville de Differdange avait approuvé une opposition formelle exigeant un concept global. Les écologistes soutiennent toujours cette requête. Cependant, la commune doit faire un choix. Elle peut continuer à dire non jusqu'à ce qu'un concept soit élaboré. Mais ce concept ne modifiera en rien ce qui sera déversé dans la décharge.

Le dossier reste complexe. Les conseillers communaux en connaissent l'historique. Pendant des décennies, on a déversé des déchets dans cette décharge. On ne sait même plus trop lesquels. Des découvertes sont faites en permanence. Pour Georges Liesch, il serait illusoire de penser qu'on pourra terminer un concept en six mois. Il comprend parfaitement qu'une EIE puisse prendre deux ans pour un dossier aussi complexe.

Si la Ville de Differdange décide de maintenir son opposition formelle, le terrain en question ne pourra pas être utilisé pendant ce temps. C'est pourquoi les écologistes pensent qu'il faut faire une exception et accepter qu'un certain volume de terre inerte non toxique soit déversé dans la décharge. Par ailleurs, la convention est bien écrite et définit clairement les horaires d'accès. Enfin, Georges Liesch souligne le fait

Problem ze léisen. Et ass net d'Bauschuttdeponie, déi de Problem ass.

Positiv ze erwänen ass, datt dee Remblai, deen hei gemaach gëtt, dozou féiert, dass zousätzlecht Reewaasser, wat erfökënt, eigentlech vun deene kritesche Massen, deene kriteschen Terrainen ewechgefouert gëtt. Dat heescht, et ass eng Iwwerleeung gemaach ginn, fir awer schonn eng éischt Verbesserung ze bréngen. Och wa se elo net risegrouss ass, ass et awer eng éischt Verbesserung.

Ganz positiv ass och, dass eeben dee Remblai technique hei op natierleche Buedem gesat gëtt. Vun Ufank u war et eis wichteg, dass mer an deem Crassier net mat Buedemmassen iergendeppes zoutippen, wou mer herno vläicht net méi drukéimen, falls dat problematesch wier. An dat ass an dësem Dossier elo net de Fall. Well mer et jo op natierleche Buedem setzen. Dat heescht, ënnen-drënner si keng bedenklech Stoffen. Domat ass emol eng Angscht, déi mer hatten, déi sech net manifestéiert.

Nach positiv ze erwänen ass déi Zesummenaarbecht, déi mer vun Ufank u mat der Gemeng Suessem hatten, an dat net nëmmen an dësem Dossier. Wat weist – an dat hutt Der och ënnerstrach, Madamm Buergermeeschtesch –, wann een un engem Strang zitt, dass een éischstens anert Gehéier fënn bei Firmae wéi Cloos an ArcelorMittal an och zesumme mam Ministère eng aner Sprooch ka schwätzen, wann een als zwou Gemenge genau an déi selwecht Richtung schwätzt an och an eng Richtung dréckt.

Ech mengen, dat sollte mer op jidde Fall aus dësem Dossier léieren, dass eng Zesummenaarbecht mat Nopeschgemengen iwwer esou problematesch Saachen ëmmer bénéfique ass fir d'Gemengen an domadder och fir d'Bierger aus deene Gemengen.

En negative Punkt gëtt et natierlech och. Den Här Weirich huet en och schonn ugekënnegt. Mir hatten eng Opposition formelle, hannert där mer jo ëmmer nach stinn. Do hate mer ganz kloer e Gesamtkonzept gefuerdert. An den Här Weirich huet dat och nach eng Kéier ënnerstrach. Mir stinn als Gréng och nach ëmmer do hannendrun, dass

mer dat Gesamtkonzept mussen hunn. A mir mussen dat kréien.

Da bleift natierlech de Choix, fir ze soen: Wat maache mer elo? Bleiwe mer elo, ech soen et elo e bëssen iwwerspëtzt, tockskäppeg a mir soen: Mir bleiwe bei eise Gesamtkonzept a mir bleiwe bei eise Neen. Bei eise ganz haarden Neen, bis dat Gesamtkonzept do ass. Wann een dann awer kuckt, wat elo effektiv hei getippt gëtt, da muss een awer éierlech soen, dass dat d'Gesamtkonzept net wäert a Fro stellen an net ofännere wäert. Et ass also en Agrëff, dee verrietbar ass fir eis. Och wa mer nach eng Kéier ënnersträchen, dass mer frou gewiescht wäeren, wann dat Gesamtkonzept do wär.

Et ass awer e quokelegen Dossier, e komplizéierten Dossier. Den Historique vum Dossier kennen ech zimmlech gutt. An ech mengen, et ass och illusoresch, fir ze mengen, dass eppes, wat iwwer Joerzéngten heihigetippt gouf, op verschiddene Plazen, wou et zum Deel keng Ënnerlage méi gëtt, wat dann iwwerhaupt do getippt ginn ass, wou zum Deel nei Saachen dauernd entdeckt ginn, dass eng EIE, déi grad déi Saache soll ënnersichen, eeben net a sechs Méint ka fäerdeg sinn a mat engem fäerdege Konzept ka kommen.

Ech fannen et dofir wierklech illusoresch ze mengen, dass e Gesamtkonzept a sou enger kuerzer Zäit kéint kommen. Dass eng EIE eeben e puer Joer brauch. Dat muss een, mengen ech, verstoen, wann ee sech d'Komplexitéit vun dësem Dossier ukuckt.

Dann ass een awer e bëssen an der Contrainte, dass een effektiv iwwert déi Joren dann – a wa mer bei eiser Opposition formelle bleiwen – näischt op deem Terrain ka maachen.

Mir mengen, dass mer an dësem Fall hei wierklech déi Ausnam kënnen zouloossen, duerch déi Saachen, déi Dir och genannt hutt. Nämlech, dass éischstens eng limitéiert Zuel vun Terre inerte, also Buedem, deen net belascht ass, heihinnerkënn. Mir mengen och, dass d'Konventioun gutt geschriwwen ass, dass d'Belaschtung fir eis Bierger, d'Ufuerzäiten an d'Ufaartsweeër kloer gereegelt sinn, dass mer dat kënnen vertrieeden. An zulescht mengen ech, kënnen mer et och vertrieeden, dass dës Terre in-

3. Actes et conventions

erte op natierleche Buedem kënnt an d'Waasser ewechgefouert gëtt. Wat dann dozou féiert, dass ee seet, hei kënnen mer eng Ausnam maachen.

Wëll awer nach betounen, dass dat heite kloer soll eng Ausnam bleiwen. Et ass op kee Fall ze verstoe wéi e Fräifaartsschäin. An dat, mengen ech, muss eng ArcelorMittal an och en Ëmweltministerium verstoen, dass dat hei elo kee Fräifaartsschäin wär, fir ze soen, elo ass et eemol gaang, da wäert et och an deenen nächste Joren nach zwee-, dräimol esou funktionéieren.

Mir wäerten ëmmer kritesch hannedru bleiwe bei dësem Dossier, well mer gärten hätten, dass mer wierklech op deem Buedem, den Här Weirich hat et e bësse méi krass ausgedréckt, deen da belaascht ass natierlech, an dee mer och ni méi wäerten an e Park vläicht ëmwandelen, do ginn ech Iech Recht, oder an e Wunnegebit – mee mir kënnen awer aus deem Terrain sou munches nach maachen. Mee mir mussen awer virun allem d'Nuisancen an d'Geforen, déi vläicht fir Drénkwaasser entstinn, déi musse mer jiddefalls an de Grëff kréien.

Dir sidd net drop agaangen, Madamm Buergermeeschtesch, ech fannen et awer wichteg, dat och ze erwänen: Dir hat jo en Avis juridique ugefrot, wéi ee sech als Gemeng sollt verhalten, wann een eng Opposition formelle gemaach huet an et kritt een op eemol esou een Dossier dohigeluecht. Wat mécht een dann als Buergermeeschter? Wat sinn d'Kompetenzen? Wat kann ee maachen? Wat muss ee maachen? Wéi muss ee sech behuelen?

An do geet jo ganz kloer ervir, an dat ass och op der Gemeng Suessem – ech hat gëschter nach an hir Gemengerotssëtzung gelauschtert – ugeschwat ginn, dass den Avis juridique op jidde Fall ganz kloer ass: De Buergermeeschter, vun deenen zwou Gemengen, huet hei absolutt kee Choix. Dat heescht, déi Baugeneemegung muss erausgoen. Wann déi Baugeneemegung net erausgeet, da mécht de Buergermeeschter sech perséinlech haftbar, well en e Feele mécht.

Dat heescht, mat engem Vott Nee, dee mir hei géifen am Gemengerot stëmmen, géife mer eigentlech déi zwee

Buergermeeschteren – well dat misste se jo dann och zu Suessem maachen – an d'Illegalitéit beweegen. An dat ass natierlech eppes, wat mir als Gréng op kee Fall wëllen. Weeder hei nach zu Suessem. Do hunn eis gréng Kollege genau dat selwecht gesot.

Mir si kritesch vis-à-vis vun dësem Dossier. Mir bleiwen et. Mir sinn awer iwwerzeugt, dass deen heite Punkt vertriebar ass. Mee mir kënnen awer och net op där anerer Säit zouloossen, dass mer e responsabele Buergermeeschter mat sengem Schäfferot an d'Illegalitéit dreiwien, andeem mer hei e Vote négatif huelen. De Buergermeeschter huet hei kee Spillraum a muss dës Baugeneemegung ënnerschreiwen.

Dat gesot, wäerte mer jiddefalls dofir stëmmen. Awer ëmmer aktiv engagéiert a kritesch dësen Dossier suivéieren, sou wéi Dir dat jo och maacht, a probéieren, positiv ze hëllefen.

A fir ofzeschléissen, kann ech Iech nëmme Recht ginn, wann Der sot, mir kënnen dëse kriteschen Dossier nëmme léisen, wann alleguerten d'Acteuren zesummeschaffen. Et huet guer kee Wäert, wann ee mam décken Hummer op deen een oder op deen anere schléit. Da komme mer kee Milimeter virun. Mir mussen hei zesummeschaffen. Och wann dat bedeit, dass d'Schrëtt, déi mer maachen, méi kleng sinn. Mee mir maache se weinstens alleguerten an déi selwecht Richtung.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Den Här Muller an dann den Här Ruckert. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Am Numm vun der LSAP huelen ech och zu dësem, wéi et heescht, komplexen Dossier – et ass schonn e puermol gesot ginn – Stellung. An zwar zu der Konventioun, déi mer haut virleien hunn, d'Décharge Aleweier, mee awer och zum ganzen Dossier. Ech huelen net ze wäit aus, mee ech wëll awer och eng Kéier op den Dossier agoen.

que la terre inerte sera déversée sur le sol naturel et que l'eau sera drainée ailleurs.

Toutefois, ce dossier doit constituer une exception. La commune ne donne pas carte blanche à Arcelor-Mittal ou au ministère de l'Environnement pour refaire la même chose dans deux ou trois ans.

Il est évident que ce terrain ne pourra jamais devenir un parc et on ne pourra jamais y construire un lotissement. Mais la commune pourra le réaffecter à l'avenir. En attendant, il s'agit de maîtriser les nuisances et les dangers occasionnés par la pollution de l'eau.

La bourgmestre a également demandé un avis juridique pour savoir comment se comporter face à un tel dossier alors que l'on a déposé une opposition formelle. Or cet avis juridique est clair. Les bourgmestres des deux communes n'ont absolument aucun choix. Ils doivent octroyer un permis de construire. Autrement, ils en seraient tenus juridiquement responsables. Si les conseils communaux n'approuvaient pas le dossier, les deux bourgmestres se retrouveraient en situation d'illégalité. Les écologistes ne veulent pas d'une telle situation — ni à Differdange ni à Sanem.

Georges Liesch se montre critique vis-à-vis du dossier. Mais il est convaincu qu'il est acceptable. Le conseil communal ne peut tout de même pas pousser le bourgmestre et ses échevins dans l'illégalité. Le bourgmestre n'a aucune marge de manœuvre. Les écologistes approuveront le dossier qu'ils continueront à suivre de manière critique.

La collaboration de tous les acteurs est nécessaire. Se disputer n'apportera pas une solution. Il vaut mieux que tout le monde fasse un petit pas, mais dans la même direction.

ERNY MULLER (LSAP) *souhaite prendre position quant à la convention et au dossier.*

3. Actes et conventions

Le 7 décembre 2017, les conseils communaux de Differdange et de Sanem ont approuvé à l'unanimité une opposition formelle contre le projet de la décharge Aleweier/ Cloos et ArcelorMittal. Cette opposition formelle s'explique par la multitude de décharges sur le crassier et le manque de transparence de ce qui y est déversé. Les conséquences sur la qualité de vie et la santé de la population ne sont pas claires.

Trois ans plus tard, une conséquence de l'opposition formelle est visible: le comité d'accompagnement a siégé pour la première fois le 10 février 2020. Y ont participé la ministre de l'Environnement et ses services, les communes de Sanem et Differdange, ArcelorMittal, l'entreprise Cloos, etc. Le rapport de cette réunion annonce la création d'un comité d'accompagnement pour garantir une meilleure transparence. Les participants s'engagent à travailler de manière constructive. Le comité se réunira une fois par trimestre. Des réunions ont eu lieu le 17 juin 2020 et le 25 novembre 2020. Le dossier avance donc assez rapidement.

Pour améliorer la transparence, les sept décharges ont été répertoriées sur un plan géographique. Erny Muller tient à les énumérer pour ceux qui ne les connaîtraient pas: la décharge historique, la décharge Pafewee, le remblai Gadderscheier — qui devrait devenir une zone d'activités — la future décharge pour déchets inertes de type B, la décharge pour déchets sidérurgiques, l'ancienne décharge Lamesch et le remblai Aleweier, sur lequel porte la convention d'aujourd'hui avec l'entreprise Cloos.

Il est question de 450 000 m³ de gravats — essentiellement de la terre provenant des travaux de fondation de l'Hôpital du Sud. Les camions passeront par Raemerech, la collectrice et le rondpoint Kronospan. Cela permettra de soulager Differdange.

Les livraisons auront lieu en dehors des heures de pointe jusqu'à 17 h en semaine et jusqu'à 15 h le samedi. Le remblai aura une durée de vie de deux ans.

Differdange et Sanem vont gagner cinquante centimes par tonne de

De 7. Dezember 2017 hat de Gemengerot vun Déifferdeng wéi och dee vu Suessem – mer begreifen ausdrécklech als LSAP déi Zesummenaarbecht – eng Opposition formelle géint de Projet „Décharge Aleweier / Cloos Arcelor-Mittal“, déi um Territoire vun deenen zwou Gemengen, Déifferdeng a Suessem, situéiert ass, unanime gestëmmt. D'Ursaach fir dës Opposition war sécherlech déi Multitude vu verschiddenen Deponien um Site Crassier an eng komplett Intransparenz, wat hei gelagert ass. Et hat ee sech och Gedanke gemaach gehat iwwer eventuell Konsequenze fir d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vun der Populatioun.

Wou si mir elo no ronn dräi Joer an dësem Dossier drun? Eng wichteg Initiativ, déi een als Konsequenz vun der Opposition vun deenen zwou Gemenge kann ugesinn ass déi vun engem Comité d'accompagnement, wou eng éischt Sitzung den 10. Februar 2020 war. Dës war héichrangeg besat mat der Ëmweltministesch an hire Servicer, der Gemeng Suessem an Déifferdeng, mat de Buergermeeschteren a Schäffen an ekologesche Servicer, der Arcelor-Mittal mat hire verschiddenen Direkteren, der Firma Cloos an esou weider.

Am Rapport heescht et, ënner anerem, ech zitieren: „Dans un souci de garantir une meilleure transparence quant aux activités futures sur le site du crassier Differdange, un comité d'accompagnement multipartites est mis en place“. A weider: „Les participants s'accordent de travailler de façon constructive au sein du comité. Le comité se réunit une fois par trimestre“.

Eng zweet Sitzung vum Comité de suivi Crassier Déifferdeng war dann de 17. Juni 2020, mat e bësse manner Prominenz, an eng drëtt de 25. November 2020. Et gesäit een also de Fortgang am Dossier. Et ass relativ zügelo.

Wat ass dann elo a punkto Transparenz an der Tëschenzäit geschitt? Mam Zil vun enger besserer Iwwersiicht sinn déi siwe verschidden Deponien opgeléist an an engem geografesche Plang duergestallt ginn. Et sinn, der Rei no – ech wëll se opzielen, dass och vläicht d'Leit dobausse matkréien, ëm wat et hei geet –, siwe verschidden Deponien.

Éischtens: d'Décharge historique, wat u sech déi kritescht ass. Ech kommen nach drop zrëck. Zweitens: D'Décharge Pafewee. Dann de Remblai Gadderscheier. Wat eng future Zone d'activité soll ginn. Dat kéint allerdéngs och mam Remblai Aleweier geschéien.

Véiertens: future décharge pour déchets inertes de type B. Dat ass schonn hei erwänt ginn, an ech kommen nach eng Kéier drop zrëck. Déi fënneft: Décharge pour déchets sidérurgiques. Déi sechst: déi ancienne Décharge Lamesch. Och eng, déi net ze vernoléisseg ass, well dat eng vun deenen eeleren Déchargen ass. An als siwent dann eng nei definiert Fläch, dat ass de Remblai Aleweier, ëm deen d'Konventioun mat der Firma Cloos vun haut handelt.

Et geet drëms, fir zirka 450.000 Kubikmeter sougenannte Bauschutt, awer an der Haaptsaach Buedem – dat ass schonn alles hei erkläert ginn – betreffend d'Fondatiounsaarbechte vum Südspidol heihinzebréngen. D'Camione komme mam Buedem vu Raemerech iwwer d'Collectrice Richtung Rondpoint Kronospan direkt op de Site Gadderscheier. Wat mer als grouse Virdeel ugesinn, wéinst dem direkte Wee an am mannste Belaaschtung op jidde Fall fir Déifferdeng, well et geet praktesch net duerch eis Gemeng.

D'Uliwwerung soll ausserhalb vun de Spëtzestonne sinn, bis 17 Auer owes. Och samschdes, mee nëmme bis 15 Auer. Sonndes a Feierdeeg geschitt näischt. Mir hunn och schonn héieren, dass dat Ganzt soll maximal zwee Joer daueren.

Déi zwou Gemengen: Déifferdeng a Suessem, verdéngen och e bëssen un dëser Operatioun. D'Madamm Buergermeeschter hat et gesot. Nämlech 50 Cents pro Tonn, déi ugeliwwert gëtt. Ronn 250.000 Tonne fir eis, mir kréie jo d'Hallschent. Wa mer vu 450.000 Kubikmeter schwätzen, da sinn et jo méi Tonnen. Ech kennen elo d'spezifesch Gewiicht net vun deem Produit. Mee et ass eppes ze verdéngen: zwëschen 200.000 an 300.000 Euro. Déi kënne mer dann enzwousch anescht vläicht investéieren. Och an d'Ëmwelt. Firwat net.

Et läit en Avis juridique am Dossier, wou draus ervirgeet, dass säitens dem

3. Actes et conventions

Ministère eng Autorisatioun virläit betreffend dësem sougenannte Remblai, wou d'Material soll getippt ginn. Dat heescht, et geet am Rapport ervir, et ass eng Autorisatioun do. Also kënne mer eis d'office net dergéint opposéieren. Mir kënnen natierlech préiwen, ob dat alles korrekt ass. An dat ass jo versicht ginn iwwert de Wee vum Dialog an iwwert de Wee, dass Preuvë solle kommen. Dass dat och fir dee Lieu, wou dat soll geschéie mat deem Remblai, de Fall ass.

Et war gesot gi vum Här Liesch, der Gemeng selwer ënnerläit d'Missioun, eng Baugeneemegung duerch de Buergermeeschter respektiv d'Buergermeeschtesch ze erdeelen. Mir haten den Dossier och an der Bautekommissioun a konnte keng Objektioun am Zesammenhang mam Bautereglement betreffend dësem Projet erkennen. Dat heescht, op esou e Projet hin hu mir keng extra Mesuren am Bautereglement.

Et muss een och soen, allgemeng gesäit et jo esou aus, dass dee Buedem benotzt gëtt, fir eng Dällt fir de Site opzefëllen. Also et besteet eng Dällt vu ronn zwee Fussballfelder grouss, wat d'Fläch ubelaangt. Fir déi opzefëllen. Fënnf bis 15 Meter kéimen do a Fro. Dat ergëtt dee Volume vu 480.000 Kubikmeter.

Vu Virdeel ass och, eng Sait stéisst en un d'Décharge historique. Awer nëmme ganz minimal un der Fläch, wou déi zwou Flächen uneneegrenzen. Et ass wichteg, dass d'Waasser an déi aner Richtung drainéiert gëtt an net a Richtung Décharge historique. Wat jo heimat gemaach gëtt.

D'LSAP stëmmt déi Konventioun mat der Firma Cloos betreffend dem Remblai Aleweier, duerch dat, wat elo gesot ginn ass betreffend deenen Avisen. An och, well mer net direkt e Problem gesinn, wou déi Deponie do entsteet. Ech ka mech och nach mat deem Term Remblai ufrënnen. Mee et ass en techneschen Term, fir net vun enger Deponie ze schwätzen.

Erlaabt mer awer nach e puer Bemierkungen, wat déi aner sechs Typpe vun Deponien um Crassier ubelaangt. Dat geet a Richtung vun där EIE-Prozedur respektiv -Etüd. Et ass ubruecht, dass nieft de Waasseranalysen, déi enorm

wichtig sinn an Opschloss ginn, awéi wäit d'Grondwaasser eventuell belaauscht wär, och en Dossier fir all Deponie-Typ géif virleien, wou opgeléicht ass, wat fir Stoffer hei gelagert sinn.

Souwäit bekannt, konnte mir an den Ënnerlage vum Comité de suivi esou chronologesch Virgäng erkennen. Also et gëtt probéiert, souwäit se nach bekannt sinn oder virleien, historesch gesinn, iwwert déi verschidden Datumen, also och an der Zäitachs, zrëckzeverfolgen, wat alles deponéiert ginn ass a wéi vill Quantitéiten. Dat konnte mer mol am Dossier gesinn.

Wann awer elo – an dat ass jo awer och de Fall heiansdo – fir esou en Dossier, fir d'Wichtigkeit vum Dossier keng Detailer méi novollzéibar sinn, da sollten aner Moyenen agesat ginn. Momentan geschitt dat iwwer Waasserprouwe vum Grondwaasser. Mee et kéint een awer och, zum Beispill, Probebohrunge maachen, fir dass mer wierklech eng komplett Kartei kréien: Wat ass wou gelagert? Wou sinn déi kritesch Stoffer?

Dëst gëllt zum Beispill speziell fir d'Déponie Lamesch Woiwer Bësch. Lamesch Woiwer Bësch ass eng kritesch Deponie, wou haut kee méi weess wat do läit. An déi ass 1950 a virdrun entstanen.

D'Ennzil muss sinn, e valabelt Sanéierungskonzept fir all d'Déponien ze erstellen. An dat gëtt jo versicht iwwert de Wee vu Scoping ze maachen. Dat heescht fir d'éischt erfaassen, wat ass do gelagert. An dann ze kucken, wat ass elo sënnvoll, fir dat ofzesécheren, respektiv ze sanéieren.

Kritesch bleift d'Déponie historique an d'Déponie, wéi ech gesot hunn, Lamesch Woiwer Bësch.

Och schéngt et ganz wichteg, dass d'Oflagerung vun de Klärschlamm aus der Nassentstaubung vum LDAC-Stolwierk vun Déifferdeng, dat vun 1972 bis 1994 a Betrib war, zrëckzeverfolgen. Dës Schlamm ware mat Schwéiermetaller héich belaauscht. Dat selwecht gëllt och fir déi haiteg Filterschlamm oder Stëbs aus der Entstaubung vum Elektrostolwierk. Dofir muss een haut och iwwert déi haiteg Situatioun

déchets. Erny Muller ne connaît pas le poids exact des produits, mais estime les gains à 200 000 € ou 300 000 €. Cet argent pourra être réinvesti dans un projet pour quoi pas écologique.

Le ministère a autorisé le projet du remblai. La Ville de Differdange ne peut donc plus s'y opposer. Tout ce qu'elle peut faire, c'est s'assurer que tout est en règle. Le dialogue entre les acteurs est essentiel dans ce contexte.

Monsieur Liesch a expliqué que la bourgmestre a le devoir d'octroyer un permis de construire. La commission des bâtisses a analysé le projet, qui semble conforme au règlement des bâtisses. Celui-ci ne prévoit pas de mesures spéciales pour de tels projets.

En tout, on déversera 480 000 m³ de terre sur une surface équivalente à 2 terrains de football.

Le remblai jouxte la décharge historique. Il est important que l'eau soit drainée dans la direction opposée.

Les socialistes approuveront la convention avec l'entreprise Cloos concernant le remblai Aleweier sur la base des avis disponibles et parce qu'ils ne constatent pas de problèmes. Erny Muller ajoute que « remblai » n'est qu'un terme technique pour ne pas dire « décharge ».

Le socialiste revient sur les six autres types de décharges. Parallèlement à une analyse de l'eau pour s'assurer que la nappe phréatique n'est pas polluée, il faudrait établir un dossier sur chaque décharge afin d'énumérer tout ce qui a été déversé. Le dossier semble montrer que le comité de suivi essaie de déterminer les quantités de chaque produit déversé, et ce, chronologiquement. Si cela n'est plus possible, il faut prendre d'autres mesures. En plus des analyses de l'eau, Erny Muller propose des forages pour déterminer où se trouve quoi. Pour lui, la décharge Lamesch est particulièrement importante dans ce contexte. Elle a été créée en 1950 et aujourd'hui, plus personne ne sait ce qui a été déposé.

L'objectif final doit être un concept d'assainissement de toutes les décharges. Mais d'abord, dresser un état des lieux est essentiel.

3. Actes et conventions

Erny Muller souligne aussi l'importance de retracer le stockage des boues d'épuration provenant de l'assainissement particulière par dépoussiéreur à voie humide de l'aciérie LD de Differdange. Ces boues contenaient des métaux lourds. La même chose est vraie des poussières de l'aciérie électrique.

Les poussières occasionnées par la manipulation des scories sont celles qui gênent le plus les habitants, car elles atteignent des quartiers comme la cité Henry-Grey. Le dossier prévoit des mesures préventives.

Le dossier traite surtout des déchets toxiques dans le crassier. Mais aujourd'hui, la production de l'acier se fait à l'aide de la ferraille recyclée. Il faut se demander quel rôle l'économie circulaire peut jouer dans l'industrie de l'acier en 2021. Il faut essayer de ne déverser dans la décharge que des produits issus d'un triage. La société Cloos est experte dans le recyclage des restes sidérurgiques.

Les choses avancent doucement, mais le dossier du crassier prend forme petit à petit. Erny Muller espère qu'aucun des partenaires ne lâchera le morceau.

ALI RUCKERT (KPL) trouve que le dossier présente le remblai technique Aleweier de manière avantageuse. Il y est aussi question de dialogue. Mais pourquoi ce dialogue est-il nécessaire alors qu'il ne s'agit que de «travaux de remblayage»? En fait, cette terminologie ne sert qu'à esquiver certaines lois et s'assurer que les communes n'aient absolument rien à dire dans ce dossier. Seul le gouvernement doit pouvoir prendre les décisions. D'ailleurs, on ne fait pas que parler de remblai technique, mais aussi de modification non substantielle. C'est ce qui permet au gouvernement de prendre les décisions seul. Les deux bourgmestres sont alors obligés d'octroyer un permis de construire. Voilà ce qu'on appelle «dialogue». Ali Ruckert voit les choses différemment.

Les communes sont placées devant un fait accompli. La convention ne sert qu'à limiter les dégâts et à signer un accord pour trente deniers.

schwätzen. Ech kommen nach drop zrëck.

Wat d'Loftbelaaschtung, dat heescht de Stëbs duerch d'Manipulatione vu Schlak, zum Beispill, an esou weider ubelaangt, ech mengen, dat ass dat, wat d'Leit direkt gesinn hunn a belaaht hunn, well déi Loft jo virugedriwwen ginn ass bis an hir Quartieren. Haapt-sächlech an der Cité Henry Grey an an deene Quartieren. Déi do ganz vill emmerdéiert ware mat deem Stëbs. Am Dossier si preventiv Moosnamen opgelëscht, déi och virgeschriwwen ginn, fir dass dat net méi virkënnt.

Ofschléissend wëll ech eng perséinlech Schlussbemierkung maachen. Am Dossier Crassier gëtt sech an der Haapt-saach mat sougenannten „Altlasten“ beschäftigt, wat d'Deponie vu verschiddene Materialie respektiv Stoffen ubelaangt. Haut, am Joer 2021, wou d'Stolproduktioun op Basis vu recyceléiertem Schrott geschitt, ass d'Fro berechtigt, wat fir eng Roll d'Kreeslaf-wirtschaft, déi bekannten Économie circulaire, an der haiteger Stolindustrie spillt.

Bei der Deponie soll versicht ginn, nëmme wierklech Reschtstoffe ze deponéieren, nodeems op engem primären Niveau eng Trennung am Sënn vun enger Verwärtung geschitt ass. Op dës Manéier kéint een d'Deponie minimiséieren. Ech wëll bemierken, dass d'Firma Cloos en Acteur par excellence ass, wat d'Verwärtung vun de siderurgische Rechtstoffe ubelaangt. War se ëmmer an ass se nach haut.

Alles an allem kann ee feststellen, dass den Dossier Crassier, wann och lues – et gouf jo och schonn hei ugeklongen, dass dat e puer Joer wäert daueren –, ëmmer méi konkreet Formen trotz-deem unhëlt. An et ass ze wënschen, dass all d'Partner um Ball bleiwen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Ruckert, den Här Tempels an dann den Här Meisch.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Damm an Dir Här, deen Dossier, dee mer hei virleien hunn, Remblai technique Aleweier, deen ass elo zimmlech virdeelhaft hei virgestallt ginn. An et ass och drop higewise ginn, et misst en Dialog gefouert ginn.

Mee wat ass dat fir en Dialog, wann déi Bauschuttdeponie, déi do zousätzlech gemaach gëtt, einfach genannt gëtt: „des travaux de remblayage“. Firwat gëtt dat gemaach? Ma aus engem ganz einfachen Grond: Fir dass ee laanscht gewësse Gesetzer kënnt. Dass dat esou benannt gëtt, huet dermat ze dinn, dass d'Gemengen absolutt kee Matsproocherecht an deem Dossier kréien, dass d'Regierung eleng kann doriwwer verfügen.

An dofir ass net nëmmen en anert Wuert gebraucht gi fir déi Bauschuttdeponie, mee et ass och festgehale ginn, dass et eng „Modification non substantielle“ ass. Da brauch dat net ëffentlech gemaach ze ginn. Dat kann d'Regierung da vu sech aus maachen. A wat hannendrun hänkt: Dat eenzeg, wat dann nach iwwer bleift, dat ass, dass d'Buergermeeschtere vun deenen zwou Gemenge gezwongen ginn, déi Baugeneemegung do ze ginn. Gezwongen ginn, déi ze ginn! Ass dat een Dialog, wéi Dir Iech e virstellt? Ech hunn eng aner Virstellung, wann ee soll dialogéieren op deem selwechten Niveau.

Hei kréien d'Gemengen einfach eppes opgedréckt. An dass dann esou eng Konventioun erauskënnt, wou ee vläicht eng Schuedensbegrenzung wëllt maachen, da kënnt dat awer schlecht eriwwer. Well da léisst ee sech – an do sinn d'Kollege vun der CSV vläicht méi bewandert, wann ech soen, dass ee fir 30 Silberlinge mat där ganzer Saach do d'accord ass.

Ech hunn e prinzipiellen Awand bei esou enger Virgoensweis, wann ee gezwongen gëtt, eppes ze maachen. An dofir wäert ech, obschonn an deem Dossier eng Rei gutt Virschléi sinn, déi d'Gemeng mécht, an obschonn ech och absolutt d'accord si mat deene groussen Beméiungen, déi d'Ëmweltamt vun Déifferdeng mécht an där Affär do, géint déi Konventioun stëmmen.

3. Actes et conventions

Et ass dee klengeren Iwwel. Mee muss ee mat engem klengeren Iwwel dann d'accord sinn? Kann een net awer soen: „Mir sinn iwwergaange ginn. Mir si prinzipiell net mat där Saach d'accord.“?

Ausserdeem ass dat – sou gesinn ech et op d'mannst, als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei – en Deel vun där Salamtaktik, déi elo schonn zënter Joren an deem ganzen Dossier ugewannt gëtt. Hei kënnt elo den Accord zu deem klengen Deel, awer dee grouse Batz kënnt nach eréischt. Dat sinn déi nei Deponien, déi geplangt sinn. A wou d'Regierung, souwäit ech weess, absolutt d'accord ass, an den Ëmweltministerium och nach, dass dat soll geschéien. An da komme mer dohinner, wou déi sougenannt By-Products solle getippt ginn. Dat klängt jo guer net geféierlech. Mee et muss een awer wëssen, hannert deem Term verstoppt sech geféierlechen Industriemüll. Wou 2,6 Milliounen Tonne sollen dohinnergekippt ginn.

Ech weess, dass déi zwou Gemengen – an ech hunn och derfir gestëmmt – eng Opposition formelle dogéint gemaach hunn. Mee och dat kann opgeweecht ginn, am Laf vun der Zäit. An do denken ech erëm un déi 30 Silberlinge. Et ass scho méi wéi ee Projet an der Vergaangenheet ginn, wann d'Gemenge Kompensatiounen kritt hunn, wou se dann op eemol bei Projeten, wou se eigentlech dergéint waren, dann derfir gestëmmt hunn.

Dir wësst alleguer, dass dee Problem, mat deem mer et do ze dinne hunn, grad esou grouss ass wéi d'Affär Ronnebiere. A vläicht souguer nach méi grouss! Well kee Mënsch weess, wat op där historiescher Deponie gelagert ginn ass. Elo gëtt gesot, dat kënnt just bis un déi Deponie erun. An et féiert souguer derzou, dass d'Reewaasser vun där do Deponie ewechgehal gëtt. Domat ass de Problem net geléist. Deen ass nach ëmmer do.

Ech kommen op dat zréck, wat hei ernimmt ginn ass, d'Gesamtkonzept fir dee Site. Ech fannen net, dass een tockskäppeg ass, wann een un deem Gesamtkonzept festhält a seet, fir d'éischt muss dat realiséiert ginn, ier iwwerhaupt eng Tonn vun iergendeppes nach op dee ganze Site deponéiert gëtt.

Et wär wichteg, dass gekuckt géif, wat do läit. Virun enger Rei Méint hat ech hei eng Fro gestallt gehat iwwert d'Sickerwaasser. Wou ech drop geäntwert kritt hat, et wäert keng besonnesch toxesch Stoffer festgestallt ginn am Sickerwaasser. Ech weess awer, dass am Joer 2006 Buerunge gemaach gi sinn op där Deponie. An deemools ware schonn toxesch Stoffer festgestallt ginn. Mee dat ass laang vergiess. 2006. Do gesäit een, wéi laang dat scho leeft.

Dofir nach eng Kéier: Ech sinn der Meinung, dass net nëmmen e Gesamtkonzept muss erstallt ginn, mee dass et muss realiséiert ginn. Dass muss ofgedicht ginn. Dass fir d'éischt muss gekuckt ginn, wat do läit. Dass dat muss fortkommen. An ënne muss ofgedicht ginn, fir dass näischt méi an d'Grundwaasser kënnt.

Aus all deene Grënn wäert ech géint déi Konventioun stëmmen als Vertrieeder vun der KPL.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, mir haten deen heiten Dossier scho méi wéi eng Kéier hei zur Sprooch. Et ass eppes wéi eng Virwëtz, dat Ganzt. Mir wëssen net esou richtig, wat dran ass.

Et gesäit een, wéi séier sech en Dossier entwéckele kann oder wéi e virubuecht ka ginn, wann op eemol en Ëmweltministerium warscheinlech och e grouse Problem huet, well se net wëssen, wouhi mat deene ganze Kéip Biedem, déi musse fortgefouert ginn. 480.000 Meterkibb. Dat sinn ongeféier 25.000 Camionen! Dat muss ee sech eemol virun Ae féieren. Et mierkt een, dass op eemol en Dossier, wou mer jorelaang ni richtig woussten, wat géif geschéien – mir hunn ewell, wat ze begrëssen ass, e Comité d'accompagnement, wou och eis Gemeng dran ass, wou mer lues a lues gewuer ginn, wat lass ass do. Ech hoffen net, dass, fir dass deen Dossier virukënnt, einfach nëm-

Ali Ruckert est contraire à cette façon de procéder. C'est pourquoi il votera contre la convention même si le dossier contient quelques bonnes propositions et même s'il apprécie les efforts du service écologique de la commune. La convention représente un moindre mal, mais cela ne signifie pas qu'il faut s'en contenter. La commune peut aussi manifester son désaccord.

Pour Ali Ruckert, dans ce dossier, on pratique la tactique du salami. Il s'agit d'obtenir l'accord pour le petit morceau avant de passer au gros. Car le gouvernement et son ministère de l'Environnement sont d'accord pour implanter de nouvelles décharges devant accueillir des «by-products». Sous ce terme se cachent des déchets industriels toxiques. Il est question de 2,6 t.

Les deux communes ont voté une opposition formelle. Mais Ali Ruckert en revient aux trente deniers. Il ne faudrait pas qu'elles changent d'avis lorsqu'elles toucheront des indemnités. Ce ne serait pas la première fois qu'une commune change d'avis.

Le problème est au moins aussi grand que celui du Ronnebiere. Personne ne sait ce qui se trouve dans la décharge historique. Que l'eau soit drainée de l'autre côté ne change rien au problème.

Pour ce qui est du concept global, Ali Ruckert ne trouve pas impertinent d'insister pour sa réalisation avant de déverser quoi que ce soit dans une décharge. Il y a quelques mois, il a posé une question concernant les eaux d'infiltration. On lui a répondu qu'il n'y avait pas à s'inquiéter. Or des forages effectués en 2006 ont révélé la présence de substances toxiques. Mais tout ça est vite oublié.

Il ne suffit pas d'établir un concept global; il faut le réaliser. C'est-à-dire dresser un état des lieux, assainir le site et protéger la nappe phréatique. Le KPL votera contre la convention.

GUY TEMPELS (CSV) rappelle qu'il a déjà été question de ce dossier. Il le compare à un sachet-surprise. On ne sait jamais ce qui va en sortir. Désormais, ce dossier avance, car le ministère de l'Environnement est confronté à un gros problème: sto-

4. Règlements communaux

cker 480 000 m³ de terre. Cela représente 25 000 camions. Désormais, un comité d'accompagnement a été créé. La commune en fait partie. Guy Tempels espère qu'il ne s'agit pas seulement de chercher un site où déverser de la terre, mais qu'on cherchera aussi une solution pour l'avenir.

Le conseiller communal est d'accord en partie avec monsieur Ruckert. Mais l'avis juridique ne laisse pas place au doute quant au fait que la commune n'a pas le choix. C'est pourquoi les chrétiens sociaux approuveront la convention.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que l'opposition formelle de 2017 soulignait tous les efforts qu'a dû faire Differdange pendant des décennies et tout ce que sa population a dû accepter. Malheureusement, la commune n'a aucun moyen d'empêcher cette exploitation. Il ne reste plus qu'à espérer que les questions de la nappe phréatique, des eaux d'infiltration, du bruit, de la poussière et de la qualité de l'air seront prises au sérieux. François Meisch espère qu'un concept global sera élaboré prochainement.

La convention fixe entre autres les horaires d'accès au site — en dehors des heures de pointe. Car pendant celles-ci, les camions bloquent la route de Kronospan à la collectrice en passant par le rondpoint. Il faut trouver une solution en concertation avec Kronospan.

François Meisch annonce que les démocrates approuveront la convention, car ils ne veulent pas pousser la bourgmestre à commettre un acte illégal.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à l'augmentation de l'allocation de solidarité.

ROBERT MANGEN (CSV) explique que le collège échevinal veut maintenir l'allocation de solidarité élevée pour aider les habitants les plus démunis en temps de crise. Le budget prévu est 1,1 million d'euros comme en 2020.

Quelque 2032 personnes peuvent demander l'allocation de vie chère de l'État, et donc aussi l'allocation de solidarité de la commune.

men eng Plaz gesicht gëtt, fir Buedem ofzetippen, mee dass mer wierklech an Zukunft eng Léisung fannen, dass mer dee ganze Site no an no opgeschafft kréien. An dass mer dat an d'Rei kréien an Zukunft.

Déi aner Saach, ech kann dem Här Ruckert deelweis Recht ginn, mee mir kënnen awer net higoen — mir hunn den Avis juridique gesinn —, an d'Geneemung net ginn. Dofir, mir als CSV wäerte mat Jo stëmmen. Wëssend, dass mer awer ëmmer an deem Comité d'accompagnement müssen d'A drop halen, wat do geschitt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et ass scho gesot ginn, schonn am Dezember 2017 hate mer hei parteiwwergräifend mat enger Opposition formelle drop higewisen, wat eis Gemeng an deem Beräich schonn iwwer Joerzénge alles huet musse schlécken a wat eiser Déifferdenger Bevölkerung ëmmer erëm zougumutt gouf.

Leider huet d'Gemeng keng weider Moyenen, fir esou eng Exploitioun ze verhënneren, wann all déi ministeriell Oplagen agehale ginn. Dofir hoffe mer ganz staark, dass eng Rei Problematiken, wéi Uewerflächen- a Sickerwaasser, Kaméidi, Stëbs oder Loftqualitéit op dat Äusserst seriö geholl ginn. Mir hoffen och, dass ee Gesamtkonzept fir dee ganze Site zäitno kënn.

Elo geet et hei ëm d'Konventioun tëscht dem Exploitant an deenen zwou betrafene Gemengen. An där Konventioun gouf zumindest emol festgehalten, dass déi Transporter ausserhalb vun de Spëttestonne musse gemaach ginn. Aktuell, mir wëssen et, kënn et regelméisseg zu Chaos. D'Camione stinn zu Zäite vum Beruffstrafick vun der Bascule respektiv vun der Kronospan duerch d'Rond-pointe bis zrëck op d'Collectrice. Soudass all Verkéiersfloss ënnerbonne gëtt an alles steet. Do bleift nach

mat der Kronospan en Entgéintkommen ze verhandelen.

Ech faasse mech kuerz: Mat schwéierem Häerze stëmme mer déi Konventioun hei mat. Well mir wëllen natierlech net eis Buergermeeschtesch an d'Illegalitéit driewen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 voix non d'approuver la convention pour la mise en œuvre d'un remblai technique pour matériaux inertes avec Cloos SA.

Maache mer nach den nächste Punkt, de Punkt 4, Augmentation de l'allocation de solidarité. An ech géif d'Wuert un den Här Mangen weiderginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Och dëst Joer wëlle mer d'Hëllef vun onser Allocation de solidarité héichhalen, fir déi finanziell schwächsten Awunner vun onser Gemeng an dëser Krisenzäit ze ënnerstëtzen. Aus deem Grond hu mir de Budget fir dës Allocation beim selwechte Montant belooss wéi 2020: 1,1 Millioun Euro.

Ongeféier 2.032 Leit kréie vum Staat eng Allocation de vie chère, sinn also eligibel fir eng Hëllef vun der Gemeng ze kréien.

Pour mémoire: Säit 2019, aus Grënn vun Transparenz, Kontroll an och administrativ Vereinfachung, huele mir d'Allocation de vie chère vum Staat als Basis, op déi mir e gewësse Prozentsatz setzen, fir ons Allocation de solidarité auszurechnen. Dat war am Joer 2019 zum Beispill 15 %.

Coronapandemiebedéngt hat de Staat 2020 d'Allocation de vie chère verduebelt. Op dee Montant hate mir eeben-

4. Règlements communaux

falls 15 % bezuelt. Den deemools ausbezuelte Betrag war héich. An dee wëlle mir dëst Joer och bäibehalen.

Doduerch, datt de Staat d'Allocation de vie chère dëst Joer nëmmen ëm 10 % erhéicht, schléit de Schäfferot dem Gemengerot eng Erhéijung vun der Allocation de solidarité vun 30 % vir. Dee Montant, deen d'Joer 2021 ausbezuelte gëtt, läit souguer iwwert dem Chiffer vun 2020. Zum Beispill fir eng Allocation de vie chère vun 1.320, déi 2020 verduebelt ginn ass op 2.640, kruten d'Leit 15 %. Dat heescht 396 Euro d'Joer. Fir dëst Joer ass dee selwechte Montant op 436 Euro berechent.

Des Weidere froe mir, fir d'Indexatioun vun der Allocation de solidarité anzeffieren.

Nach e puer Chifferen: 2019 haten 945 Leit d'Allocation de solidarité ugefrot. Deemools hate mer e Chiffer vun 345.000 Euro ausbezuelte. 2020 waren et 1.126 Demanden, mat engem Ausbezuule vu 665.000 Euro.

Nach e puer Prezisiounen: D'Allocation de solidarité kann elo d'ganz Joer iwwer ugefrot ginn. Zumindest direkt no dem Vott an dësem Gemengerot. Et muss een net méi ee Joer an der Gemeng gewunnt hunn. Et kann een d'Ufro direkt maachen.

Wa Leit Scholden hu bei der Gemeng, gëtt d'Allocation de solidarité mat dem Tilge vun der Schold benotzt. Se gëtt net ausbezuelte, wann eng Schold do ass. Et ass wichteg, dat ze bemierken.

D'Allocatioun ass u keng Konditioun gebonnen. D'Leit sollen d'Hëllef sënnavoll an hiren Ausgaben awer aplangen.

Ech hunn eng Kéier ausgerechent, de Minimum, dee mer ausbezuelen ass ongeféier 436 Euro d'Joer. Dat sinn 38 Euro pro Mount, deen de Leit zousteet. De Maximum ass e Montant vun 871 Euro. Dat sinn 73 Euro pro Mount, déi d'Leit zousätzlech kënnen an hirem Budget aplangen. Wann een dat betruucht, loosse mer soen 98 Euro, dat ass meeschtens fir eng Persoun, oder eventuell maximum zwou Persounen, dat kéint schonn en Akaf bedeite fir eng Woch a spezielle Geschäfte. Ech wëll awer elo keng Nimm hei nennen.

Ech hoffen, Dir stëmmt den 30 % zou. An och der Indexatioun. Datt mer dat déi nächst Joren och ëmmer erëm upasse kënnen, wann en Index usteet. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangel. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech soen nach eng Kéier, et gëtt ni oft genuch gesot, dass d'Allocation de solidarité un d'Allocation de vie chère vum Staat gebonnen ass. Dat Gantz, fir d'Prozeduren an der Gemeng ze vereinfachen.

Fir d'Allocation de solidarité ze kréien, muss een d'Allocation de vie chère ugefrot hunn a se accordéiert kritt hunn. Et fällt op, dass e groussen Deel vun der Populatioun d'Allocation sociale net ufreet. Aus wéi engem Grond och ëmmer. An dee Montant, deen 2020 ausbezuelte ginn ass, läit dann och wäit ënnert dem virgesinne Budget.

Ech wëll nach eemol drun erënneren, dass et fir d'Allocation de solidarité en Online-Formulaire gëtt. Et ass awer nach ëmmer méiglech, sech vum Office social oder dem Service Senior Plus an all deenen Demarchen hëllefen ze loosse an et op eng aner Manéier ze maachen. Et soll also keng Barriär sinn.

Den Dokter Mangel huet et gesot. 2020 ass d'Allocation, par rapport zu 2019, vum Staat verduebelt ginn. Si sinn dës Kéier erëm zréckgaangen an hu sech op d'Basis vun 2019 plus 10 %, gëeenegt. A fir dass d'Leit hei zu Déifferdeng dat selwecht kréien, wéi se 2020 kruten, hätt se mussen op 27,5 % erhéicht ginn. Also op 27,5 % par rapport zu der Allocation de vie chère.

De Schäfferot proposéiert eis haut 30 %. Soudass déi Déifferdenger, déi heivu concernéiert sinn, näischt verléieren, souguer ganz liicht méi kréie wéi d'lescht Joer.

Déi gréng stëmmen dëse Punkt. Ech soen Iech Merci.

La Ville de Differdange se base sur l'allocation de vie chère pour calculer le montant de son aide. En 2019, il s'agissait de 15 %. En 2020, l'État a doublé l'allocation de vie chère à cause de la pandémie. La commune a, quant à elle, maintenu son taux de 15 %.

Pour 2021, l'État a prévu une augmentation de 10 % de l'allocation de vie chère. Le collège échevinal propose, quant à lui, d'augmenter le taux communal de 15 % à 30 %. Ainsi, le montant versé en 2021 sera supérieur à celui de 2020. Robert Mangel cite l'exemple d'une personne ayant touché 1320 € avant la pandémie. En 2020, elle a eu droit à 2640 €, auxquels se sont ajoutés 396 € de la part de la commune, c'est-à-dire 15 %. Cette année, il s'agira de 436 €. Le collège échevinal souhaite par ailleurs indexer l'allocation de solidarité.

En 2019, 945 personnes ont touché 345 000 €. En 2020, 665 000 € ont été distribués à 1126 personnes.

L'allocation de solidarité peut être demandée tout au long de l'année. Il n'est plus nécessaire d'avoir vécu un an à Differdange.

Les personnes ayant des dettes envers la commune verront leur allocation de solidarité réduite en conséquence.

La somme minimale versée est de 436 €, c'est-à-dire 38 € par mois, et la somme maximale est de 871 € ou 73 € par mois. En fonction de la somme, une ou deux personnes peuvent faire leurs courses pour une semaine.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle que l'allocation de solidarité se base sur l'allocation de vie chère. Cela simplifie la procédure administrative. Seules les personnes touchant l'allocation de vie chère ont droit à l'allocation de solidarité. Malheureusement, tous les Differdangeois concernés n'en font pas la demande et le montant versé en 2020 est inférieur à celui prévu dans le budget.

Nicole Wohl rappelle que les gens peuvent utiliser le formulaire et se faire aider par l'office social ou le service Senior Plus.

En 2020, l'allocation de vie chère a été doublée. Cette année, l'État ne prévoit qu'une augmentation de

4. Règlements communaux

10 % par rapport au montant de 2019. Pour que l'allocation de solidarité ne baisse pas par rapport à 2020, la commune propose de fixer son taux à 30 % de l'allocation de vie chère. Les écologistes approuveront ce point.

CHRISTIANE SAEUL (DP) annonce que le DP est d'accord avec l'augmentation de l'allocation de solidarité. Celle-ci sera par ailleurs indexée. Personne ne touchera moins que l'année dernière.

Christiane Saeul estime que l'adaptation de l'allocation est importante pour les concitoyens démunis et les ménages frappés par la crise.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP) salue à son tour l'augmentation. Toutes les personnes ayant droit à l'allocation n'en font pas la demande. La commune doit essayer de sensibiliser les gens à ce sujet.

Pierre Hobschuit donne raison à monsieur Mangen qui souhaite retrancher les dettes éventuelles de l'allocation. Cela permettra de faire d'une pierre deux coups.

Le collège échevinal fait bien de soutenir financièrement les habitants dans le besoin. Ces mesures ne s'inscrivent pas nécessairement dans le cadre de la pandémie même si celle-ci a eu des conséquences négatives. De nombreux concitoyens ont simplement besoin d'un soutien supplémentaire. C'est pour cette raison que Pierre Hobschuit soutient l'initiative du collège échevinal et espère qu'elle sera maintenue après la crise. Il faut garder le taux à 30 %, car l'État a pratiquement décidé de revenir au niveau de 2019.

Le LSAP approuvera ce point.

ALI RUCKERT (KPL) soutient le fait que l'allocation de solidarité soit maintenue au niveau de l'année dernière et fixée à 30 % de l'allocation de vie chère de l'État.

Mais cela suffit-il? Deux-mille-trente-deux personnes ont droit à l'allocation de solidarité, mais seules mille-cent-vingt-six demandes ont été déposées l'année dernière. Or les autres touchent bien l'allocation de vie chère. La commune ne pourrait-elle pas demander une liste au gouverne-

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'DP gëtt e positiven Avis op d'Erhéijung vun der Allocation de solidarité fir 2021 an esou d'Quote-part vun der Gemeng op 30 % ze fixéiere vum Betrag, deen den Demandeur bei der Allocation de vie chère kritt huet.

D'Allocation de solidarité gëtt dann och indexéiert. Esou entsteet kee Verloscht fir de Client um Betrag zum leschte Joer.

Déi positiv Chiffere si vum Här Mangen gesot ginn. Mir sinn der Meinung, dass dës Erhéijung vum Taux ugepasst a wëllkomm ass fir eis Matbierger mat niddregem Akommes. An och fir d'Haushalter, déi der aktueller Kris méi ausgesat ginn. Ech soe Merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Dann ass et um Här Hobschuit.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der LSAP wëll ech dat hei ausdrécklech begrëssen. Ee Punkt, dee schonn ugeschwat gouf ass, dass effektiv net all déi Leit, déi en Urecht hätten, och wierklech d'Demande maachen, fir d'Allocatioun ze kréien. Wouduerch de Budget, deen am Fong virgesinn ass, net ausgereizt gëtt. Ech mengen, do muss ee kucken, wéi een d'Leit nach méi ka sensibiliséieren a méi kann uschwätzen, fir dass se wierklech och hir Demande maachen, wa se en Urecht op d'Allocatioun hunn.

Ech fannen et sënnavoll, wat den Här Mangen gesot huet, dass dat verrechent gëtt mat enger eventueller Schold bei der Gemeng, woumat dann zwou Mécke mat enger Klapp geschloe ginn.

Mir begrëssen als LSAP generell d'Approche vum Schäfferot, fir déi Leit, déi besonnesch op eng finanziell Hëllef ugewise sinn, weiderhi substanzuell iwwert deen heite Wee ze ënnerstëtzen. Mir gesinn déi Mesure hei net onbedéngt reng am Sënn vun der Pandemie. Natierlech hat d'Pandemie Konsequenzen op vill Leit. Mee mir gesinn dat hei onofhängeg vun der Pandemie, als Ënnerstëtzung generell fir déi Leit, deenen et net esou gutt geet. Déi op eng zousätzlech Ënnerstëtzung einfach ugewise sinn.

Duerfir ënnerstëtze mir d'Propos vum Schäfferot, komplett onofhängeg vun der aktueller Situatioun an der aktueller Kris, a mengen och, dass dat iwwert d'Kris eraus soll weidergefuert ginn.

Mir fannen et duerfir richtig, dass mer soen, mir bleiwe bei deenen 30 %, déi mer uewendrop leeën, fir ze kompenséieren, dass de Staat nees bal op den Niveau zrëckgaangen ass vun 2019. Wou da lo just 10 % erhéicht gouf. Duerfir fanne mir et sënnavoll, dass mir als Gemeng soen, mir bleiwe bei deenen 30 %, déi mir uewendrop leeën, fir de Leit zousätzlech zu der Allocatioun vum Staat ze ginn.

D'LSAP dréit dat hei, wéi gesot, ganz gäre mat, well mer mengen, dass et eng wichteg Ënnerstëtzung ass fir d'Leit, déi et brauchen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobschuit. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertreder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech dat ënnerstëtzen, dass d'Allocation de solidarité weiderbezueelt gëtt wéi d'lescht Joer. Dass se mat 30 % par rapport zu deem, wat de Staat bei der Deierungszoulag gëtt, ugepasst gëtt.

Dat ass wichteg. Mee geet et duer? Mer hu gesot kritt, dass 2.032 Leit Urecht hätten, op déi Allocation de solidarité. Dass d'lescht Joer sinn awer nëmmen

4. Règlements communaux

1.126 Demanden erakomm, fir déi ze kréien. Do ass also méi wéi 1/3 vun de Leit, déi deen Zousaz net kréien.

Et ass awer esou, dass se déi jo vum Staat kréien. An ech stelle mer d'Fro: Wäer do keng Méiglechkeet, wann d'Gemeng mat der Regierung schwätzt, fir dass déi Lëscht vun deene Leit, déi déi Zoulag kréien, dass déi einfach géif genotzt ginn, fir och dann d'Allocation de solidarité ze bezuelen? Kommt elo, wannechgelift, net mam Dateschutz. Well dat wäer eng Katastroph, wann dat als Virwand géif geholl ginn, fir dass d'Leit déi Suen net géifen ausbezuelt kréien.

Eng zweet Saach wollt ech an deem Zesammenhang och nach soen. Mer decidéieren elo, dass déi Allocation de solidarité un den Index ugepasst gëtt. Dat ass schonn net schlecht. Mee och dat féiert net derzou, dass d'Leit dat behalen, wat se eng Kéier kréien an Zukunft.

Eischtens emol, well den Index eng no-dréiglech deelweis Upassung un d'Inflation nëmmen ass. An zweetens, well an der Tëschenzäit, bis déi Upassung eng Kéier kënnt, vill Produiten, déi besonnesch déi Leit mat de klengen Paieren zu engem groussen Deel kafen, iwwerduerchschnëttlech méi deier gi wéi aner Konsumproduiten. Wa mer kucken, wéi zum Beispill d'Geméis an de leschte Méint a Rekordhéicht geklommen ass, da bleift vun där Zoulag warscheinlech net méi vill iwwreg.

Beim Index kënnt awer nach derbäi, dass den Index manipuliert ass. Wat derzou féiert, dass mer zum Beispill dës ganz Joer keng Indextranche méi kréie wäerten. A wat derzou féiert, dass och d'Indextranche fir 2022 nach weider an d'Zukunft geréckelt gëtt. Firwat? Well d'Regierung decidéiert huet, dass d'CO₂-Steier géif neutraliséiert ginn am Index. Dat heescht, dass se einfach net berécksiichtegt gëtt.

Wat erëm derzou féiert, dass et méi laang dauere wäert, bis d'Léin an d'Renten un d'Inflation ugepasst ginn. A wat derzou bäidréit, dass déi Leit, déi d'Deierungszoulag kréien, net méi dat kënnen dermat kafen, wat se haut kënnen dermat kafen, wann ee Joer erlaanscht ass.

Ech wëll also domat soen: Dat ass eng gutt Initiativ. Mee do sinn eng Rei Lacunen dran, déi derzou féieren, dass d'Leit eeben net dat kréien, wat hei ofgestëmmt gëtt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Hartung an dann den Här Weirich.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem schonns d'lescht Joer geplangt war d'Allocation de solidarité vu 15 % op 25 % ze erhéien, erhéije mer se haut ganz offiziell op 30 %. Och d'lescht Joer louche mer ronn bei dësem Enn-montant, vu datt mer wéi de Staat 2020 d'Allocation verduebelt hate par rapport zum ursprénglechen Tarif.

Doriwwer eraus wäerte mer dës Allocation indexéieren. Wat aus eiser Siicht richteg ass, fir der Präisdeierecht vun den néidege Produiten deelweis Rechnung ze droen.

Dës Hëllef ass immens wichteg, well se betrëfft grad déi Ärmst aus eiser Gesellschaft. Wann een d'Zuele vum Office social hëlt, gesäit een, wéi vill Leit vun Déifferdeng heivu betraff sinn, déi am Alldag Schwieregkeeten hunn, fir sech déi liewesnoutwenneg Saachen ze leeschten. Dofir stëmme mir als CSV dës Erhéijung natierlech mat.

Ofschléissend wëlle mer ënnersträichen, datt mer déi ganz Simplification administrative begrëssen, déi an dësem Dossier an de leschte Jore bedriwwen gouf, fir d'Gemeng awer och fir d'Leit. Esou kënnen d'Leit hir Demande weider sur place maachen oder online ufroen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

ment? Il serait catastrophique d'utiliser la protection des données comme excuse pour ne pas verser de l'argent aux citoyens.

Le collège échevinal propose d'adapter l'allocation à l'indice. C'est une bonne chose. Mais cela ne suffit pas pour que les gens gardent à l'avenir ce qu'ils reçoivent maintenant. L'indice n'est qu'une adaptation rétroactive à l'inflation. En plus, en attendant l'adaptation, les produits que consomment les gens aux revenus modestes augmentent de manière disproportionnée. Ali Ruckert mentionne par exemple l'augmentation du prix des légumes.

En plus, l'indice est manipulé. Le gouvernement ne versera pas de tranche en 2021. Et en 2022, il repoussera l'échéance une nouvelle fois sous prétexte que la taxe sur le CO₂ serait neutralisée. Comme l'adaptation de l'indice est reportée en permanence, les gens ne pourront plus acheter ce qu'ils peuvent acheter aujourd'hui. L'initiative du collège échevinal est louable, mais les citoyens ne recevront pas ce qui va être voté.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que l'année dernière, le collège échevinal avait l'intention d'augmenter l'allocation de solidarité à 25 % de l'allocation de vie chère. Finalement, la commune passe à 30 % cette année. La somme n'évoluera pas, car l'année dernière, l'État avait doublé l'allocation de vie chère.

L'allocation sera aussi adaptée à l'indice afin de tenir compte de l'augmentation des produits de première nécessité.

L'allocation est importante, car elle concerne les plus démunis. À Differdange, beaucoup d'habitants ont du mal à joindre les deux bouts. C'est pourquoi le CSV approuvera l'augmentation.

Jerry Hartung salue la simplification administrative entreprise ces dernières années. Les gens peuvent notamment faire leurs demandes sur place ou en ligne.

4. Règlements communaux

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *salue à son tour l'initiative du collège échevinal. Il trouve irresponsable que le gouvernement baisse l'allocation de vie chère par rapport à l'année dernière — en pleine pandémie. Et comme monsieur Hobscheit, il trouve que l'allocation de solidarité doit rester élevée indépendamment de la COVID-19. Il salue l'indexation de l'aide.*

Monsieur Mangel a dit que l'allocation de solidarité représente au minimum une trentaine d'euros par semaine. Cette somme peut faire la différence à la fin du mois entre un repas convenable ou non.

Malheureusement, seule la moitié des personnes éligibles demandent l'allocation. C'est pourquoi Eric Weirich salue la simplification administrative. La commission sociale recommande par ailleurs de sensibiliser les gens à la gestion des finances et au surendettement. Eric Weirich suppose que l'office social le fait de toute façon.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

annonce une pause de dix minutes.
(Pause)

Christiane Brassel-Rausch passe aux taxes et tarifs. Elle explique que les différents points seront traités ensemble.

Le premier point concerne le CGDIS. Une caution de 110 € sera demandée pour les transpondeurs et les clés.

Le prix des repas sur roues passe à 14,9 €.

La taxe annuelle pour les terrasses de moins de cinquante mètres carrés passe à trente euros et pour les autres à cinquante euros. La taxe initiale a en revanche été annulée cette année.

FRED BERTINELLI (LSAP) *estime que la commune devrait essayer de gérer elle-même les repas sur roues comme elle le faisait avant. Cela fonctionnait à merveille.*

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Als Vertrieber vun déi Léng begreissen ech dës Initiativ voll a ganz. Op där enger Säit ass et a mengen Aen e bëssen onverantwortlech, dass d'Regierung hiren Deel elo dëst Joer 2021 ëm esou vill eroffert. Obwuel mer nach ëmmer matzen an der Pandemie sinn an a Krisenzäiten. Wat natierlech e risegen Impakt huet op kleng Budgeten.

Ech schlësse mech dem Här Hobscheit vun der LSAP un, mat der Ausso, dass dat esou oder esou, onofhängeg vun der Pandemie sollt weidergefuert ginn. An deem Sënn ass et begreissenswäert, dass dat indexéiert gëtt. An ech hoffen, dass dat heiten iwwert d'Joer 2021 oprechterhale wäert ginn.

Den Här Mangel hat et ernimmt. Et si vläicht, wann et wierklech dee klengste Barème ass, dee klengste Montant ass, just an déi 30 Euro d'Woch, oder ech weess net méi genau, wat de Montant war, mee dat sinn awer déi Suen, déi et ausmaachen, ob een déi lescht Woch vum Mount vläicht just nach Nuddelen ësst oder sech awer vläicht méi eppes Anstännege kann z'iesse leeschten.

Et ass dervu geschwat ginn, dass just vun engem Deel, vläicht d'Hallschent vun de Leit, déi eligibel wäeren, dës Aide ugefrot huet. Dowéinst ass et ze begreissen, dass eng Simplification administrative virgesinn ass. Am Avis vun der Sozialkommissioun ass gefrot, dass Sensibilisatiounsaktiounen respektiv Preventioun gemaach gëtt am Sënn vu Gestion des finances an am Sënn vun der Iwwerschëldung.

Ech weess elo net, ob schonn eppes virgesinn ass oder net. Mee wa Sensibilisierungscampagnen lafe sollten, da kann ee vläicht mat drunhänken, fir drop hinze weisen, dass een dës Sue kann ufroen. An ech huelle souwisou un, dass eisen Office social dat d'office mécht, wa se Clienten bei sech hunn.

Déi Léng droen dat heiten absolutt mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Ech denken, da kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'augmenter le taux/pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État.

Da soen ech Iech villmools Merci. Et ass genau véierel op zéng. Um hallwer eelef gesi mer eis erëm. Merci.

(Paus)

Da komme mer zum Punkt 4b. Do geet et ëm Taxen an Tariffer a verschidde Präisser. Deen éischte Punkt ass de CGDIS. Kënne mer déi alleguer zesumme votéieren?

(Zoustëmmung)

De Sauvetage ass ganz erausgeholl ginn. Dee leeft net méi ënnert der Gemeng, dee leeft jo elo ënnert dem CGDIS. Wat mer ugepasst hunn als Tax. Et si lo just déi Taxen, déi mer scho kloer ugepasst hunn. Do geet et ëm eis Transponderen a Schlüsselen, dass do eng Kautioun vun 110 Euro hannerluecht gëtt, dass ee Rappel gemaach gëtt, wa mer do kee Retour kréien. Et ass fir eng besser Grance vun deene Schlüsselen ze kréien.

De Repas sur roues ass méi deier ginn. 14,9 Euro. Dat ass net wéineg. An dann d'Taxe annuelle – dat hat ech schonn eng Kéier gesot – fir Terrassen ënner 50 m²: 30 Euro. Iwwer 50 m²: 50 Euro. An Dir wësst jo, dass d'Taxe initiale dëst Joer nogelooss gëtt. Dat heescht, dat brauche mer net.

Här Bertinelli, wannech gelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Zu den Taxen wéilt ech eppes soen. Zu der Tax vum Repas sur roues – een, deen d'LSAP kennt, weess, dat ass eppes, wat mer scho jorelaang ëmmer erëm soen – si mer nach ëmmer der

4. Règlements communaux

Meenung, datt mer dat erëm sollte selwer probéieren ze maachen. Dat huet jo ëmmer formidabel geklappt, wou et ënnert der Regie vun der Gemeng Déifferdeng gelaf ass, mat deene Leit, déi dat och ausgedroen hunn. Déi extern Firma, hei si mer e bëssen op dat ugewisen, wann déi hir Präisser erhéijen, och wat se maachen an a wat fir enger Qualität se liwweren.

D'Proposition ass nach ëmmer déi selwecht, déi mer scho jorelaang maachen, datt de Repas sur roues erëm sollt zréckkommen un d'Gemeng. U sech kann ee jo praktesch näischt soen, wann eng Societët eng Erhéijung mécht. Et muss ee se entweder stëmmen oder net stëmmen. Mee nach eng Kéier gesot, d'Meenung vun der LSAP ass déi, fir dat awer erëm an Eegenhand probéieren ze maachen.

Dat anert sinn d'Taxe fir d'Terrassen. Do géif ech dem Schäfferot proposéieren, dat vläicht awer nach ee Joer aussetzen. Mir wëssen elo nach net, wat op eis duerkënnt. D'Caféen an d'Restaurante sinn nach net op. Et ass nach ëmmer zou. Et ass nach ëmmer Pandemie, bis d'Hallschent vum Joer. A fir eis Terrassen – et héiert ee jo elo scho vill, datt deen een oder deen aneren iwwerhaupt net méi opmécht. Ech weess net, ob dat eis als Gemeng esou vill géif schueden, wa mer dat géifen nach ee Joer verlängeren, wat d'Terrassen ugeet. Dat mécht jo keng esou eng eenorm Zomm.

An esou géife mer vläicht och eis Commerçanten, eis Cafetieren a Restaurateure motivéieren, fir dat nach ee Joer weiderzeféieren. Dat wär och vläicht eng Hëllef, déi mer nach kéinte ginn. Well mer och nach net wëssen, wann een am Groupe économique kuckt, wat do op eis duerkënnt, maachen ech mer awer Suergen ëm déi Leit, déi motivéiert awer nach sinn. Duerfir wär d'Proposition vun der LSAP un de Schäfferot, fir déi nach ee Joer aussetzen, bis d'nächst Joer. Wou mer eréischt richtig gesinn, wat d'Schied an d'Dommagë vun der Pandemie wieren. An duerfir wär d'Proposition vun der LSAP déi. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Et gëtt keng Wuertmeldung méi dozou. Da komme mer zum Vott. Alles am Block. Ass dat okay? Jo.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 5 voix non d'approuver le règlement des taxes tarifs et prix.

Da soen ech Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 4d. Do geet et ëm extra Subsidien, wat d'Kultur ugeet. An ech géif dofir dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, et geet drëm, als Gemeng e Gest ze maachen, fir d'Veräiner ze ënnerstëtzen, déi an der Kultur tätég sinn. Déi leider net déi Chance hu wéi d'Sportsveräiner, déi e bësse méi vun hirem Ministère ënnerstëtzt ginn. Ech mengen, d'Hallschecht vun deem, wat se vum Ministère kréien, plafonéiert, kënne se nach eng Kéier vun der Gemeng kréien. Dofir hu mer geduecht, et misst een dat och fir d'Kulturveräiner maachen.

Mir schloe vir, dass all Association culturelle sollt 20 % extraordinär dëst Joer zousätzlech zu hirem Subsid kréien. Dat géif eng Depense vun 19.288 Euro ausmaachen. An zousätzlech wollte mer déi Veräiner ënnerstëtzen – do handelt et sech net nëmme ëm d'Kulturveräiner, mee och ëm d'Sportsveräiner –, déi bei eise grouse Fester ëmmer dobäisinn. Déi déi ënnerstëtzen, ouni déi déi Fester net dat wäeren, wat se sinn. Dofir wollte mer hinnen eng eemoleg Unerkennung ginn. An zwar 30 % vun hirem Nettobenefice, dee se dat Joer virdrun op deem Fest gemaach hunn, kréiche se extraordinärem ausbezuecht.

Dat hu mer eis zesumme mam Sportschäffen, dem Här Aguiar, ausgeduecht, dee System do. An dat géif eng Dépense supplémentaire ergi vun 19.617 Euro. D'Gesamtdépense vun deenen zwee verschiddenen extraordinäre Subsidien,

Actuellement, c'est une société privée qui gère les prix et la qualité des repas.

Les socialistes demandent depuis des années que la commune s'en charge. Car aujourd'hui, le conseil communal ne peut rien faire face à l'augmentation des prix.

Pour ce qui est de la taxe sur les terrasses, Fred Bertinelli propose de l'annuler une année de plus. Les cafés et les restaurants n'ont toujours pas rouvert. On entend dire que certains établissements ne rouvriront plus. Annuler la taxe ne représente pas grand-chose pour la commune, mais cela permettrait de motiver les cafetiers et restaurateurs.

Fred Bertinelli fait partie du groupe économique et il s'inquiète fortement pour les gérants qui ont encore de la motivation. Il demande à nouveau au collège échevinal d'annuler la taxe jusqu'à l'année prochaine, quand on connaîtra mieux les dommages occasionnés par la pandémie.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à un subside pour la culture.

TOM ULVELING (CSV) explique que le collège échevinal veut faire un geste à l'encontre des associations culturelles. Contrairement aux clubs sportifs, celles-ci sont moins soutenues par leur ministère.

Le collège échevinal propose d'augmenter le subside communal de 20 % cette année. Cela représente 19 288 €.

En plus, les associations culturelles et les clubs sportifs participant régulièrement aux grandes fêtes toucheront 30 % des bénéfices nets réalisés l'année précédente.

Tom Ulveling a mis en place ce système avec monsieur Aguiar. La dépense supplémentaire pour la commune s'élève à 19 617 €. En tout, les deux subsides sont augmentés de 38 906 €.

4. Règlements communaux

L'échevin rappelle que les associations sont en difficulté, car elles ont perdu les revenus provenant des fêtes. C'est pourquoi la commune veut les aider.

FRANÇOIS MEISCH (DP) pense que la commune doit aider les associations du mieux possible. Les associations ont déjà du mal à trouver des bénévoles. La pandémie a empiré la situation radicalement.

François Meisch signale que la chorale municipale a cessé ses activités. Il espère que ce soutien financier permettra de sauver les associations.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) constate à son tour que 2020 a été une année difficile pour les clubs sportifs et les associations culturelles qui s'engagent dans des manifestations comme la Fête nationale, le Blues Express ou le festival multiculturel. Les augmentations des subsides sont donc une bonne idée. De toute façon, les subsides sont calculés sur la base de la participation des associations aux fêtes.

GUY ALTMEISCH (LSAP) estime que chaque association salue ce soutien financier. Il peut certifier que les associations ne se portent pas bien. Chaque sou compte pour pouvoir survivre et motiver un peu leurs membres.

Guy Altmeisch regrette que les demandes de subside aient été faites en juillet 2020, mais que sept mois plus tard, l'argent n'a toujours pas été versé. Le conseil communal va approuver les subsides aujourd'hui. Il a fallu trop de temps. Le collègue échevinal aurait pu montré davantage de spontanéité.

déi mer dëst Joer eemoleg ausbezuelen, beleeft sech op 38.906 Euro. D'Veräiner sinn duerch d'Pandemie natierlech vill méi a Schwieregkeete komm, well déi Rentréeën, déi se am Fong haten duerch Fester an esou Geschichten, déi sinn net erakomm. Dofir wollt d'Gemeng e kleng Gest maachen, fir eng kleng Unerkennung ze ginn. An ech géif Iech bidden, dat ze stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Mir waren eis parteiwwergräifend eens, datt mer eis Veräiner missen ënnerstëtzen, sou gutt et nëmme geet an dëser schwéierer Situatioun. Et ass scho schwéier, den Nowuess ze begeeshteren a lo nach pandemiebedéngt dës radikale Schnatt. Vun ëmmer méi Veräiner héiert een, dass se kuerz virdru sinn, fir opzeginn. Iwwregens huet eis Chorale municipale rezent hir Aktivitéit ganz agestallt. Mir hoffen, dass dës annoncéiert finanziell Ënnerstëtzung duergeet, fir eis Veräiner ze retten duerch dës schwéier Zäit. Mir stëmmen dat natierlech mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

2020 war sécherlech e schlecht Joer. Net nëmme fir d'Sportsveräiner, och fir déi kulturell Associatiounen an natierlech och fir all déi aner Associatiounen, déi dru bedeelegt waren a sech wierklech engagéiert hu fir déi grouss Fester, déi d'Gemeng op d'Bee gesat huet. Ech denken un Nationalfeierdag, Blues Express a Multikultifestival. Ouni déi Veräiner wär dat jo guer net méiglech. Et ass eng gutt Iddi, dass een 30 %, an deem éischte Fall, wat d'Fester ubelaangt, bäigëtt. An et ass ganz wichteg – dat hate mer schonn eng Kéier gesot –, dass déi kulturell Veräiner och 20 %

Supplement kréien. Wuel gesot op de Subsid vun 2019 baséiert. An et muss ee bedenken, et ass relativ gerecht, d'Subside si jo ëmmer schonn ausgerechent a Funktioun vun der Bedeelegung u Fester vun de Membere vun de Leit an eeben och duerch d'Fraisen, déi d'Clibb dann hunn. Mir als déi gréng stëmmen dës Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, all Veräin, ob en am kulturelle Beräich oder am Sportberäich engagéiert ass, begréisst déi finanziell Hëllef. Ech kann Iech eent bescheinegen: Et geet de Veräiner momentan net gutt. Si sinn op all Su ugewisen, fir e bëssen ënner rasonablen Ëmstänn weiderzeliewen an hir Membere e bësse bei Laun ze halen. Och fir d'Weiderliewe vum Veräinsliewen ass et ganz wichteg.

Et ass natierlech eng batter Pëll – hunn ech erfuer, wéi ech dat gelies hunn –, wou ech hu musse feststellen, dass d'Demande vun de Veräiner am Juli 2020 gemaach gi sinn.

A siwe Méint no der Demande waart een als Veräin nach ëmmer voller Spannung op d'Suen. Elo stëmmen mir se haut. Ech fannen déi Period ze laang, wou een am Misär sëtzt 2020, wann ee siwe Méint op déi Sue waarde muss. Ech wier frou, wann ee kéint e bësse méi Spontanitéit begéinen. Dass d'Veräiner, déi awer op déi Suen ugewiese sinn, awer éischer kéinten iwwert dat Kapital verfügen.

Wat ech net ganz kloer gesinn hei an deem Text: Wat waren d'Krittären, fir 30 % respektiv 20 % festzeleeën? Dat ass meng éischt Fro. Déi zweet Saach ass, dat hei ass eng Hëllef fir d'Joer 2020. Ech wier frou, vu dass mer nach kee Liicht um Enn vum Tunnel gesinn, dass déi Hëllef 2021 net géif vergiess ginn, un d'Veräiner ze ginn. Well déi ass wierklech iwwerliewenswichtig.

4. Règlements communaux

Flott wier et och, wa mer e Listing zur Verfügung hätten, wat d'Gemeng alles an deem ganze Covidjoer, vun 2020 bis elo, un d'Veräiner geleescht huet. Dass ee wierklech eng Iwwersiicht hätt. Dass ee wéisst, op wat ee sech kéint baséieren. Oder op wat ee géif steiere fir d'Joer 2021. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgeift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, als Spriecher vun der Déifferdenger CSV kann ech des Mesurë just ënnerstëtzen. Haut geet et an der Haaptsaach ëm eis Kulturveräiner awer och anerer, zum Beispill den Déiereschutz ass hei opgeléicht. Fir d'Sportsveräiner konnte mer viru ronn siwe Méint, den 22. Juli 2020, deementspriedend eppes stëmmen, vu datt de Sportsministère fréikloer kommunizéiert hat, wat si fir Initiative fir all d'Sportsveräiner géifen ënnerhuelen. A mir ons do, wéi bei anerem Hëllef, konnte prozentual uleenen.

Am Beräich vun der Kultur huet dat laang gedauert. Dat ass fir d'Veräiner säitens der Regierung enttäuschend. Zwar ginn an der Kultur Hëllef ausbezuel, des riichte sech awer an éischter Linn just un déi Professionell. Dofir ass et gutt, datt mir als Gemeng dës Subsid fir eis lokal Veräiner stëmmen.

All Veräin dréit zur Aktivitéit an zum Liewen an eiser Stad bäi. Dat huet bis elo jiddweree gesot. An dat stëmmt och esou. Dofir kann et just am Interêt vun der Gemeng sinn, seng Associatiounen ze ënnerstëtzen, besonnesch elo an dëser schwéierer Zäit. Dofir stëmmen mir als CSV Déifferdeng dës Subside extraordinäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgeift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just soen, dass ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei begreifen, dass déi zousätzlech Subsidien un d'Veräiner solle goen. An dass ech och derfir stëmmen wäert. Et wäert natierlech net d'Veräinsstierwen ophalen. Hei ass grad ee Veräin genannt ginn, dee seng Aktivitéit schonn agestallt huet. Et gëtt nach eng ganz Rei aner Veräiner, déi wibbelen a wou et net sécher ass, dass déi déi Covidkris iwwerliewe wäerten. Et misste ganz aner Moyenen opbruecht ginn, fir dat ze verhënnern. An dat si Moyenen, déi sech net nëmmen am finanzielle Beräich usidelen, mee op ganz anerem Niveauen. Do misst een an Zukunft als Gemeng kucken, wou een do kéint agräifen, fir wierklech déi ganz negativ Entwécklung, déi sech ukënnegt, ofzebremsen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Et ass eng Fro gestallt ginn. An den Här Aguiar wäert drop äntwerten.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Monsieur Altmeisch, je vous rappelle que les demandes dans le cas du plan relance du sport allaient jusqu'au 30 décembre 2020. Il a fallu attendre que toutes les demandes soient rentrées auprès du ministère pour recevoir les décomptes et faire un calcul. C'est la raison pour laquelle cela a pris du temps. Tant que l'association ou le club n'a pas fait sa demande, nous n'obtenons pas de réponse du ministère des Sports et nous n'avons pas de chiffres à soumettre au conseil communal.

En ce qui concerne les autres associations sportives, je peux vous assurer que le premier trimestre 2020, nous avons tout de suite versé 75 % de leur subside. Et sur base des assemblées générales. Donc, le décompte va être fait.

Pour 2021, ce que je peux vous assurer — nous en avons déjà discuté —, c'est que toutes les associations auront les subsides perçus en 2019. Aussi pour

Guy Altmeisch se demande aussi quels sont les critères ayant permis de fixer les augmentations à 20 % et 30 %. En plus, si cette aide ne concerne que 2020, il ne faudrait pas oublier 2021.

Le collège échevinal pourrait-il dresser une liste de toutes les aides adressées aux associations en 2020?

JERRY HARTUNG (CSV) ne peut que soutenir les mesures annoncées. Même s'il est surtout question de culture, la Société pour la protection des animaux et d'autres associations ont aussi droit au soutien de la commune. L'aide aux clubs sportifs a été approuvée dès le 22 juillet 2020 parce que le ministère des Sports a communiqué rapidement ses propres subsides.

Pour ce qui est de la culture, il a fallu plus de temps, ce qui est décevant. Les aides nationales s'adressent surtout aux professionnels. C'est pourquoi il fallait que la commune intervienne au nom des associations locales.

Chaque association contribue au dynamisme de la ville. C'est pourquoi soutenir les associations est de l'intérêt de la commune. Le CSV approuvera les subsides extraordinaires.

ALI RUCKERT (KPL) salue à son tour les subsides supplémentaires et annonce qu'il les approuvera. Bien entendu, cette aide ne permettra pas de sauver les associations. Il a été question d'un club cessant ses activités. D'autres ne savent pas encore s'ils s'en sortiront. Ils auraient besoin de bien d'autres moyens pas seulement financiers. La commune doit réfléchir aux façons de freiner le développement négatif qui s'annonce.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) signale à monsieur Altmeisch que les demandes relatives au plan de relance du sport pouvaient être faites jusqu'au 30 décembre 2020. Le ministère a attendu ce délai pour faire ses calculs. Tant que l'association n'a pas fait sa demande, le ministère ne peut pas communiquer de chiffres à la commune.

Pour ce qui est des autres clubs sportifs, la commune a versé 75 %

4. Règlements communaux

des subsides dès le premier trimestre 2020.

Pour ce qui est de 2021, les associations percevront le même subside qu'en 2019. Il s'agit de les aider à mieux tenir pendant toute l'année.

TOM ULVELING (CSV) revient sur les propos de monsieur Altmeisch. L'augmentation de 30 % s'adresse aux associations prenant part régulièrement au festival de la bière, au Blues Express, à la fête de l'immigration... La commune leur versera un subside extraordinaire se montant à 30 % des bénéfices réalisés lors de ces fêtes.

La chorale municipale n'a pas cessé ses activités uniquement à cause de la COVID-19. Elle avait depuis longtemps du mal à recruter de nouveaux membres.

Tom Ulveling donne raison à monsieur Ruckert: d'autres mesures sont nécessaires. Mais quelle autre commune aide ses associations davantage que la Ville de Differdange? La commune constitue un modèle en matière de soutien aux associations.

La pandémie est dure pour tout le monde, mais les associations disposent en partie de réserves. Tout n'est pas noir non plus. Le collège échevinal veut lancer un message clair: la commune veut aider ses associations.

ALI RUCKERT (KPL) répond à monsieur Ulveling qu'il ne faisait pas de reproches au collège échevinal. Il salue les efforts faits dans le passé pour aider les associations. Historiquement, Differdange est une des communes qui les soutient le plus. Mais cela n'empêche en rien le collège échevinal de réfléchir aux façons d'améliorer cette aide.

TOM ULVELING (CSV) réplique que pour une fois, ils étaient du même avis.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux règlements de circulation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique que les règlements de circulation ont été mis à jour hier après-midi.

leurs activités. Nous versons un subside qui peut bien évidemment les aider à mieux tenir pendant toute l'année. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Och zu deem, wat den Här Altmeisch respektiv den Här Ruckert gesot huet. Den Här Altmeisch huet gesot, e géif net verstoen, wat déi zwou Lëschten do wären. Ech hat ganz kloer gesot, dass déi éischt Lëscht, déi mat den 30 %, sech nëmmen un déi Veräiner géif riichten, déi ëmmer reegelméisseg beim Béierfest, Blues Express, Fest vun der Immigratioun an esou weider matgemaach hunn. An déi kréien um Dekont vun hirem Boni, dee se op deene Fester gemaach hunn, 30 % vun hirem Boni als zousätzleche Subside extraordinaire ausbezuelte.

Da wëll ech dem Här Ruckert soen, d'Chorale, déi ass elo net just agaange wéinst dem Covid. Et war scho laang bekannt, dass si Schwierigkeiten hätte mam Nowuess. An dofir hu se hir Aktivitéit elo agestellt.

Et ass och gesot ginn, Här Ruckert, mir misste weider Moyenen zur Verfügung stellen. Ech ginn Iech do Recht. Et kann een ëmmer nach méi maachen. Mee gitt eng Gemeng am Land sichen, déi hir Veräiner esou ënnerstëtzt wéi mir. Si kréien alles dohinnergestallt, opgeriicht, alles, wat se brauchen. Wann et do ass, kréie se et. Si brauchen nëmmen ze froen.

Ech mengen, do kéinte mer awer vun eiser Gemeng soen, dass mer e Virbild sinn, wat d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner fir Material a Personal ugeet, wat mir do ginn. An dat maache mir natierlech virun. Déi Pandemie hei ass fir jiddweree schwéier. An d'Veräiner hunn deelweis jo och nach e bësse Reserven. Mir sollen dat elo net alles esou schwaarz gesinn. Mee mir hunn e kloer Message erausginn, dass mir gewëllt sinn, de Veräiner ze hëllefen. An dat wäerte mer och maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, ech wëll dem Här Ulveling soen, net an allem, wat ech soen, maachen ech dem Schäfferot e Virwurf. An dat hunn ech an deem Fall och net gemaach. Ech begreissen natierlech déi grouss Ustengungen, déi an der Vergaangenheet vun der Gemeng Déifferdeng gemaach gi sinn, fir d'Veräiner ze ënnerstëtzen. An dat stëmmt och tatsächlech, dass et eng vun deene Gemengen am Land ass, déi, historesch gesinn, ëmmer fir d'Veräiner do war a se se ënnerstëtzt huet. Dat hënnert Iech natierlech net drun, Iech Gedanken ze maachen, wéi dat an Zukunft nach ka verbessert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da ware mer eng Kéier enger Meenung, Här Ruckert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Dir Hären. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'attribuer un subside extraordinaire COVID-19 aux associations culturelles et aux associations présentes aux trois grands événements annuels de 2020.

Merci. Fir d'Verkéisersreglementer géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, et ass de Moment vun de Verkéisersreglementer. E klengen Update ass gëschter am spéiden Nomëtze komm. Do

5. Dénomination de rue

ware just zwou oder dräi Ajouten dobäi, par rapport zu deenen, déi Der scho méi laang an der Diffcloud respektiv op Pabeier fonnt hutt.

Et sinn eng ganz Rei Renovatioune vun Haiser, Bennen, respektiv Reseauaarbechten dobäi. Et sinn och, dat ass vläicht e bësse méi interessant, Saachen dobäi wéi d'Späre vum Parking um Contournement, well do eis Aarbechten ugefaangen hu fir d'Policegebai. Oder zum Beispill de Maart, deen Der op der Maartplaz all Donneschdeg Mëtteg fannt, respektiv dee grouse Maart, deen eemol de Mount ass. Dann ass eng Formatioun vum CGDIS ronderëm d'Jugendfabrick, wou gespaart ass. A wat ech och ganz flott fannen, en Tournage vun engem Film am Fond-de-Gras, wou fir e puer Deeg den Accès an de Fond-de-Gras muss gespaart gi fir d'Autoen, fir dass do an aller Rou kann e Film gedréit ginn.

Fir Froe stinn ech natierlech zur Verfügung, wa vläicht dat eent oder dat anert Reglement nach méi Prezisioun braucht. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi all Mount kréie mer d'Drénglechkeetsreglementer virbruecht vun där zoustänneger Schäffin. Ech war mer déi verschidde Chantieren ukucken. An ech war frou, festgestallt ze hunn, dass dës Kéier d'Verkéisersreglementer effektiv dem Code de la route entspriechen.

Dat eenzegt, wat mer net gefall huet – dat ass awer just eng kleng Plus-value fir déi ganz Verkéisersreglementer: D'Verkéisersreglementer bezéie sech op d'ëffentlech Strooss. Mir brauche kee Verkéisersreglement ze maache ronderëm e Jugendhaus, wou mer e Parkverbuet opriichten. Well dat, wat mer hei stëmmen, dat ass net zoustänneg fir dee Beräich. Dat ass Privatterrain. Et ass Gemengenterrain, mee dat gehéiert net zur ëffentlecher Strooss.

A mer kënnen och keng Sanktiounen do ergräifen, wann ee verkéiserswiddreg stationéiert, respektiv sech zum Dauerparker entwéckelt. Wat mer déi aner Sait vum Jugendhaus leider nach ëmmer musse gesinn. Well mer do nach net zu enger gudder Léisung komm sinn, fir déi Deponie respektiv dee Parking vun de Camionnetten ze raumen. Ech mengen, kengem hei am Sall gefält den Zoustand. An ech hoffen, dass mer do dru bleiwen, fir do eng Ännerung ze fannen. A sou kuerzfristig wéi méiglech.

Mir wäerten als LSAP-Fraktioun d'Verkéisersreglement matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 5, „Op de Breeden Dréischer“. Ech géif d'Wuert der Madamm Pregno ginn. Ech wollt just drop opmierksam maachen, dass et net Rue de Penzberg wier, mee Rue Penzberg. Dass mer dat korrigéieren. Awer ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech spille vläicht direkt de Ball weider un den Här Hartung, deen am iwwerparteileche Komitee vun de Stroossenimm setzt a soen alt erëm eng Kéier Merci fir déi flott Kooperatioun. Et hat immens gutt geklappt. Mir ginn, wa mer en neie Stroossennumm brauche fir e Lotissement, et direkt weider un dee Komitee. Si sinn ëmmer immens reaktiv. Ech mengen, an Zäit vun enger Woch, wann net méi kuerz, hate si eis eng Propos gemaach. An ech ginn dann d'Wuert di-

Quelques modifications sont venues s'ajouter au dossier que les conseillers communaux avaient depuis plus longtemps.

Les règlements concernent des rénovations de maisons, des benues ou des travaux de réseau.

Le parking du contournement est fermé dans le cadre de la construction du commissariat.

Laura Pregno mentionne le marché mensuel, le marché hebdomadaire, une formation du CGDIS et le tournage d'un film dans le Fond-de-Gras.

GUY ALTMEISCH (LSAP) est allé vérifier les différents chantiers. Il est content de constater que les règlements de circulation correspondent au Code de la route cette fois-ci.

Il signale cependant que les règlements de circulation ne portent que sur la voie publique. Il n'est donc pas nécessaire de préparer un règlement pour le site autour de la maison des jeunes. Il s'agit d'un terrain privé. La commune ne peut pas non plus y sanctionner quelqu'un qui se serait mal garé.

Dans ce contexte, la commune n'a toujours pas trouvé de solution concernant le parking des camionnettes de l'autre côté de la maison des jeunes.

Le LSAP approuvera les règlements de circulation.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au liendit Op de breeden Dréischer. Elle signale une erreur dans le dossier: il s'agit de la rue Penzberg et non de la rue de Penzberg.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) cède la parole à monsieur Hartung, qui fait partie du comité s'occupant de la dénomination de rues. Lorsque le collègue échevinal a besoin d'un nom de rue pour un nouveau lotissement, il communique l'information au comité.

6. Mercosur

Celui-ci est réactif et fait une proposition en moins d'une semaine.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le comité, au sein duquel tous les partis sont représentés, s'est rapidement mis d'accord. Le nom du lieu dit, Op de breedten Dréischer, n'était pas idéal pour une rue. C'est pourquoi le comité a finalement proposé le nom de la ville jumelée de Penzberg comme le veut la tradition.

Jerry Hartung rappelle que Penzberg est officiellement jumelée à Differdange depuis le 26 février 2020.

TOM ULVELING (CSV) rappelle à monsieur Hartung que Differdange est jumelée à Oxford dans l'Ohio depuis plus longtemps. Il ne faut pas l'oublier.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à Mercosur.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique qu'il est question d'une résolution de l'alliance pour le climat contre l'accord commercial Mercosur. Mercosur est l'abréviation de Mercado Común del Sur, une communauté économique de plusieurs pays sud-américains.

Differdange est membre de l'alliance pour le climat depuis 2002. Le 9 octobre 2020, l'alliance a exhorté le Conseil européen à rejeter l'accord commercial entre l'Union européenne et Mercosur dans sa forme actuelle.

L'accord Mercosur s'oppose diamétralement aux idées du collège échevinal. Il met en danger la forêt amazonienne — et donc l'environnement — ainsi que les populations indigènes. Il soutient les monocultures comme le maïs et le soja d'après des standards peu élevés. Il abaisserait donc les standards des marchés locaux et affaiblirait l'économie locale.

rekt weider un den Här Hartung, dass hien dat ka virstellen. Villmools merci.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Pregno. Dir Dammen, Dir Hären, mir sinn e Grupp, wou all Partei dra vertrueden ass. Dës Kéier ware mer eis zimmlech séier eens. De Flouernumm, dee mer jo oft gären huelen, ass fir d'Plaz „Op de Breedten Dréischer“, wat u sech brooch Terrain be-deit, net esou passend fir e Stroossennumm, hu mer fonnt.

Vu datt mer als Gemeng nach dräi Nimm opstoen haten, no deenen eng Strooss sollt benannt ginn, gouf sech fir ee vun deenen entscheet. An et gouf eis Partnerstad Penzberg festgehal. D'Stad Penzberg ass jo zënter Kuerzem eis nei Partnerstad. Wéi d'Traditioun dat wëll, hu si dann och elo bei eis eng Strooss, déi hiren Numm dréit. Vlächicht nach interessant ze wëssen: Offiziell hat de Gemengerot Penzberg an der Sëtzung vum 26. Februar 2020 als Partnerstad opgeholl. Also hu mer deemno an zwee Deeg ee Joer Partnerschaft. Wat dat natierlech mat der Nummvergab vun haut ganz flott verbënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dem Här Hartung wëll ech soen, mir hu scho méi laang eng Partnerschaft mat Oxford, Ohio. Do misste mer dann och vlächicht eng Kéier drun denken. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'attribuer le nom de rue Penzberg à la nouvelle rue menant au lotissement Op de breedten Dréischer à Differdange.

Merci. Fir de Punkt 7, wou et ëm d'Klimabündnis Mercosur geet, géif ech d'Wuert och un d'Madamm Pregno weiderginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Et geet hei ëm eng Klimabündnisresolution géint d'Handelsoffkommes tëscht der EU an dem Mercosur. Mercosur, fir déi, déi et vlächicht net wëssen, mee ech denken, Dir hutt Iech all informéiert, ass: Mercado Común del Sur, u sech eng ekonomesch Communautéit vu méi Länner a Südamerika.

D'Klimabündnis, an deem d'Gemeng Déifferdeng jo och zënter 2002 Member, relativ aktive Member ass, huet den 9. Oktober vum leschte Joer, dat heescht 2020, den EU-Rot opgefuerdert, dëst EU-Mercosur-Handelsoffkommes a senger jëtzege Form ofzeleenen. Et geet drëm, dass dee Prozess op nationaler, an deem grad op lokaler Ebene, weidergefouert gëtt.

Firwat sollte mir eis ralliéieren? Mir gesinn, dass deem Accord EU-Mercosur sech diametral eisen Iddien an eise Virstellungen opposéiert. En opposéiert sech an deem Sënn, dass de Schutz vum tropesche Reebësch gefäerdet gëtt an domat natierlech och de Klimaschutz. A virun allem och de Schutz vun den indigene Vëlker, déi op deene Plaze wunnen. Am Allgemengen opposéiert e sech den Objektiv vum Klimabündnis.

Dësen Accord ënnerstëtzt virun allem Monokulturen, sief et Mais oder Soja, mat vill méi déiwe Standarden, wéi mir se an der EU gewinnt sinn. Wann d'Handelsoffkommes EU-Mercosur géif ugeholl ginn, géife méi déif Standarden op eise lokale Marché kommen. An et hätt e groussen Aschnëtt an eis lokal Wirtschaft.

Dir hutt eng Rei Dokumenter am Dossier leien. Eng Kéier d'Ënnerlagen, déi

6. Mercosur

vun Oktober 2020 datéieren, mat engem ganz ausféierleche Bericht, wou d’Klimabündnis sech opposéiert. Dann hutt Der e virgefäerdegten, soen ech mol, Modell vu Pressematdeelungen, déi – wann Dir dat dann herno matënnerstëtzt – d’Déifferdenger Gemeng kéint erausginn a sech anere lëtzebuergesche Gemenge ralliéieren. Et ass schonn an enger ganzer Rei anere Gemengen esou ugeholl ginn.

Dat drëtt Dokument ass e Bréif, e Modell, deen eis Servicer opgestallt hunn, wéi en dann, wann Dir dat géift stëmmen, zu där Konditioun, kéint an deenen nächsten Deeg un den Ausseministère goen, fir hinne matzedeelen, dass mir hei zu Déifferdeng dat Handelsafkommen net wëlte matënnerstëtzen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Merci och Madamm Pregno, fir all déi Erklärungen. Ech fannen et absolutt kohärent, dass mer als Schaffen- a Gemengerot déi Resolutioun haut unhuelen. Et muss ee wëssen, de Mercosur-Accord ass dee gréissten Accord, deen d’EU bis elo ënnerschreiwe wäert. Dat heescht, dat betrëfft Honnerte Milliounen Leit. Et ass scho wichteg, do een Zeechen ze setzen. Och um lokale Plang.

D’Madamm Pregno huet gutt erkläert, wéisou dat eis um lokale Plang, um Niveau vun eiser Gemeng och betrëfft. Si hat geschwat vu Mais a Soja. Dee meeschte Mais a Soja, deen a Brasilien an an den Nopeschlänner produzéiert gëtt, dat ass OGM, dat sinn OGM-Produiten, also geneetesche modifizéiert Produiten. Wat mer natierlech net wëllen hei an der EU respektiv hei am Land oder hei zu Déifferdeng hunn. Wou mir éischter a Richtung ginn, fir lokal Biogeméis ze produzéieren an esou weider an esou fort.

Wat gutt erauskënnt an der Resolutioun, eng Saach vun der Transparenz,

déi gefuerdert gëtt. Wann ech elo zrëckkucken op de CETA-Accord, dee mat Kanada ënnerschriwwen gouf respektiv den TTIP, dee sollt mat den USA ënnerschriwwen ginn, dat ass alles e bëssen am „stillen Kämmerlein“ verhandelt ginn an immens Drock gemaach ginn op verschidden EU-Länner, fir déi duerchzedrécken. Dowéinst ass et absolutt begrëssenswäert, dass hei den Accent op d’Transparenz geluecht gëtt. An dass et net erëm geschitt wéi mat ganz ville Fräihandelsafkommenen, dass déi einfach duerchgedréckt ginn, an d’Leit wëssen net, ëm wat et geet.

Dowéinst droen déi Lénk dat heiten absolutt mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir kënnen als Gréng dat heiten dräimol ënnersträichen. Wann ee sech e bëssen aliest an déi Thematik, ëm wat et hei geet, da kann een dat resüméieren: Flesch géint Autoen. Et geet hei an dësem Handelsaccord eigentlech drëm, d’EU wëll hir Autosindustrie fërderen, andeem se den Zougang fir Autoen aus Europa an déi Länner – Brasilien, Argentinien an esou weider – ka vereinfachen an doduerch déi Zolltaxen, déi op deenen Autoen sinn, drastesch sollen erofgefuer ginn.

En contrepartie hunn déi Länner an den Handelsaccord schreiwe gelooss, dass si dann hir Fleschprodukter kënnen an Europa liwweren. An dofir müssen, wéi den Här Bolsonaro dat dann eebe mécht, d’Gesetzter an de jeeweilege Länner geännert ginn, fir dass méiglechst vill Fläche fräi ginn, fir Fleschproduktioun ze maachen.

Wéi d’Madamm Pregno gesot huet, gëtt ganz vill Holz, Urwald ewechgemaach, fir hei entweder Soja unzeplanzen als Fudder fir d’Déieren, respektiv direkt Weede fir Kéi an aner Déieren ze halen, fir esou d’Fleschproduktioun an deene Länner nach ze fërderen. Dat ass eppes, wat extreem schlecht ass fir eis alleguerten. Mir wëssen dat. An duerfir

Les conseillers communaux disposent d’un rapport complet des raisons pour lesquelles l’alliance pour le climat s’oppose à l’accord ainsi que d’un modèle de communiqué de presse. D’autres communes ont déjà approuvé ces documents. Le troisième document est une lettre qui pourrait être envoyée au ministère des Affaires étrangères dans les prochains jours pour lui communiquer que la Ville de Differdange est contraire à l’accord avec Mercosur.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) trouverait cohérent que le conseil communal approuve cette résolution. L’accord Mercosur concerne des centaines de millions de gens et serait le plus grand accord jamais signé par l’Union européenne.

Madame Pregno a parlé de maïs et de soja. La plupart des produits provenant du Brésil et de ses pays voisins contiennent des OGM. Differdange n’en veut pas, car elle mise sur les produits biologiques.

La résolution exige de la transparence. Eric Weirich rappelle que le CETA avec le Canada et le TTIP avec les États-Unis ont été négociés secrètement et que les pays européens ont été mis sous pression pour les approuver. Cette fois-ci, il faut s’assurer que les gens sachent de quoi il s’agit.

Déi Lénk approuvera la résolution.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) ne peut que soutenir cette résolution au nom des écologistes. Il pourrait résumer l’accord en disant qu’il s’agit d’un échange de viande contre des voitures. L’Union européenne veut promouvoir son industrie automobile en facilitant l’importation de voitures au Brésil, en Argentine, etc. En contrepartie, ces pays pourront vendre leur viande en Europe. Les pays en question devront libérer des terres pour pouvoir augmenter la production de la viande.

Comme l’a dit madame Pregno, la forêt amazonienne sera détruite pour cultiver du soja pour les animaux. C’est une mauvaise nouvelle pour tout le monde. Il faut faire en sorte que l’Union européenne ne signe pas cet accord, qui traîne de

6. Mercosur

puis 17 ans, et qu'elle le jette à la poubelle, où il mérite d'être.

ALI RUCKERT (KPL) *explique que l'accord porte sur des aliments bon marché en provenance de l'Amérique du Sud. Cela va favoriser l'élevage de masse dans l'Union européenne. De son côté, l'Union européenne veut vendre des voitures et d'autres biens industriels en Amérique du Sud, ce qui va détruire l'industrie locale et renforcer le chômage.*

Enfinement, les seuls à bénéficier de cet accord détruisant la forêt amazonienne sont les multinationales de l'Union européenne et les grands propriétaires fonciers d'Amérique du Sud exploitant des centaines de milliers de fermiers.

Mais il faudrait être naïf pour penser que l'UE ne le sait pas. L'UE agit dans l'intérêt des multinationales comme d'habitude. D'ailleurs, au cours des dernières années, l'exploitation des travailleurs n'a fait qu'augmenter dans les pays de l'Union européenne. Il s'agit de libéraliser et de privatiser.

Les ressources naturelles d'Amérique du Sud sont exploitées depuis des siècles. Ce qui est nouveau, c'est que les gouvernements défendent de plus en plus les intérêts des multinationales.

Ali Ruckert approuvera la résolution, mais celle-ci ne va pas assez loin. Il ne sert à rien de demander gentiment à l'Union européenne d'arrêter ces saloperies. Il faut changer le système chez nous et dans les pays d'Amérique latine. Malheureusement, la politique des gouvernements allant dans ce sens comme au Venezuela et en Équateur est boycottée par l'Union européenne. Tout cela va dans la mauvaise direction.

GUY TEMPELS (CSV) *ne croit pas une seconde que l'Union européenne veut exporter des vins luxembourgeois ou français en Argentine.*

kann een nëmmen ënnersträichen, dass mer déi Resolutioun matstëmme an hoffen, dass d'EU hei wierklech alenkt an dësen Handelsaccord, och no 17 Joer, nach ëmmer net ënnerschreift an en dohinner leet, wou en higehtëert, nämlech an d'Dreckskecht.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert, wannechgeeft.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, et geet drëms, dass soll en Accord gemaach gi mat bëlle Fuddermëttelen aus Länner vu Südamerika. Wat derzou féiert, Massendéierenhaltung hei an de Länner vun der EU ze fërderen. An op där anerer Säit geet et drëms, dass d'EU gär mëglechst vill Industriegidder: Autoen, Autosdealer an aner industriell Produkter an déi Länner a Südamerika wëllt aféieren an domat déi lokal Industrie futti mécht. A wat och derzou féiert, dass méi eng grouss Aarbechtslosegkeet do entsteet.

Fir wien ass deen Accord gutt, deen derzou féiert, dass de Bësch am Amazonasbecken op ëmmer méi grouss Fläche futti gemaach gëtt? Deen Accord ass gutt fir déi international Konzern aus der Europäescher Unioun an en ass gutt fir d'Groussgrondbesëtzer an de Länner a Südamerika, déi zéngtausenden, wann net honnerttausende Bauere bis op d'Blutt ausbeuten. Dat alles gëtt an deem Accord legaliséiert.

Et muss een awer eng grouss Portioun Naivitéit hunn, wann ee mengt, d'Europäesch Unioun wësst dat net oder se wëllt dat net. Genau dat wëllt se. Se handelt am Interesse vun de Konzern aus der Europäescher Unioun. Dat ass net nei. Dat huet se nach ëmmer gemaach. Dat hunn hir Virgängerorganisatione scho gemaach, wou et an éischter Linn drëm geet, deenen europäesche Konzern besser Verwäertungsbedéngungen ze schafen.

Bannent der Europäescher Unioun féiert dat derzou, och an de leschte Joeren, dass d'Ausbeutung vun den

Aarbechter an d'Luucht geet, amplaz dass se géif erofgoen. Dass am Sënn vun deene Konzern d'EU ëmmer dohin dréckt, nach méi ze liberaliséieren, nach méi ze privatiséieren an no bausen hin, dass deen ongerechten Handel soll weidergoen.

Dat ass net nei. Historesch gesinn, wësse mer, dass d'Naturressourcen an de Länner vu Südamerika zënter Joerhonnerten ausgeplëmt ginn, fir d'éischt vu Kolonialmuechten, duerno vun de Konzern hei aus der Europäescher Unioun. Mee nei ass an där Entwécklung, dass d'Regierungen ëmmer méi dovun ofhänken a sech ëmmer méi un d'Interesse vun deene Konzern dranhänken.

Am Numm vun der Kommunistescher Partei, muss ech soen, wäert ech déi Resolutioun do stëmme, mee déi geet eis net wäit genuch. Dee Problem kritt een net an de Grëff, wann ee sech un d'Europäesch Unioun wennt a seet: „Siefert elo léif a maacht keng esou Sauereien, wéi der se schonn d'ganz Zäit maacht.“ Dat ka just geännert ginn duerch e Systemwiessel. E Systemwiessel hei an de Länner an e Systemwiessel an de Länner a Südamerika an a Mëttelamerika.

Leider muss ee feststellen, dass grad déi Kräfte a Südamerika, déi op esou ee Systemwiessel hirschaffen an déi schonn an enger Rei Länner, ënner anerem Venezuela an Äquador, e gudde Schrëtt weiderkomm sinn, dass deenen hir Politik och nach vun der Europäescher Unioun boykottéiert gëtt. Et geet also an eng total falsch Richtung. An do brauch et scho méi wéi esou eng Resolutioun, fir dat ze änneren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Tempels, wannechgeeft.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, wann ee sech dee ganzen Accord ukuckt, fënnt ee ganz séier eraus, ëm wat et geet. Et wäert jo kee mir wëllen zielen, dass mer herno lëtzebuergesch oder franséische Wäin an Argentinie wëlle féieren.

7. Commissions consultatives / Questions

Et geet schonn dorëm, fir d'Industrie ze ënnerstëtzen an deelweis Produiten, warscheinlech d'Fleesch oder de Soja, aus deene Länner, wou däers am meeschten op der Welt produzéiert gëtt, hierze kréien.

Et gëtt vill geschwat vu Liewensmëttelsécherheet an Ëmweltschutz. Do hunn ech zwar e bësse meng Problemer, wann ech bedenken – ech froe mech iwwerhaapt, wéi déi Leit dat wëlle stëmmen oder Lëtzebuerger Leit dat kënne stëmmen –, Lëtzebuerg huet dëst Joer de Glyphosat verbueden. Hei gëtt bei OGM-Produktiounen systematesch op dëst Mëttel zréckgegraff. An ech weess net, wéi déi Produiten do sollen iwwerhaapt da kënne hei op eise Maart kommen. D'Vei oder d'Fleesch gëtt mat Hormoner behandelt. Dat ass dohanne Standard. Hei bei wäitem net.

Ech hunn als Bauer do bei wäitem nach méi Problemer wéi aner Leit. Mir musen déi Saach onbedéngt ënnerstëtzen, dass dat Handelsofkomme iergendwéi net – ech ka mer zwar virstellen, dass dat wäert schwéier ginn, well d'Geld geet nach ëmmer vir an do ass eng Lobby hannendrun, déi mir net esou einfach wäerte stoppen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Hobscheit, wannech gelift.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, viles gouf gesot, deem ech mech uschlësse kann. Et ass bedauerlech, dass sech ëmmer nees bei Handelsaccorde muss driwwer opgereegt ginn, dass déi net immens demokratesch an transparent zustane kommen. Dass offensichtlech näischt bäigeliert gouf. An dass esou Accorde verhandelt ginn, andeems vun Ufank u gekuckt gëtt, fir all Parteien, déi se betreffen, och ze implizéieren, fir dass herne vläicht en Accord steet, mat deem ee besser ka liewen oder mat deem een iwwerhaapt ka liewen.

D'Argumenter, firwat mer déi Resoloutioun hei solle matdroen, goufe virgedroen. Ech ka mech deenen Argumen-

ter uschlëssen. Duerfir wäerte mir als LSAP dat hei matstëmmen. Och wann et, dat gouf jo scho gesot, vläicht net méi wéi e symboleschen Akt ass. Mee ech mengen, et ass awer e wichtegt Zeechen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter la résolution du Klimabündnis contre l'accord UE-Mercosur et pour la protection de la forêt amazonienne et de ses peuples autochtones.

Tipptopp. Da komme mer zum Punkt 8, d'Changementer an eise Kommissiounen. Do sinn zwou Parteien, wou Leit wiesselen.

Bei déi Lénk gëtt d'Madamm Sonya Scalise an der Sozialkommissioun vun der Madamm Fio Spada ersat. An der Bautekommissioun gëtt den Här Jean-Claude Decker vum Här Eric Weirich ersat. Dat ass fir déi Lénk.

A fir d'LSAP, hate mer jo d'leschte Kéier gesot, gëtt fir d'Mietskommissioun d'Madamm Jessica Veneziano duerch d'Madamm Vania Fernandes comme Membre effectif locataire ersat. An der Jugendkommissioun gëtt den Här Fabio Spirinelli duerch d'Madamm Valérie Neumann ersat. Ass dat richteg esou? Da soen ech Iech villmools Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da géife mer zu de Froe kommen. Do hat sech als éischt gemellt den Här Meisch.

L'objectif est d'importer de la viande et du soja de pays qui en sont les principaux producteurs.

Il est beaucoup question de la qualité des aliments et de la protection de l'environnement. Cette année, le Luxembourg a interdit le glyphosate. Or, dans les pays en question on recourt massivement au glyphosate pour la production de produits génétiquement modifiés. En plus, le bétail est traité aux hormones, ce qui n'est pas habituel chez nous. En tant qu'agriculteur, Guy Tempels ne peut que soutenir la résolution visant à stopper l'accord. Mais ce ne sera pas facile, car l'argent prime toujours.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP) est d'accord avec ce qui a été dit. Il est regrettable que ce type d'accords commerciaux ne soient pas plus transparents et démocratiques. Il faudrait impliquer toutes les parties dès le départ des négociations. Les arguments en faveur de la résolution ont déjà été avancés. C'est pourquoi les socialistes vont l'approuver même si ce sera surtout un acte symbolique.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux changements dans les commissions.

Pour déi Lénk, madame Sonya Scalise est remplacée par madame Fio Spada au sein de la commission sociale et monsieur Jean-Claude Decker par monsieur Weirich au sein de la commission des bâtisses.

Pour le LSAP, madame Jessica Veneziano est remplacée par madame Vania Fernandes au sein de la commission des loyers et monsieur Fabio Spirinelli par madame Valérie Neumann au sein de la commission des jeunes.

(Vote)
Christiane Brassel-Rausch passe aux questions et cède la parole à monsieur Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP) voudrait en savoir plus quant au problème de l'eau au stade Hauptert à Niederkorn. Quelqu'un est-il tombé malade? Effectue-t-on régulièrement des analyses? De quelle bactérie s'agit-il?

TOM ULVELING (CSV) répond que l'on a trouvé des légionelles dans l'eau parce que la température de la chaudière est restée trop basse pendant trop longtemps. La température devrait se situer entre 55° et 60°. Les collaborateurs communaux avaient eu la bonne idée de baisser la température en été pour faire des économies, mais ils n'ont pas pensé à l'augmenter à la fin de l'été. Deux établissements scolaires étaient dans la même situation. L'un d'entre eux a aussi des problèmes de légionelles.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise qu'il s'agit de l'école Fousbann.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que dans une semaine, l'eau sera rincée au chlore.

Il précise que le problème était localisé. Certains ont parlé de toute la zone d'activités, mais seul un bâtiment était concerné. À l'avenir, la commune ne baissera plus la température des chaudières en dessous du minimum pour éviter les problèmes.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) salue la bonne collaboration entre les services communaux, les maisons relais et les écoles. Comme le problème a eu lieu en période de vacances, la commune a eu le temps de prendre des dispositions. De toute façon, le problème ne concernait que l'eau chaude et on pouvait même boire de l'eau sans tomber malade.

TOM ULVELING (CSV) confirme les propos de la bourgmestre.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que les autres bâtiments ont été contrôlés. Il ne reste que le Fousbann.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech wollt Detailer froen zu der Situation vum Waasser um Stade Hauptert zu Nidderkuer. Wéi ass dat festgestallt ginn? Ass ee krank ginn? Gi systematesch Untersuchunge gemaach? Wéi eng Bakterienart war et? A wéi geet et weider? Also einfach Detailer zu där Situation um Stadion zu Nidderkuer. Méi war et net. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Den Här Ulveling kann Iech direkt drop äntwerten.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Meisch, et si Legionellen am Waasser festgestallt ginn. Dat kënnt dohier, dass de Boiler ze vill laang op ze vill déiwer Temperatur stoung. Dee misst ëmmer iwwer 55 bis 60 Grad ongeféier stoen, fir dass dat net ka virkommen. Et schéngt eng gutt gemengte Spuermoossnam vun engem vun eise Mataarbechter gewiescht ze sinn, mee et ass duerno vergiess ginn, nom Summer, wou een net méi esou vill waarmt Waasser brauch, fir dat erëm eropzesetzen. An zwee Schoulgebaier waren déi selwecht Problemer. Momentan ass de Problem um Terrain Nidderkuer geléist. Deen ass fräi. Awer et ass nach an enger Schoul – ech weess elo net méi, a wat fir enger ...

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Fousbann.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Fousbann. Do besteet de Problem nach. Do sinn nach Legionellen am Waasser. Dat heescht, do wäert während enger Woch nach musse gespullt gi mat Chlor an erëm duerchgespullt ginn an esou weider.

An et war wierklech nëmme lokal. Et ware jo Leit, déi sech op opgereegt hunn, well se gemengt hunn, dat wär elo an der ganzer Handelszon an esou weider. Et war wierklech nëmme an

eise Gebaier duerch dat, wat ech Iech elo erkläert hunn. An Zukunft wäerte mer déi Boilern op déi Temperatur setzen, wou se mindestens müssen hunn, fir dass dee Problem net méi kann optrieden.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech kann dobäifügen, dat war och erëm eng gutt Zesummenaarbecht vun eise Servicer mat de Maison-relaisen, de Schoulen, déi concernéiert waren, plus d'Kichen. All Mënsch war au courant an et hat all Mënsch Zäit – et war jo Gott sei Dank an der Vakanz –, seng Dispositiounen ze huelen, fir dass näischt sollt virkommen. Et ass jo och just eppes, wat sech duerch d'Loft weiderdréit. Beim Duschen oder esou. Et betrëfft nëmme d'waarmt Waasser. Net d'kaalt Waasser. An, souwäit ech informéiert sinn, kéint een dat Waasser souguer drénken, et géif een net krank ginn dovunner.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Well et sech duerch d'Loft ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Duerch Aerosollen. Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Medezinner confirméiert mer dat. Déi aner Gebaier si fräi ginn. Déi si gebotzt ginn, alles. Och kontrolléiert ginn. Et ass elo just Fousbann, wou se nach amgaang si weider ze kontrolléieren. Villmools merci.

Dann ass et um Här Bertinelli fir zwou Froen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt Iech froen, Madamm Buergermeeschter, wien de Verrieder vun eisem Gemengerot wier an der Luxenergie. Well ech erfëiert war iwwert déi Präisser, déi esou onheemlech an d'Luucht gaange sinn, also fréier Sudgaz elo Luxenergie. An datt mer dat net hei am Gemengerot gewuer gi sinn. Dat ass eng substanzuell Hausse, déi do gemaach ginn ass. An an ech weess, mir hu jo e Verrieder do dran, deem am Syndikat setzt vu Sudgaz.

(Diskussionen)

Mee da sollten déi Informatiounen awer och dem Gemengerot weidergi ginn. Well ech war erfëiert, wou ech d'Hausse héieren hunn. An dat soll an der Energie esou riicht weidergoen. Also musse mer nach d'Allocation de vie chère vill méi héijen.

Dat war eng Fro. Et hat ee mech gefrot an ech wousst net, wien dee Verrieder wier. Ech weess, datt et eng Zäit den Här Schwachtgen war. An do wousst ech net méi, wien nom Här Schwachtgen de Verrieder vun eisem Gemengerot am Syndikat war. Dat wier déi éischt Fro.

Déi zweet Fro ass, ech hunn de Plang kritt vun eisem Müllkonzept, wéini eis Dreckschëften ofgeholl ginn. An do ass mer opgefall, datt de Sperrmüll net méi automatesch kënnt, wéi dat soss ëmmer de Fall war. Elo muss ugeruff ginn oder telefonéiert ginn, bestallt ginn. An et kascht och elo eppes.

An ech wollt froen, ech wousst et net, wéini mer déi Tax do erhuewen hunn. Dat ass jo eng Tax. Sou vill ech weess ass dat ëmmer gratis gewiescht, wann de Sperrmüll dann all zwee Méint oder all Mount eng Kéier komm ass. Mëttlerweile froe mer 20 Euro de Meterkibb a 40 Euro, wat driwwer ewechgeet. An ech wollt froen, wéini mer déi Tax hei am Gemengerot gestëmmt hunn. Ech weess et nämlech net. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Mir kucken dat do no. An da kritt Der eng Äntwert.

Merci. An dann ass et um Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mech wonnert et, dass den Devis iwwert d'Erneierung vum syntheetesch Fussballterrain um Woier nach net virläit. Virun zwee Méint hate mer den Accord ginn, fir dat ze realiséieren. An déi Situatioun, déi ass urgent. Wëssend, dass de Stade municipal vum Terrain I en neien Drainage kritt an de Veräin elo bal 10 Méint op en aneren Terrain muss ausweechen, zum Beispill op den Thillebieng. Dat ass awer net ëmmer méiglech, wann de Veräi vum Woier nach net zrëck um Woier ass. Ech wier frou, méi e genauen Delai gewuer ze ginn, wéini se do kéinten ufänken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Also mir si prett, an deem Sënn. De Problem ass, mir kruten eng Ufro vun de Scouten, déi wëllen do e Camp maachen. An zwar ee Camp mat klenger Kanner, déi dann net kënnen an Zelter schlofen, mee an der Schoul, an de Schoulsäil schlofen a se kënnen am Hall sportif niewendru schlofen. Wa si dee Camp maachen, wat mer jo nach net wëssen, mat der Pandemie. Geplangt war, wann dee Camp gemaach gëtt, sollt direkt no der Schoul, nodeems d'Schoul aus ass, ugoen. An dann hätte mer héchstens eng Woch, ier de Congé collectif kënnt.

An do hu mer gesot, dat huet jo kee Sënn, dann unzefänken, alles ofzerappen an dann einfach alles trëllen ze loossen. Dofir hu mer gesot, da maache mer dat warscheinlech direkt, wann de Congé collectif fäerdeg ass. A mir hu Bestriewungen, dass dat soll bis Enn September fäerdeg sinn. Wa mer dee Camp hunn. Wa mer dee Camp net hunn, da froe mer natierlech den Entrepreneur fir éischter unzefänken, da si mer och véierzéng Deeg éischter fäerdeg.

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait savoir qui représente la commune auprès de Luxenergie. L'augmentation des prix l'a effrayé. Or il n'en a même pas été question au sein du conseil communal. La commune dispose d'un représentant auprès de Sudgaz.

(Discussions)

Fred Bertinelli estime que ces informations devraient être communiquées au conseil communal. Si ces augmentations continuent, la commune devra adapter l'allocation de vie chère.

Fred Bertinelli ne sait pas qui représente la commune. Avant, il s'agissait de monsieur Schwachtgen.

Le conseiller communal passe à sa deuxième question. Il a reçu le calendrier des ordures et il a constaté que les objets encombrants ne sont plus collectés automatiquement. Il faut passer un coup de fil. Avant, la collecte des objets encombrants était gratuite. Mais entretemps, la commune facture vingt euros pour un mètre cube et quarante euros pour le reste. Quand le conseil communal a-t-il approuvé cette taxe?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond qu'elle devra vérifier.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'étonne que le devis pour la rénovation du terrain synthétique du Woier n'ait pas encore été présenté. L'accord remonte à il y a deux mois et il y a urgence. Car le terrain du stade municipal subit des travaux de drainage et le club devra jouer ailleurs pendant dix mois. Mais il ne pourra pas utiliser le Thillenbergsi l'équipe du Woier ne peut pas retourner sur son terrain. Quand les travaux commenceront-ils?

TOM ULVELING (CSV) explique que les scouts veulent organiser un camp avec de petits enfants sur ce terrain. Ils ne dormiront pas dans des tentes, mais à l'école ou dans le hall sportif. En raison de la pandémie, la tenue de ce camp n'est pas certaine. Mais s'il a lieu, le camp se déroulera immédiatement après la fin de l'école. Ensuite, il resterait une semaine avant les congés collectifs.

C'est pourquoi le collège échevinal préconise de commencer les travaux après les congés collectifs. Ces travaux dureraient jusqu'à la fin de septembre. Si le camp n'a pas lieu, on gagnerait deux semaines.

La commune a donné l'autorisation aux scouts d'organiser le camp il y a un an. Ensuite, il a fallu reporter la date à cause de la pandémie. Il est question de 400 ou 500 petits enfants. Le collège échevinal attend des informations de la part des scouts.

GUY ALTMEISCH (LSAP) estime que la situation sera intenable pour les clubs sportifs. Le camp ne pourrait-il pas se tenir ailleurs?

TOM ULVELING (CSV) donne raison à monsieur Altmeisch. Mais comme il s'agit de petits enfants, ils ne peuvent pas dormir dans des tentes. Autrement, n'importe quelle prairie aurait fait l'affaire. Les structures de Lasauvage ne sont pas assez grandes pour accueillir 450 enfants.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) a lu quelque chose qui lui a plu le 28 janvier et dont il a parlé dans son discours inaugural.

Le parlement berlinois a passé une loi sur les piétons visant à multiplier les passages pour piétons et à allonger les phases vertes des feux tricolores. Les trottoirs seront réparés le plus vite possible et les citoyens pourront déposer des réclamations directement dans les quartiers.

Bien entendu, Differdange ne peut pas adopter ses propres lois. Mais la commission de la mobilité pourrait faire des suggestions pour améliorer la situation des piétons. Car Pierre Hobscheit a l'impression que le pays néglige ses piétons. Il est beaucoup plus question des transports en commun et des vélos. C'est pourquoi il préconise la mise en place d'un plan d'action à Differdange pouvant servir de modèle à d'autres communes.

Well dat jo och mat Nuisancë verbonnen ass, wat de Schoulbetrib ugeet, wann do nach um Terrain misst geschafft ginn. Mee dat war eng Zouso, déi mer de Scoute ginn haten, schonn d'lescht Joer. An do hu se et mussen ofsoe wéinst der Pandemie. Dofir hu se et op dëst Joer reportéiert. Mir haten hinne suggeréiert, hire Camp wier am Fong net plangbar an Zäite wéi dësen, mee si hu sech nach net genau geäussert, ob se deen awer wëllen duerchzéien oder net. Well et sinn eng 400 oder 500 kleng, relativ kleng Kanner, ëm déi et geet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat gëtt zwar am Sportberäich eng, wéi de Fransous seet, Situation intenable. Well wa mer vun deem enge wéinst Aarbechte vun Drainage net kënne profitéieren, vun deem aneren net kënne profitéieren, duerch déi Ursachen, déi mer do héieren, wier et vläicht vun Avantage, dee Camp op eng aner Plaz ze verleeën, dass déi Aarbechte kéinten ugoen. Well soss gëtt et awer eng Situation, déi net ze fueren ass.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ginn ech Iech ganz Recht.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wollt Iech just soen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn dat och gekuckt. Mee leider, doduerch dass et immens vill Kanner sinn, an dass et kleng Kanner sinn, déi net kënnen an Zelter schlofen – soss hätte mer jo kënnen egal wat fir eng Wiss huelen, mee déi brauche fest Strukturen. Mir haten och u Lasauvage geduecht an hei an do. Mee dat ass net grouss genuch. Et sinn ongeféier 450 Kanner mat Entourage, déi all mussen an enger zouener Struktur sinn. Soudass dat déi eenzeg Méiglechkeet

wär, fir dat ze maachen. Mir hunn dat gekuckt gehat, natierlech.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn net direkt eng Fro, éischter eng Suggestioun. Ech hat den 28. Januar eppes gelies, wat mer relativ gutt gefall hat. A wouriwwer ech och schonn a menger Untrëttsried geschwat hat.

D'Berliner Abgeordnetenhaus, also d'Parlament vum Bundesland Berlin, huet e Foussgängergesetz ugeholl. Dat gesäit zum Beispill méi laang gréng Phasen a méi Zebrastreife vir. An de Senat verflucht sech, zum Beispill, och, fir futtis Trottoire méiglechst séier flécken ze loossen an an all Quartier eng Ulafstell fir Foussgänger virzegesinn, wou se kënne Reklamatiounen areeche. Mir ass natierlech bewosst, dass mir hei zu Déifferdeng net eis eege Gesetzer kënne maachen.

Mee ech froe mech, ob et net vläicht eng interessant Aktivitéit fir d'Mobilitéitskommissioun wier, fir Proposen auszeschaffen, wéi een de Foussgänger d'Liewe generell kéint méi einfach maachen. Well ech d'Gefill hunn, net just hei zu Déifferdeng, ma am Land insgesamt, dass mer de Foussgänger heiansdo e bësse vernoléisegen.

Mir schwätze vill iwwert den ëffentlechen Transport, wat absolutt richtig ass. Ech huelen och all Dag den Zuch a si ganz frou driwwer. Mir schwätze vill iwwert de Vëlo, wat och absolutt richtig ass. Mee ech hu ganz oft d'Gefill, dass mer de Foussgänger hei zu Lëtzebuerg, wa mer eppes plangen, oft vergiessen. An duerfir froen ech mech, ob esou en Aktiounsplang Foussgänger, hunn ech et mol gedeelt, net eng flott Saach wier, déi mer hei zu Déifferdeng kéinten ausschaffen. An déi vläicht och da géif ausstralen op aner Gemengen, déi sech dat och géifen zu Häerz huelen. A sech vläicht och méi géife sensibiliséieren, fir an Zukunft de Foussgänger méi an hir Iwwerleeungen opzehuelen. Ech soen Iech Merci.

Questions

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech géif d'Madamm Pregno äntwerte loossen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Hobscheit, fir d'Remark respektiv d'Propos. Ech fanne dat eng immens flott Iddi. Ech denken, dass d'Mobilitéitskommissioun gäre bereet ass, dat opzegräifen. Dir hutt jo als LSAP selwer e Verrieder do. Vlächte kënne mir, béid Säiten, drun denken, dass mir hinnen déi Iddi mat op de Wee ginn, souwuel Dir duerch Äre Verrieder an ech als Schäffen dann duerch de President.

An ech denken, dass vlächte Äre Member dat e bësse kéint chapotéieren. Well Dir wësst jo, dass déi ëmmer ganz vill op der Dagesuerdnung hunn. A mir wierklech dru schaffen, dat esou gutt ze kanaliséieren, wéi méiglech. Dat ass wierklech eng flott Initiativ, wou Dir nach e bësse selwer kéint dru schaffen. Villmools merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Et si keng Froe méi ugemellt. Domat wär déi ëffentlech Sitzung eriwuer. An da kéime mer an déi netëffentlech Sitzung.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *trouve cette idée très chouette. Elle pense que la commission de la mobilité aura à cœur de la reprendre. Le LSAP est représenté au sein de cette commission. Monsieur Hobscheit pourra en toucher un mot à ce représentant et Laura Pregno en parlera au président.*

Le représentant socialiste pourrait même prendre les choses en main, car l'ordre du jour est toujours particulièrement long. Mais c'est une chouette initiative à laquelle les socialistes pourraient travailler.

TOM ULVELING (CSV) *clôture la séance publique.*

ACTIVITÉS EN PLEIN AIR

Vous avez envie de faire de l'activité physique en plein air ? La Ville de Differdange a ce qu'il vous faut ! Tous les dimanches des mois de juillet, août et septembre, elle organisera en effet ses traditionnelles activités sportives dans les parcs de la ville. Ces activités s'adressent à tous ceux qui ont envie d'améliorer leur condition physique. Les cours sont gratuits et vous n'avez pas besoin de vous inscrire. Choisissez une activité, rendez-vous dans le parc en question et amusez-vous !

Les activités sportives en plein air commencent le dimanche 4 juillet et se déroulent dans le parc Edmond-Dune, au plateau Funiculaire (parc de la Chiers), dans le parc Gerlache ou au Fond-de-Gras.

Au programme figurent des activités d'une heure – de 10 h 30 à 11 h 30 – comme la gymnastique douce, le nordic walking, le total body, la relaxation, la bachata, le qi gong, Pilates, le yoga, la capoeira, etc.

Les participants sont priés d'adapter leurs vêtements aux conditions météorologiques. En cas de fortes pluies ou d'orage, les activités seront annulées.

Plus d'infos sur <https://differdange.lu/activites-en-plein-air/>



BABYPLUS Differdange

Ein Projekt der Gemeinde Differdingen in Zusammenarbeit mit dem gemeinnützigen Verein Initiativ Liewensufank

- für alle Familien in der Gemeinde Differdingen, die ein Baby erwarten oder bekommen haben
- **kostenlose Information, Beratung und Begleitung rund ums Baby im ersten Lebensjahr**
- bei Ihnen zu Hause oder im Beratungsraum in Differdingen
- kompetent, einfühlsam und mehrsprachig (lux., dt., frz, port., engl.)
- diese Dienstleistung ist nicht obligatorisch

Für weitere Informationen und Terminvereinbarungen können Sie uns eine Nachricht hinterlassen. Wir rufen Sie zurück.

Un projet de la commune de Differdange en collaboration avec l'association Initiativ Liewensufank ASBL

- S'adresse à toutes les familles de la commune de Differdange, qui attendent ou viennent d'avoir un bébé.
- **Information, consultation et suivi gratuits concernant le bébé dans sa première année de vie.**
- À votre domicile ou dans le bureau de consultation à Differdange.
- Compétent, sensible, multilingue (lux., all., fr., port., angl.).
- Ce service n'est pas obligatoire.

Pour de plus amples renseignements ou pour fixer un rendez-vous, veuillez nous laisser un message. Nous allons vous rappeler de suite.

Um projeto da câmara municipal de Differdange em colaboração com a Initiativ Liewensufank a.s.b.l.

- para todas as famílias residentes em Differdange que esperam, ou tiveram, um bebé
- **informações gratuitas, aconselhamento e acompanhamento durante o primeiro ano de vida do bebé**
- em sua casa ou no gabinete de aconselhamento em Differdange
- competência, sensibilidade e multilinguismo (lux., ale., fr., port., ingl.)
- este serviço não é obrigatório

Para mais informações e marcação de encontros, solicitamos que deixem uma mensagem. Nós vamos contactalos o mais depressa possível.



Einschreibung ONLINE Scannen Sie dafür diesen QR-Code mit Ihrem Telefon

Inscription EN LIGNE Scannez ce QR-code avec votre téléphone

Inscrição ONLINE Digitalize este código QR com o seu telefone



INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

Tél.: 58 77 1 - 5858 • E-mail: babyplus@differdange.lu

Click and send!

On our website www.differdange.lu, you can easily carry out many administrative procedures online.

